SÉANCE 18

MERCREDI,
21 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

et

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016-2020 (suite)

- *Discussion générale: M. Claude Wiseler (interventions de M. Frank Arndt, M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger, Mme Nancy Arendt et M. Claude Haagen), M. Eugène Berger (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Gilles Roth, M. Gilles Baum, M. Roy Reding, M. Gilles Roth, M. Alexander Krieps, M. Laurent Zeimet), M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), Mme Viviane Loschetter (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler, M. Claude Adam, M. Claude Wiseler, Mme Nancy Arendt et M. Gilles Roth), M. Gast Gibéryen (interventions de M. Eugène Berger, M. Gilles Baum et Mme Viviane Loschetter), M. David Wagner (interventions de Mme Viviane Loschetter et M. Claude Haagen)*

3. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Etgen, M. Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sou, ouni Verschnaufpaus dann, Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung net, ob se eng Matdeelung ze maachen huet. Déi wäert se jo dann...

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Näischt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci.

Da komme mer direkt zur Debatt iwwert de Budget 2017, esou wéi mer dat geplangt hunn. An den éischte Riedner ass och scho prett, den Här Claude Wiseler fir d'CSV. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

2. 7050 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2017 et modifiant:

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

2) la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier

3) la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale

4) la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

5) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs

6) la loi modifiée du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2002

7) le Code de la sécurité sociale

8) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

9) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

10) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

11) la loi du 12 juillet 2014 relative à la coordination et à la gouvernance des finances publiques

12) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé (suite)

7051 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2016 - 2020 (suite)

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Villmools Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Rapporteur Claude Haagen Merci soe fir déi Aarbecht, schréftlech, mëndlech, déi e gemaach huet. Jiddwereen, dee Budgetsrapporteur war, weess, datt dat e schwéieren Job ass an datt ee frou ass, wann een et gemaach huet a bis hannert sech huet. Mä et ass awer och en Job, deen u sech engem villes bäibréngt a wou ee vill hannert d'Kulisse vun der Budgetsopstellung gesäit.

Den éischte Schrëtt zur Politikgestaltung, mengen ech, ass deen, datt een et fäerdegbréngt, d'Realitéit richteg ze erfaassen an d'Realitéit richteg ze beschreiwen. Dat sot e fréiere Statsminister mer, wéi ech ugefaangen hunn, Politik ze maachen. An ech mengen, deen hat ganz recht. Fundamental ass et dat, woumat een ëmmer den éischte Schrëtt an d'Politik mécht. Dat kléngt och einfach, mä et ass net ëmmer einfach, well et bedéngt u sech, datt een et fäerdegbréngt, der Realitéit an d'Aen ze kucken, datt een et fäerdegbréngt, sech net selwer an d'Täsch ze léien, well et méi einfach ass, an datt een och bereet ass, Konklusiounen aus deem, wat ee gesäit, ze zéien.

An de Budget, mengen ech, an d'Budgetsdiskussioune si schonn e privilegéierte Moment vu Realitéitsbeschreiwung, well d'Zuelen am Fong net léien. Et kann ee se zwar heiansdo schéischwätzen. Et kann een déi eng, déi ee méi arrangéieren, ervirsträichen, déi aner vläicht manner oder méi vergiessen, manner soen, mä en fait leie se um Dësch a fräi ass et jiddwereengem, seng Konklusiounen dorauser ze zéien.

Ech soen et direkt: Eis Lektür vun den Zuele geet op munchem Punkt wäit ausernee mat deem, wat ech de Moie vun der Regierung héieren hunn. An eis Konklusioune leien och wäit vun deem ewech, wat ech vun der Regierung héieren hunn.

Iwwert d'Zuelen eraus ass d'Budgetsdebatt dann awer och d'Geleeënheet, fir d'Iddien, d'Politicken, dat, wat gesot gëtt, mat der finanzieller Realitéit ze vergläichen, d'Kohärenz vun der Politik ze kucken, ob dat, wat geschwat gëtt, gesot gëtt an eise Rieden, déi mer alleguer halen, och deene reellen an deene plakegen Zuele standhält. Och e Pluriannuel, en theoreteschen, och nëmme pluriannuell, gëtt eis d'Geleeënheet, mëttelfristeg oder laangfristeg ze kucken, ob dat, wat mer soen, och sech an den Zuelen, an der Realitéit vun den Zuelen widderspigelt, ob een déi Zilsetzungen, déi ee wëllt, och an d'Realitéit, an d'Zuelerealitéit ëmgesat kritt. An doriwwer wollt ech haut u sech schwätzen.

Mä fir d'Éischt zur Beschreiwung vun den Zuelen, déi d'Regierung mécht. Ech hunn nach selten e Budget gesinn, wou op där enger Säit d'Zuelen, esou wéi se doleien, an d'Beschreiwung, esou wéi se gemaach gëtt vun deenen Zuelen, esou wäit verschidde sinn! Ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt een aner Zuele kuckt, wann een der Regierung nolauschtert, an datt mer net iwwert deeselwechte Sujet ëmmer schwätzen.

Éischte Punkt, un deem ech dat wéilt festmaachen, dat sinn déi Aussoen, mat deenen dës Regierung an dëser Legislaturperiod ugefaangen huet viru knapps dräi Joer, wou an der Regierungserklärung eis gesot ginn ass, datt en Eckwäert, en Eckfeiler vun der Politik, déi an deenen nächste Jore géif gemaach ginn, dee wär, datt mer eng Reduktioun vum strukturellen Defizit géife maachen, datt mer e Sold vu plus 0,5% als Zilsetzung definitiv hätten a wou mer eng Dette publique ënner 30% wéilten hunn. Dat ass haut anescht ginn.

Den Defizit gëtt akzeptéiert, den Defizit gëtt als normal, souguer als sënnvoll beschriwwen. De strukturellen Defizit gëtt souguer als Objektiv an de Budget ageschriwwen. An dat alles mat Aussoe säitens der Majoritéit, fir ze soen: „D'Situatioun huet elo geännert, d'Kris ass fäerdeg, mir hunn elo e Wuesstum vu 4% bis 5%. Gesitt Dir, Oppositioun, déi enger anerer Meenung sidd, dann net, datt d'Realitéit geännert ass?"

Dach, ass meng Äntwert, mir gesinn dat och! Mir sinn och frou driwwer. Mä mir zéien net déiselwecht Konklusiounen draus an Termen, wat elo muss finanziell a budgetär gemaach ginn, wéi d'Majoritéit. Mir mengen net, datt dat e Grond ass, fir den Defizit lafen ze loosse respektiv fir d'Dépensë lafen ze loossen.

Déi, déi esou Konklusiounen aus der neier Situatioun zéien, déi huelen an den Ae vun der CSV wirtschaftlech eng falsch Décisioun, huele politesch eng falsch Décisioun an huelen och eng falsch Décisioun fir d'Land, fir d'Leit, déi hei wunnen, a fir d'Zukunft.

Zweet Ausso, déi d'Regierung an d'Majoritéit maachen, dat ass déi, datt se soen: „Mir hunn eis an deene leschte Joren de Spillraum selwer geschaaft, fir déi Politik ze maachen, déi mer elo wëlle maachen. Et ass, well mer esou gutt geschafft hunn an deene leschten zwee Joer, wou mer elo dës Politik kënne maachen." - Dozou e puer Remarquen.

An dat „gutt geschafft", dat gëtt festgemaach un all deem, wat een erreecht huet beim Ëmsetze vun deem sougenannten Zukunftspak respektiv Spuerpak, wéi e vun anere Leit genannt gëtt. A wann ech elo emol d'Analys vun deem Zukunftspak maachen, da stellen ech fest - dat hu mer schonn zweemol an zwou Budgetsdiskussioune festgestallt -, datt en éischtens haaptsächlech am éischte Joer aus zwee Drëttel Taxen, engem Drëttel Spuermoossname besteet, mä mir stellen haaptsächlech fest, datt en initialement geduecht war an der Period 2015 bis 2018, fir 3,5 Milliarden ze spueren. Dat sinn der haut just nach 2,5 Milliarden. Fir 2017 gi vun deem, wat initialement sollt gespuert ginn - ronn eng Milliard Euro -, der 380 Milliounen, ronn 38% manner realiséiert.

Wann dann e Finanzminister seet, datt mer mussen dee Spuerpak ganz an zäitgerecht ëmsetzen, da muss ech einfach soen: Dat entsprécht scho säit laange Méint ganz einfach der Realitéit net méi!

Ech stellen och fest, datt eleng déi TVA-Erhéijungen, déi geholl gi sinn - an dat just als Klammer -, déi TVA-Erhéijungen, déi gemaach gi sinn, 330 Milliounen Euro gespuert hunn an datt just u sech déi Spuermoossnam vun 330 Milliounen Euro, déi mer mat der TVA-Erhéijung gemaach hunn, ongefëier dat ass, wat haut dann, wann ech der Regierung hiren Zuele gleewen, déi Zuel ass, déi bei enger Steiererform fir 2017 ausgi gëtt. Mir maachen eng TVA-Erhéijung op där enger Säit, mir setzen op där anerer Säit Steieren erof. Do kann ech nëmme soen: Wann dat Politik ass, dann ass dat gutt geschafft!

Mä zréck zum Spuerpak. Wann ech dee genau analyséieren, deen, deen eis dann deen noutwendege Spillraum gëtt, fir dës Politik ze maachen, da stellen ech fest, datt 29 Moossname vum Spuerpak nach ëmmer als non définies dostinn. Non définies heescht a mengen Aen, haut, dräi Joer duerno, datt se net gemaach ginn. Datt 53 vun deene Moossnamen op null gesat gi si bis 2020; op jidde Fall, dës Regierung mécht se jiddefalls net. An datt eng grouss Zuel vu Moossname vill manner wéi geplangt an deenen nächste Jore wäerten erabréngen. A fir mech ass et kloer, datt d'Ausso, datt den Zukunftspak eis déi noutwendeg Marge de manœuvre gëtt an dofir och fristgerecht muss ëmgesat ginn, datt déi wäit ewech ass - wäit ewech ass! - vun der Realitéit!

An an den Avisen, déi ech dann zum Budget liesen, vun deenen engen an deenen aneren, do gëtt dat nach méi wéi kloer gesot. An et gëtt souguer mat belächelnde Remarquen op där enger an op där anerer Plaz gemaach. Dat heescht, mir als Oppositiounspartei sti mat där Konstatatioun net eleng do!

Ech liesen eng Chambre de Commerce, déi an dem Titel schreift: «Un Zukunftspak qui fond comme neige au soleil.» Dat ass am Fong déi richteg Beschreiwung vun deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass.

Eng Chambre de Commerce, déi absolutt am Total och de Mangel un Explikatioune regrettéiert, firwat déi Moossnamen, déi net ëmgesat ginn, dann net ëmgesat ginn, oder firwat se manner bréngen oder firwat se nëmmen hallef esou vill bréngen. Keng politesch Explikatioun, firwat dat esou ass, bei kenger Moossnam am Spuerpak!

Och fir de Conseil national des finances publiques ass d'Analys kloer. Mir stinn net eleng do mat eiser Analys. De Conseil national des finances publiques, an ech erlabe mer, en ze zitéieren, dee seet: «Le Conseil national des finances publiques constate que le Gouvernement a abandonné» - a abandonné! - «l'hypothèse d'une mise en œuvre intégrale des mesures du Zukunftspak et rappelle qu'une mise en œuvre incomplète pourrait réduire d'autant le succès de la stratégie d'assainissement des finances publiques.»

D'Cour des comptes ass nach méi krass a seet, datt d'Regierung einfach hir Ziler verfeelt hätt.

Just eng kleng Feststellung: Wann ech d'Budgete vum leschte Joer a vum virleschte Joer kucken, wou ëmmer eng grouss Rezensioun drastoung, wat dann elo am Zukunftspak realiséiert gi wär a wat net, da stellen ech fest, datt zwar 2017 dat emol net méi de Fall ass. Et gëtt just mat engem Saz verwisen op eng Question parlementaire, déi am August beäntwert ginn ass. An hirem eegenen Dokument geet d'Regierung emol net méi op déi Zuelen do an. An dat ass d'Realitéit.

D'Regierung huet dorop zwou Reaktiounen: déi eng vum Wirtschaftsminister, deen dann an engem laangen Interview erkläert, datt a senger Logik souwisou deen Zukunftspak eng

Dommheet gewiescht wär, an op där anerer Säit de Finanzminister, dee weiderfiert en ze verteidegen an ze erklären, et wär e grousse Succès. An iergendzwousch no laangen Diskussioune fannen da béid sech an enger diplomatescher Formel erëm, déi näischt seet an och näischt heescht.

Mä fir eis sinn d'Konklusioune ganz kloer: Den Zukunftspak an d'Zil vun der Consolidatioun vun de Statsfinanzen ass ganz einfach en Échec. D'Regierung huet ënnert dem Impuls - an ech behaapten dat esou -, ënnert dem Impuls vum Wirtschaftsminister déi Politik vun der Consolidatioun vun dem Budget total verlooss, si ass just nach e puer rhetoresch Floskele vun dem Finanzminister. Se ass ersat ginn duerch eng Ausgaben- a Verdeelungspolitik, wat genau de Contraire ass. An d'Justifikatioun fir deen honnertprozentege Kurswiessel, dee mer an deem leschte Joer matkritt hunn, déi ass: „Mir hu gutt geschafft."

Mä et geet awer net op! Et geet einfach net op, déi Zuelen! A géife se och opgoen - géif et opgoen! -, da wär et nach ekonomesch derniewent. Well wat wär dat da fir eng Politik, fir zwee Joer laang Spuermoossnamen ze maachen an dann déi nächst zwee Joer alles, wat ee gespuert huet, och erëm auszeginn? Dat wär just e Kurswiessel, dee kee Sënn mécht, ausser a mengen Aen en elektorale Sënn, e kuerzfristegt Ausdeelen, fir gutt dozestoen, a laangfristeg keng Iwwerleeung, fir d'Zukunft virzebereeden.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Drëtt Ausso, op déi ech wëll agoen, dat ass d'Ausso vun der Reigierung, déi seet: „Mir hunn den Defizit am Grëff." Ech weess net, wat d'Regierung versteet ënner „eppes am Grëff hunn", mä a mengen Ae sinn och hei d'Zuele ganz kloer. Wann ech den Defizit vun der Administration centrale kucken, dee war bei enger negativer Croissance am Erauskomme vun enger Kris 2013 minus 466 Milliounen Euro, no der Kris. Mir hunn elo eng Ekonomie, déi 4% bis 5% d'Joer wiisst, a mir bréngen et fäerdeg, 2017 deen Defizit ze verduebelen op iwwer eng Milliard, wat 2018 weidergeet an och, behaapten ech emol, 2019 weidergeet, quitte datt hei d'Zuelen am Budget et anescht ausweisen. Mä e puer Zeilen ënnert deenen Zuelen, déi et anescht ausweisen, seet de Finanzministère selwer, datt d'Zuele vun den Investissementer missten an deene Joren 2019, 2020, 2021 dann der Realitéit ugepasst ginn, wann nei Projeten op den Ordre du jour kommen a musse finanzéiert ginn. E Milliardendefizit, deen an den nächste Joren a sécherlech bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod weiderzielt!

Eleng aus deenen Zuele soen ech ganz kloer an däitlech: Den Defizit ass net am Grëff! Hei gëtt eng Politik gemaach, wou den Defizit méi wéi verduebelt gëtt, laangfristeg méi wéi verduebelt. Mir sinn elo iwwer eng Milliard Euro Defizit an ech bleiwen derbäi: 2019 an 2020 geet dat och nach weider esou, well nei Investissementsprojete musse kommen.

A wann ech dann déi Wierder vum Här Meisch sengerzäit, elo weess ech net méi, ob e Fraktiounspresident oder Parteipresident vun der DP war, 2012 zitéieren, deen do dann ermahnend bei de Budgetsriede vu sengerzäit seet: „Wir erhalten unseren Lebensstandard mit Schulden, wie es vor uns auch die Griechen getan haben. Ohne einen Politikwechsel" - dat ass dann deen, deen 2000 (veuillez lire: 2013) komm ass -, „ohne einen Politikwechsel riskieren wir eine Milliarde Euro neue Schulden 2014 und 2015 und immer so weiter." Just fir ze soen, wat fir eng Meenung sengerzäit vertruede ginn ass a wat haut d'Realitéit ass. An den Här Berger, deen 2013, zu därselwechter Zäit seet, wéi d'Koalitioun ugefaangen huet, Enn 2013, Ufank 2014: „D'Zil vun der Koalitioun ass en ausgeglachenen Haushalt. An dat wäerte mer och 2018 erreechen." Dat war emol gutt gesot! Just, haut stelle mer fest, datt mer eng Milliard Scholden och wäerten 2018 hunn!

Da gëtt als Explikatioun dofir gesicht, datt et 2017 jo ass, datt mer esou en Defizit hunn, well mer eng Steierreform gemaach hunn. Jo, ënner anerem, awer wierklech nëmmen ënner anerem, well och eng ganz Rei aner finanziell Punkten eng grouss Croissance an dem Budget vun 2017 an 2018 hunn a mindestens gradesou vill zu där Explikatioun bäidroen, wéi just d'Steierreform.

D'Konklusioun, déi ech doraus zéien: Hei gëtt u sech genau de Contraire gemaach vun deem, wat versprach ginn ass, an d'Grondprinzipie ginn iwwert de Koup gehäit. Fir d'CSV ass et kloer: Wann ee bei engem Wuesstum vu 4% bis 5% et fäerdegbréngt, den Defizit méi wéi ze verduebelen, da mécht een eng falsch Politik! Wéini dann, wann net an Zäite vun engem Wuesstum vu 4% bis 5%, soll ee Scholden zréckbezuelen? Wéini da soll ee Reserve maachen, Reserve maache fir zukünfteg Investissementer? Wéini da soll ee sech Spillraum ginn, fir a Krisesituatiounen ze reagéieren, wann net elo?!

Mir fannen, datt hei mat Liichtfankegkeet gehandelt gëtt an datt hei d'Zukunft op d'Spill gesat gëtt. An ech hunn och fonnt, datt de Moie vum Finanzminister awer och besonnesch Zuelen hei presentéiert gi sinn, fir eis dann hei Zuelen ze presentéiere vum Solde primaire vun der Administration centrale hors charges d'intérêts, wou also net d'Defizitzënse mat eragerechent ginn, do muss ee sech froen: Wat huet dat da fir e Sënn? Déi si jo awer ze bezuelen! Déi si jo Realitéit! Déi kënnt Der net einfach erausrechnen! Bei Griichenland gëtt et gemaach, well ee soss Griichenland ënner Waasser zappt, well een et soss erdrénkt a well ee soss iwwerhaapt keng Chance méi hinne gëtt, fir aus de Suergen an aus de Problemer erauszekommen. Mä dat awer als Calcul an engem Land wéi Lëtzebuerg unzebréngen, dat mécht fir mech strictement, strictement kee Sënn!

An ech wëll am Fong déiselwecht Iwwerleeung maachen iwwert déi ganz Diskussiounen iwwert de Sold vun der Administration publique. Dat ass elo e wéineg technesch, mä ech wëll se awer eng Kéier maachen, well ech eis Meenung wëll doriwwer soen.

De Sold vun der Administration publique, dee jo oft ugeféiert gëtt, mir hunn 0,2% oder 0,3% nach positiv an der Administration publique, ass jo d'Zesummesetzung - ech soen do kengem eppes Neies - vum Zentralstat, dat heescht dem Statsbudget op där enger Säit, de Gemengen an der Sécurité sociale. Déi Notioun ass och sengerzäit gemaach ginn zu Bréissel, fir u sech ze kucken, well bei deene meeschte Länner e groussen Defizit an der Sécurité sociale ass a fir se am Fong dohin ze bréngen, datt se mat deem Defizit aus der Sécurité sociale solle prévoyant ëmgoen, andeem se positiv Zuelen am Zentralstat solle schreiwen.

Dat huet awer elo an eiser Situatioun genau de konträren Effekt! Dat huet genau de konträren Effekt, well mir kommen elo an eng Situatioun, wou et esou ass, datt am Fong den Zentralstat - de Contraire war gemengt - sech méi Defizit kann erlaben, well e fiktiv opgerechent gëtt mat engem Surplus, dee mer an der Sécurité sociale hunn, deen am Fong d'Realitéitszuele vun deem, wat dem Stat seng Besoine sinn, total, total ëmännert.

An dann hunn ech den Här Haagen och nach gesinn, deen eis da seet, wat formell gesi richteg ass, datt et esou wär, datt u sech, op der Säit 26, Här Haagen, vun Ärem Rapport, deen ech och genau gelies hunn, deen do seet, datt u sech d'Pensiounsreserve méi héich wäre wéi d'Statsschold.

Jo, dat ass richteg! Mä wat soll déi Ausso dann? Dir kënnt se jo awer net huelen, fir d'Statsschold ze begläichen! Dat sinn awer schéi propper zwou separat Saachen. A wann esou, wéi eis d'IGSS seet, an zéng Joer ufänkt et esou ze ginn, datt u sech d'Balance vun der Sécurité sociale negativ gëtt, datt mer mussen op d'Reserven zréckgräifen, fir eis Sécurité sociale ze bezuelen, da wäert Der gesinn, wéi schnell och de Sold vun der Administration publique muss geännert ginn, deen Der musst kompenséiere mam Budget vum Zentralstat. An dat gëtt sengerzäit eng ganz schwiereg Aufgab!

Dat heescht, fir sech elo op déi do Rechnung vun engem Sold vun der Administration publique ze verloossen, fir a fënnef Joer an an zéng Joer kreéiert Der domadder eng ganz, ganz schwiereg Situatioun. An ech fannen dat extrem, extrem onseriö!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Véiert Ausso. Da gëtt eis gesot: „Den Defizit vum Stat ass esou héich, well mer Investitiounsquoten hunn, déi esou héich sinn, eng Milliard méi Investitioune wéi 2013. Hätte mer dat net gemaach, dann hätte mer keen Defizit. Also hu mer keen Defizit, well mir maachen dat jo, fir d'Zukunft virzebereeden." - Sou ass dat awer och net grad alles! De Montant vun den Investissementer, an ech wëll dat och ganz kloer soen, de Montant vun den Investissementer, deen esou héich ass, begréisse mer. Ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer an d'Zukunft investéieren.

Wann ech dat awer proportionell zum PIB kucken, da stellen ech fest, datt et stabel ass a souguer deelweis erofgeet. 2009 hate mer eng Investitiounsquot vu 4,40% vum PIB. Ech huelen do just op der Säit 23 vum Här Haagen sengem Rapport dem Här Haagen seng Zuelen. 2009 hate mer Investitiounsquote vu 4,40% vum PIB, iwwert d'Period 2010 bis 2012 tëschent 3,9% a 4,2%. Den Här Gramegna hëlt ëmmer d'Joer 2013; ech kennen déi Zuele relativ genau, well ech weess, wat se och an der Praxis heeschen. Do hate mer e Joer, wou mer net esou vill realiséiert hunn, well eng ganz Rei Projeten net ugefaange gi sinn an net esou schnell virugaange sinn. Wann een iwwert d'Kontinuitéit vun all deene Jore kuckt, da gesäit een, datt eis Investitiounsquot an der Moyenne vill méi héich war tëschent 2010 an 2012, 3,9% a 4,2%. An d'Previsioun vun 2016 ass 3,94%, déi vun 2015 war 3,42%. Dat heescht, fir ze soen, „dat geet alles esou massiv an d'Luucht", dat ass, zumindest wann een et a Proportioun vum PIB kuckt, keng richteg Ausso.

Nach soen ech, well ech och op d'Valeur-absoluen halen, datt et gutt ass, datt Der se an d'Luucht setzt. An ech soen, ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck, datt ech mengen, datt se souguer prévisionnellement zumindest an den Investitiounsfongen nach méi missten an d'Luucht gesat ginn, wann Der wëllt déi Ziler erreechen, déi Der lech selwer duerch Ar Politik gitt. Mä do kommen ech am Detail nach drop zréck.

Wann ech d'Investitiounsfonge kucken a wann ech an d'Programmatioun vun de Projete kucken, déi momentan an den Investitiounsfonge stinn, déi amgaange si realiséiert ze ginn oder geplangt sinn, fir an deenen nächste Jore realiséiert ze ginn, esou stellen ech fest, datt et am Fong näischt aneres ass wéi dat, wat säit fënnef, sechs Joer op deene Programme scho steet, wat deelweis schonn amgaange war realiséiert ze ginn oder wat an der Programmatioun, an dem Ausschaffen, an der Planifikatioun war a wat dann elo realiséiert gëtt.

Ech maachen do och kee Reproche, et ass eng Feststellung. Ech begleeden et souguer positiv. Mir begleeden et souguer positiv, datt all déi Projeten do een nom aneren, dann, wa se räif sinn, ëmgesat ginn. Mä ech wëll awer och trotzdeem d'Proportionalitéit soen. Esou massiv an d'Luucht gesat ass dat sécher net, au contraire!

Wann ech hei de Conseil national des finances publiques liesen, dee mécht eng genau Analys vun der Investitiounspolitik vun der Regierung a kënnt zu folgende Konklusiounen, ech zitéieren: «Le CNFP conclut ainsi que les investissements de l'administration centrale ne sont pas» - ne sont pas! - «à l'origine de la détérioration du déficit de l'administration centrale ni de la dette publique, ni pour l'année 2017, ni pour le moyen terme.» Méi kloer kanns de dech an deem hei Kontext bal net ausdrécken. Ech soen et net! Et ass de Conseil national des finances publiques, deen et an dëser Däitlechkeet seet!

D'ailleurs ass de Conseil national des finances publiques net deen Eenzegen, deen et seet. Och d'Chambre de Commerce seet datselwecht, seet: «En termes relatifs, l'effort d'investissement de l'administration centrale - qui, pour mémoire, intègre les fonds spéciaux - tend à décliner au fil du temps.» An d'Chambre de Commerce seet nach, an dat ass hir Analys tëschent de Joren 2016 an 2020, datt mer et hei souguer mat engem „expenditure shift" ze dinn hunn. Wat heescht dat? Mä dat heescht: «Sur l'horizon couvert par le PLPFP» - dat heescht de Pluriannuel - «un glissement de dépenses (…) s'opérerait, (…), au détriment de la formation de capital et en faveur des dépenses courantes.»

Dat heescht, d'Analys, déi all déi Gremie maachen, ass eng ganz aner wéi déi, déi mer de Moien héieren hunn, wat d'Investissementer ugeet. - Dat zur Legend, dat zum Mäerche vun enger Regierung, déi den Defizit mécht, fir d'Zukunft virzebereeden.

An d'Chambre de Commerce ass ganz kloer, seet: «De tels glissements paraissent en contradiction» - en contradiction! - «avec le message d'un Luxembourg à 1,1 million d'habitants.» Wat d'Chambre de Commerce an alleguer déi Institutiounen an der Analys am Fong soen, dat ass, datt, wann ee wëllt d'Zukunft virbereeden, wann ee seng finanziell Obligatiounen esou setzt, datt een de Wuesstum vun 1,1 Milliounen zur Viraussetzung mécht, fir e finanziellen Équiliber ze kréien, wann een esou eng Entwécklung als Perspektiv dohinnersetzt, da muss een nach vill méi investéieren, wéi haut investéiert gëtt, an et muss ee manner op den Dépense-couranten ausginn, fir deen „expenditure shift", vun deem hei geschwat gëtt, net ze erreechen.

An dann hutt Der de Moien, Här Finanzminister, d'Beispill vun Däitschland gebraucht, fir ze soen, Däitschland investéiert, wann ech richteg verhalen hunn, nëmmen 2,3% vu sengem Räichtum, a Lëtzebuerg investéiert 4,3%. Den Här Haagen seet, 3,9%. Mä et ass egal, dat ass wahrscheinlech just e Rechnungsënnerscheed. Et ass natierlech en Ënnerscheed tëschent Däitschland a Lëtzebuerg, wat déi eegen, selwer beschriwwen Zukunftsperspektiven a Wuesstumsperspektiven ugeet. Ech hunn nach net héieren, datt Däitschland an deenen nächste 40 Joer op 160 Milliounen Awunner wëllt wuessen! Lëtzebuerg wëllt awer vu 500, oder no Are Rechnungen, huet awer eng Perspektiv, fir vu 560 op 1,1 Milliounen ze wuessen. Da kënnt Der déi zwou Saachen awer net ganz esou einfach an engem Fiederstréch an de Perspektiven an an den Ausgaben, wat d'Investitiounen ugeet, matenee vergläichen.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wat stelle mer fest? Mir stellen am Fong fest, datt déi Zukunftsperspektive gestallt ginn an datt an der Programmatioun vum Plan sectoriel «Transports» a vun der Mobilité durable e Programm entwéckelt gëtt, deen am Fong geduecht ass fir e Wuesstum, dat bei 700.000, 750.000 Leit wäert féieren (veuillez lire: leien). Wuesstumsraten, déi wäit doriwwer erausginn, wéi se haut u sech virgesi ginn, géifen am Fong mat sech bréngen, datt mer eis haut elo scho missten dohinnersetzen, fir ze iwwerleeën, wéi mer dann dat dote packen, wéi mer de Plan sectoriel «Transports» oder de Plang vun der Mobilité durable Versioun 2.0 maachen - Versioun 2.0 maachen -, an net eis just beméien, fir déi Versioun 1.0 ëmsetzen, mat där ech awer - ech soen et nach eng Kéier - absolutt d'accord sinn.

Et kann een net op där enger Säit déi Wuesstumsperspektive maachen an op där anerer Säit dann awer dat, wat dozou gehéiert, net an de Grëff huelen. Déi Diskussioun, gëtt zwar gesot, se wär iwwert den Zukunftsdësch gemaach ginn. Mä ech stellen am Fong fest, datt déi Diskussioun, déi mer um Zukunftsdësch haten, am Fong eng Diskussioun war iwwert d'Realisatioun vun där Programmatioun, déi mer elo hunn, an net iwwert déi Zuelen ewechgeet, déi mer awer fir an 30, 40 Joer a Perspektiv stellen.

Wëlle mer awer eng Chance hunn, fir dat ze packen, da gëtt et héich Zäit, datt een elo scho géif drun denken, wéi een et wëllt maachen, och wann et nëmmen en Deel dovunner wär, och wa mer nëmmen op 800.000 oder 900.000 Awunner hei géife kommen. Well mer der Iwwerzeegung sinn, datt Politik fir d'Leit net just eng onselektiv Redistributiounspolitik ass, a well et och drëm geet, sech ëm d'Problemer vun de Leit ze bekëmmeren, ëm déi dagdeeglech Problemer, notamment déi vun der Mobilitéit, mengen ech, datt een un déi Politik ganz anescht misst nach erugoen an investéieren. A mir ënnerstëtzen, ech soen dat och an engem positive Geescht, all Efforten, Diskussiouns- a Realisatiounsefforten, déi an deenen nächste Joren an déi Richtung ginn.

Mir wëllen an dësem Kontext och d'Zuele verstoen, déi op den Dësch geluecht ginn. Ee vun deene raren Tableauen, déi eis bei der Budgetspresentatioun dohinnergeluecht gi sinn, ass en Tableau, deen heescht „Évolution des investissements environnementaux et climatiques" tëschent 2013 an 2017, wou da gesot gëtt: „2013 sinn 241 Milliounen Euro investéiert ginn. Mir hunn dat méi wéi verduebelt. 2017 komme mer op 617 Milliounen Euro."

An da froe mer eis natierlech: Wat bedeiten déi Zuelen? Mir hunn dat zwee-, dräimol gefrot, mir hunn awer ni d'Prezisioun vun deem kritt, wat déi Zuelen dann elo bedeiten. Mir hunn an der Kommissioun gesot kritt: „Mä dat ass, wat d'Mobilitéit ugeet, dat sinn Station-d'épurationen an d'Mesures de protection de changement climatique et protection des eaux." Wat d'Mobilitéit ugeet, do soll et dann den Tram an de Rail sinn.

Mir probéieren, dat jo dann nozekucken. Wou kommt Der un déi Zuelen do, 241 Milliounen 2013 ausginn, fir u sech déi do Saachen? Ech eleng, wann ech einfach zesummenzielen, wat ech 2013 als réalisé gesinn, da kommen ech op ganz aner Zuelen! Da ginn am Fonds de l'eau 74, am Fonds environnemental 19, am Fonds climatique 56 an am Rail 298 Milliounen ausginn, wäit iwwert dat, wat Der hei gesot hutt. Da stëmmen d'Proportiounen net.

D'Madamm Closener, déi seet dann och an enger Ried, dat géif sech do handelen ëm Investissementer am Waasser- an Ëmweltschutz, a Bus, Zuch, Tram, Vëlo, bref an d'ganz Mobilitéit, „bref". Wann ech déi Zuelen da bref zesummerechnen, da gëtt et och e ganz anert Resultat. Da komme mer nach méi héich an den Dépensen, déi 2013 gemaach gi sinn.

An dee Vergläich, dee kann ech einfach net novollzéien. Ech hunn d'Impressioun, datt hei en Tableau emol an d'Welt gesat gëtt, well en d'Leit arrangéiert. Ech wëll d'Hannergrënn ganz einfach wëssen. Wann een esou Tableaue bréngt, da muss ee se och kënnen erklären. A wéi ee just op 243 (veuillez lire: 241) Millioune kënnt, wann een den ëffentlechen Transport fir 2013 jugéiert, da muss een dat och nach eng Kéier explizéiert kréien, mat wat fir engen Zuelen een do zesummegerechent huet.

Fënneft Ausso: „Mir hunn d'Scholdespiral gestoppt."

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha et hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dräi Joer keen Emprunt. Bei enger Milliard neiem Defizit d'Joer huet een d'Scholdespiral net gestoppt. Et hätt ee se héchstens gestoppt - et hätt ee se héchstens gestoppt -, wann een déi Milliard Defizit kéint an d'Reserven, déi een huet, einfach siche goen an déi dann aus den Iwwerschossreserven aus deene leschte Jore bezuelen. Déi sinn awer net do, déi Reserven! Déi sinn net do, déi Reserven! An ech mengen, datt een an deenen nächste Jore ganz sécher muss higoen, fir nei Emprunten ze maachen, fir déi do Defiziter ze bezuelen. D'ailleurs sinn déi eege Budgetsdokumenter vun der Regierung an deem Kontext ganz kloer: Fir 2017 sinn 1,120 Milliarde virgesinn, fir 2018 1,625, fir 2019 eng Milliard, fir 2020 2,571 Milliarden, en Total op déi Period vum Pluriannuel vu 6,3 Milliarden als zousätzlech Emprunten, déi musse gemaach ginn.

Ech verstinn net, datt een dann einfach ka soen: „Mir hunn d'Scholdespiral am Grëff. Et gëtt keng nei Statsverscholdung gemaach." D'eege Pabeieren, déi ginn un, datt an deenen nächste véier Joer 6,3 Milliarde musse geléint sinn.

Dann déi aner Ausso: „Mir hu keng nei Scholde gemaach an déi mer 2016 am Budget gemaach hunn, déi virgesi waren, déi hu mer net gemaach." Sous-entendu: Kuckt emol, wéi gutt mer sinn! Mir hu souguer en Emprunt vu 400 Milliounen zréckbezuelt, ouni en neien Emprunt ze maachen!

Vergiess gëtt awer an deem do Kontext, datt et esou war, datt net duerch klassesch Emprunten an deem leschte Joer gefuer ginn ass, mä duerch eng Kredittlinn bis zu enger Milliard bei der Spuerkeess, déi gezu ginn ass. De Moien huet den Här Gramegna eis gesot, déi géif op den heitegen Dag op null stoen. Ech weess och, datt bei de Kredittlinnen d'Changementer vun engem Mount zum anere bei de Rentréeën natierlech staark variéieren. Ech stelle just fest, an déi Zuelen huet d'Cour des comptes eis viru 14 Deeg, dräi Woche geliwwert, datt déi do Ligne de crédit 2010 bis 2016, bis Oktober 2016 am ganzen 11-mol benotzt huet misse ginn, tëschent 200 a 625 Milliounen Euro, fir datt de Stat ganz einfach sollt liquid bleiwen an datt en dat, wat e schëlleg ass, och all Mount konnt bezuelen.

Ech hoffe just, datt bei där dote Politik vu stännegem Zréckgräifen op eng Ligne de crédit net eng Kéier eng Pann virkënnt an Der dann net à même sidd, en urgence Saachen ze bezuelen, déi opstinn, notamment net beim Stat, mä bei Privatleit oder Privatentreprisen no baussen.

Dat ass am Fong datselwecht, wéi wann Der doheem all d'Suen, déi Der geléint hutt, ausginn hutt an dann elo Är Kredittkaart konstant iwwerzitt, fir Iech am Lafenden am Liquiden ze finanzéieren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass zwar net verbueden. Dat ass net verbueden.

(Brouhaha)

Mä dat kann a mengen Aen, an ech soen dat ganz kloer hei, dat kann a mengen Ae keng rekurrent Politik sinn. Eng Milliard Kreditt, déi Ligne de crédit unzezapen, méi wéi 10-mol d'Joer, dat ass net a mengen Aen eng rekurrent Politik. Dat soll d'Ausnam bleiwen. A mir deelen an dësem Kontext...

(Interruption)

Mir deelen...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Am Moment huet just den Här Wiseler d'Wuert!

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Pardon, pardon!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Et ass guer net schlëmm.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wéi ass et dann zu Wolz?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat gëllt och fir Iech.

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Ma gutt, Här Gibéryen.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir deelen op jidde Fall net d'Konklusioune vun der Kommissioun, déi den Här Haagen gezunn huet, déi de Minister encouragéiert, an där doter Politik weiderzefueren, well mer mengen, wann ee gesäit, wat fir eng Échéancen an den Emprunten iwwert déi nächst Joren opstinn, datt een am Fong besser hätt hinzegoen, fir sech e konstante Plang ze maachen, wéi ee regelméisseg dat refinanzéiert, wat muss bezuelt ginn. Well et ass jo net nëmmen eng Saach vun haut léinen, et ass och eng Saach, wéi déi Suen an deene Joren hannendrun zréckbezuelt ginn. A wann Der dat net an enger gewëssener Regelméissegkeet maacht, da kritt Der an deene Joren, wou d'Suen zréck musse bezuelt ginn, wesentlech méi Problemer, wéi dat normal wär, wann Der dat géift schéi propper an engem Plang maachen, an enger Planifikatioun am Viraus gesinn.

Mir fannen déi hei Aart a Weis net gutt, wéi et momentan gemaach gëtt. Mir fanne se onseriö, d'autant plus, datt heiansdo Emprunte bei Banke lancéiert ginn, gefrot ginn an déi da just de leschte Moment gecancelt ginn, wa schonn alles virbereet ass. Dat ass fir eis eng onseriö Aart a Weis, fir drunzegoen.

An da gëtt elo stolz gesot,...

(Interruption)

...stolz gesot, datt Der esou laang keen Emprunt, keen neien Emprunt hutt misse maachen!

Do wëll ech just soen: Firwat ass da keen neien Emprunt misse gemaach ginn? Ma well 2013, elo kann een dat kritiséieren, 2013 virun de Wahlen nach dräi Milliarden an dräi Emprunte geléint gi sinn. Dräi Milliarde Liquiditéiten, déi an d'Trésorerie eragefloss sinn, déi do ware sécher, fir Investissementer ze bezuelen, déi sécherlech och do waren, fir d'Participatioun um Europäesche Stabilitéitsmechanismus matzedroen, mä déi awer och gehollef hunn, well se 2013 gemaach gi sinn als Emprunt, den Defizit vun 2014, 2015 an 2016 ze decken. Wär 2013 virun de Wahle keen esou en héijen Emprunt gemaach ginn, da wäre scho laang Liquiditéitsproblemer haut an der Trésorerie!

Haut hu mer éischtens keng Liquiditéite méi do, zweetens liewe mer deelweis vu Kredittlinne fir..., quitte datt ech och weess - quitte datt ech och weess -, datt bei deene Kredittlinnen haut et avantagéis ass, wat een als Zënssaz kritt. Dat ass e positivt Element. Ech soe just, datt eng virsiichteg Politik, fir och an Zukunft kënnen déi Kreditter uerdentlech zréckzebezuelen, a mengen Aen anescht ausgesäit. An drëttens maache mer nach all Joers eng Milliard Defizit. An dat bedeit fir mech, datt een net kann dohinnergoen a soen, datt een d'Scholdespiral gestoppt huet, well dat ass net d'Realitéit. An och wann een et nach zéngmol seet, ass et nach ëmmer net d'Realitéit!

An d'Finanzbesoinen an deenen nächste Joren, déi si riseg! Wann een och iwwert dës Legislaturperiod erauskuckt, wann ee gesäit, wat fir eng Scholde mer hunn, 1,9 Milliarde Scholde fir 2017-2018 zréckbezuelen, en Emprunt, deen 2018 mat 700 Millioune muss refinanzéiert ginn, ouni Spezialausgaben, déi eventuell nach kommen, dat ass dat Éischt; a wann een dann och nach gesäit iwwer eis Period eraus an et liest een am CNFP, wat fir eng Besoins de financement mer bis 2020 hunn, an déi gi chiffréiert tëschent 2016 an 2020, an et gesäit een, datt mer do 7,8 Milliarde Besoins de financement hunn, déi opgedeelt ginn an 3,4 Milliarden fir de Refinanzement vun der Schold, 1,9 Milliarde supplementare Finanzement duerch d'Steierreform an 2,5 Milliarden Defizit, deen ze finanzéieren ass iwwert déi Budgeten, déi kommen, wann een dat weess, dann, fannen ech, géif ech et normal fannen, datt een eng uerdendlech Programmatioun géif maachen, wéi ee regelméisseg seng Emprunten organiséiert, fir d'Zukunft och korrekt hinzekréien. Dat gëtt awer net gemaach.

Sechst Ausso: „Mir hunn d'Ausgaben am Grëff." Och dat stëmmt net an der Absoluttheet. 2017 charakteriséiert sech doduerch, datt d'Ausgabe méi schnell wuesse wéi d'Einnamen. De Conseil d'État, deen ech awer och wëll emol eng Kéier zitéieren, dee seet - d'ailleurs net nëmmen 2016, net nëmmen elo; en huet dat och schonn d'lescht Joer gesot -, ech zitéieren en: «Compte tenu de l'objectif d'assainissement budgétaire, le chiffre en progression des dépenses interpelle le Conseil État, qui invite à la prudence et au contrôle continu des dépenses de l'administration centrale - et ce nonobstant les perspectives de croissance qui, de manière ponctuelle, peuvent paraître meilleures qu'escomptées, mais qui sont soumises à de nombreux aléas et qui sont, par conséquent, loin d'être garanties.»

Fir mech ass et am Fong gradesou inquiétant, wann ech d'Evolutioun vun den Aschätzunge kucken. Wann Der kuckt, wat dës Regierung an hirer Programmatioun, déi se 2014 gemaach huet, fir 2017 virgesinn huet, da gesäit een, datt dat Dépensë vu 16,9 Millioune waren. Dat sinn net eis Zuelen, dat sinn der Regierung hir Zuelen.

Haut sinn déi Dépensen net méi bei 16,9, mä bei 17,9 Milliounen Euro. An Ären eegene Previsioune maacht Der innerhalb vun dräi Joer eng Milliard méi Dépensen. D'ëffentlech Ausgabe klammen erëm méi schnell wéi virdrun, plus 5,9% en termes nominaux. An ech zitéieren hei och nach eng Kéier den CNFP, just all Kéiers, fir Iech ze soen, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi dat soen, net déi Eenzeg sinn, déi esou denken: «Comparé à 2016, il s'agit d'une nouvelle accélération des dépenses et ce malgré l'effet supposé des mesures de consolidation du Zukunftspak.»

Wat an eisen Aen am Fong onverständlech an inakzeptabel ass, dat ass, datt d'Gesetz vum 12. Juli 2014 net respektéiert gëtt, well d'Gesetz vun 2014 gesäit u sech vir, datt ee muss de Montant maximum vun den Dépensë vun der Administration centrale am Pluriannuel fixéieren. Or, d'Regierung fixéiert en net! Hätt se e fixéiert, esou wéi d'Gesetz et virgesäit an esou wéi déi europäesch Regelen et virgesinn, da wär et esou, datt se u sech deene Regelen, deene se sech hätt missen ënnerleeën, sech net ënnerleeën huet, datt se sech hätt misse konforméieren op där enger Säit oder justifiéieren op där anerer Säit.

Och hei nach eng Kéier de Conseil national des finances publiques, dee seet: «Il est toutefois à noter que les montants des dépenses de l'administration centrale des années 2017-2019 de la loi de financement 2016-2020 dépassent substantiellement les montants retenus» vun deemselwechte Gesetz «2015-2019 pour les mêmes années.»

Hätt d'Regierung hiren eege gesate legale Kader selwer respektéiert, andeem se déi obligatoresch Norm do fixéiert hätt, da géif se derniewentleie bei der Norm selwer. Liest Säit 44 vun der Caisse, vun der...

(Interruption)

Här Berger!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, dat ass awer nëmmen de Fall, wann ee säin OMT net anhält. A mir halen deen an.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass awer elo déi allerbescht Remarque, déi Der gemaach hutt!

(Hilarité)

Éischtens ass et falsch, well et sinn zwou separat Konditiounen. An zweetens ass et och nach esou, datt Der just den OMT anhaalt, well Der e vun 0,5% op minus 0,5% ëmgeännert hutt.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Dir hutt e matgestëmmt an der Kommissioun.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Brouhaha)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Dat kënnt Der noliesen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech hunn am Fong erwaart, datt Der dat do géift soen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, mä dat kënnt Der awer noliesen. Firwat hutt Der en da matgestëmmt?

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech hunn am Fong erwaart, datt Der déi do Remarque géift maachen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Firwat hutt Der e matgestëmmt?

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou. Wann ech gelift! D'Bemierkung ass gemaach. Als Eenzegen huet den Här Wiseler d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir hunn deen Amendement matgestëmmt. Mir hunn deen Amendement do matgestëmmt, well Dir en technesche Feeler gemaach hat an deem Gesetz do, wou Der u sech déi Spann vun de Joren net uginn hat a wou Der déi rectifiéiert hutt vu véier op fënnef Joer erop, wat einfach eng richteg technesch Richtegsetzung vun deem Amendement do war. Deen hu mer matgestëmmt, an Dir hutt Iech domat bei engem Element a Conformitéit gesat vun dem Gesetz vun 2014. Dee minus 0,5% hätt Der scho laang virdrun drastoen, wa mer konstruktiv matschaffen, Här Berger, an de Kommissiounen. Wat mer jo heiansdo probéieren: konstruktiv matzeschaffen!

An da kréie mer deen do Typ vu Reaktiounen! An da kréie mer deen do Typ vu Reaktiounen! Ech mengen, dat ass nu wierklech dat, wann Der eis sot, mir hätten eng, Dir géift erwaarden eng uerdentlech Aarbecht, eng uerdentlech konstruktiv Aarbecht ze hunn, an Dir fänkt esou un ze reagéieren, wa mer konstruktiv wëlle matschaffen, da kann ech Iech soen, da braucht Der net méi op déi konstruktiv Aarbecht ze zielen, wann dat do Är Aart a Weis vu Reaktiounen ass!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha et protestations)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech hu just preziséiert, datt d'Oppositioun deen Amendement vu minus 0,5% matgestëmmt huet. Dat ass einfach eng Realitéit.

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wann Der schonn emol derbäi sidd bei de Regelen, da wëll ech Iech just soen, ech hat dat elo net um Programm, mä wann ee kuckt d'Gesetz vum 12. Juli 2014, do ginn zwielef Regele gesat, formal Regelen, déi am Fong d'Regierung misst anhalen. Wann een déi Regele kuckt, an dat steet op der Säit 19 vun de Finances publiques hirem Rapport, da stellt ee just fest, datt vun deene Regelen d'Regierung zu fënnef konform ass, véier net konform an dräi just partiellement konform. Dat heescht, vun zwielef Regelen hält dës Regierung formal gesinn der just fënnef an. Liest op der Säit 19 vun dem Avis vum Conseil national des finances publiques! Am Fong misst dës Chamber inklusiv d'Majoritéit vun der Regierung verlaangen, datt se sech och formell un hir eege Gesetzer géif halen!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- D'Chambre de Commerce deelt d'ailleurs dës Meenung, wëll ech och nach soen. An an der Ausgabenanalys stellt se fest fir 2016 an 2017, datt mer hei mat engem totale Relâchement vun den Effort-budgétairen ze dinn hunn, deen net mat Ausgaben, déi sech ëm Investissementer handelen, ze dinn huet, soss wär et nach verständlech, mä mat enger ganzer Rei aneren Ausgaben, déi gemaach ginn. A se stellt fest, och par rapport zu deem, wat 2014 virgesi war, datt mer dëst Joer 100 Millioune méi ausgi wéi 2014 virgesi fir d'Consommation intermédiaire, dat heescht, fir déi kurant Ausgaben, an 100 Milliounen Euro manner fir d'Investitiounen, wéi dat virgesi war.

An d'Konklusioun vun der Banque centrale doraus, datt mer domat eng total Vulnerabilitéit vun der Soutenabilitéit vun den ëffentleche Finanze schafen. An d'Banque centrale freet no enger Norm vun den Dépensen. An ech mengen, datt et duerchaus sënnvoll wär, déi Diskussioun - déi Norm hate mer viru 15 Joer, hu mer sengerzäit ofgeschaaft -, fir erëm ze iwwerleeë gemeinsam, ob et net sënnvoll wär, esou eng Norm anzeféieren.

Siwent Ausso, zu där ech wéilt kommen...

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wëllt Dir eppes soen? Wann ech gelift! Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President.

Déi siwent Ausso, zu där ech wollt kommen: „Mir hunn zolidd Statsfinanzen." Mir hunn zolidd Statsfinanzen! Fir d'CSV heescht zolidd Statsfinanzen net nëmmen, e kuerzfristegen Équiliber ze erreechen, deen ass zwar hei net erreecht, mä och nach sech erlaben, fir Virbereedungsaarbecht ze maachen, datt, wann eng Kris kënnt, mer och d'Méiglechkeet hunn, déi Kris ze bestoen an op esou eng Kris ze reagéieren.

D'Politik, déi an dësem Budget gemaach gëtt, eng Steierreform an där doter Héicht, zousätzlech Ausgaben, gëtt eis keng Marge de manœuvre, wann an deenen nächste Jore géif eng Kris kommen. Hei gëtt fir déi nächst 40 Joer op e Wuesstum vu 4% bis 5% gerechent a fir de Rescht ginn emol d'Aen zougedréckt an et gëtt gehofft, dat géif och esou an der Realitéit kommen. A wann ee kuckt, wat ronderëm lass ass, da gesäit een, datt déi Geforen awer grouss sinn.

Den Här Gramegna huet eis de Moien all déi positiv Punkte beschriwwen. An ech wëll och soen: Jo, där ginn et der och, selbstverständlech! Mä ech wëll awer och derbäisoen, datt a mengen Aen, wann ee seriö Politik wëllt maachen, een och muss virgesinn, datt och emol eng Kéier eng Zäit an eng Situatioun ka kommen, wou net alles positiv ass, mä wou d'Saachen och eng Kéier anescht lafen, wéi een hofft, datt se géife lafen. Och der puer hei opgezielt.

Dat ass déi Onsécherheet vun de Pëtrolspräisser. Se sinn déif, se si schonn eng Zäit déif. Ech gesinn awer och déi Négociatiounen, déi amgaange sinn, ënner verschiddene Länner ze lafen, déi elo net zu engem Succès gefouert hunn. Mä ech mengen, datt déi Diskussiounen awer an den nächste Joren emol kënne weidergoen. An ech weess net, wéi d'Diskussiounen ausginn.

Den Här Gramegna huet iwwert déi grouss Chancë vun dem Brexit de Moie geschwat.

Hoffentlech - hoffentlech - ass dat esou! Ech gesinn awer och an där ganzer Brexit-Politik, an där Onsécherheet, déi eis déi nächst zwee, dräi Joer wäert elo hei begleeden, eng ganz Rei Risken, deenen een awer och muss Rechnung droen. Ech gesinn, wat a Griichenland lass ass, wou elo erëm duerch déi sougenannte Chrëschtkaddoen, déi gemaach ginn, eng ganz nei Diskussioun déclenchéiert ginn ass. Ech gesinn, wat mat de Budgeten an Italien - ganz vill Insécuritéit -, Portugal, Spuenien, Frankräich momentan lass ass. Ech gesinn och, wat an den Ekonomië vun de Schwellelänner Indien, China, Brasilien lass ass. Et gesinn och d'Evolutioun, déi déi ass vun eisen Haapthandelspartneren. Ech gesinn och déi Diskussiounen, déi ronderëm en neie President Trump, seng Défense- oder seng Wirtschaftspolitik an deenen nächste Joren entstinn, an déi eventuell Demanden, déi op eis zoukommen, fir eis Défensepolitik anescht ze gestalten.

Ech gesinn d'Influenz vun de BEPS-Négociatiounen, wou ech net weess, a wat fir eng Richtung se ginn. Ech gesinn déi grouss Influenzen, déi déi Krisen am Mëttleren Oste mat deene ganze Flüchtlingsdebatte kënnen op eis hunn an deenen nächste Joren. Ech gesinn, wat déi Relatiounen tëschent Russland an der Ukrain als potenziell Gefor, notamment op eis Energieversuergung, kënnen hunn.

Ech weess net, wat den Terrorismus an deenen nächste Méint a Joren als Onsécherheet op eis Ekonomie zoubréngt. Ech weess och net, wéi mer mat deenen Diskussiounen iwwer eng hypothetesch Bulle financière, Bulle vum Marché immobilier hei zu Lëtzebuerg eens ginn. Ech weess net, wéi mer dat alles esou géréiert kréien, datt mer kënne sécher sinn, datt déi Croissance an deenen nächste Joren esou weidergeet.

An da gëtt gesot, et gëtt eis ëmmer virgehalen, an dat nervt, soen ech lech, richteg, da gëtt eis ëmmer virgehalen, well mer op déi Problemer, op déi Suergen do opmierksam maachen: „Dir spillt mat der Angscht vun de Bierger a vun de Leit!"

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- „Et soll een net de Leit Angscht maachen, mä et muss een Optimismus vertrieden." Ech soen lech, et muss een an der Politik och bereet sinn, d'Realitéit, ob et déi positiv oder déi negativ ass, et muss ee bereet sinn, och der Realitéit kënnen an d'Aen ze kucken. An et soll een de Leit kee Sand an d'Ae streeën an et soll ee sech an der Politik, wann ee se da virsiichteg mécht, genügend Marge de manœuvre ginn, wann eng Kris géif kommen, datt mer och kënnen uerdentlech dorop reagéieren. Dat net maachen ass eng absolutt onvirsiichteg Politik, déi mer net deelen.

A wann ech erënneren un déi Diskussiounen, déi mer an de Joren 2000 haten, Dir kënnt lech nach vläicht dorun erënneren, déi Diskussioun iwwer „en Apel fir den Duuscht", an äänlech Ausdréck, huet dat jo geheescht. Ëm wat ass et do gaangen?

(Interruption et brouhaha)

Wéi och ëmmer! Ech hu se elo hei resüméiert mat „en Apel fir den Duuscht".

(Hilarité et interruptions)

Wou gekämpft ginn ass Joren, fir d'Plus-valuen, déi mer haten, all Joers an d'Fonds-d'investissementen erafléissen ze loossen, well dat eis da géif erlaben, wann eng Kris géif kommen, eis Investissementer och weiderzeféieren. Dat ass da jo och dat, wat geschitt ass. Déi Investissementer oder dat Opstocke vun deenen Investissementsfongen, déi a laange Jore gemaach gi sinn, hunn eis d'Méiglechkeet ginn, fir an deene Krisenzäiten eng Kontinuitéit vun eiser Politik ze maachen, fir an den Investitioune weiderzefueren an ze garantéieren, datt mer duerch grouss ëffentlech Investitiounen et géife fäerdegbréngen, fir eis Ekonomie, eisen Tissu économique um Lafen ze halen.

D'Politik, déi mer misste weiderféieren, ass also a mengen Aen net eng Ausgabepolitik, déi den Defizit an d'Luucht setzt, d'Reaktiounsfäegkeet erofsetzt a just nach d'Daumen halen, datt näischt schifgeet an deenen nächste Joren, mä et ass eng Politik, wou ee misst virsiichteg kucken, datt ee sech d'Méiglechkeete schaaft, Reaktiounsméiglechkeeten ze kréien.

D'Banque centrale huet och d'ailleurs eng Risikoanalys gemaach. A fir mech ass dat Resultat vun där Risikoanalys schockant! Ech stelle just fest, datt de Moien de Finanzminister mat der Risikoanalys vun engem neie Gremium kënnt, deen ech net kennen, deen dann elo Lëtzebuerg den AAA confirméiert a seet, et wär iwwerhaapt kee Risiko do.

Ech soe just, ech vertrauen der Banque centrale, déi kennen ech an déi huet eng laang Analys gemaach vun deem, wat d'Risikoe sinn, stellt fest, datt e klenge finanzielle Schock, wäit méi e klenge wéi déi Finanzkris, déi mer 2007 an 2008 kannt hunn, e Schock vun 3,6%, minus 3,6% vum PIB schonn eis géif an en Defizit, ganz staarken Defizit eraféieren, deen eis ganz grouss Schwieregkeete fir d'Zukunft géif stellen.

Och de Conseil d'État an de Conseil national des finances publiques, déi soe genau datselwecht a soen, datt eng Marge de manœuvre noutwendeg ass, datt mer keng Reserven hunn an datt mer e jäerlechen Defizit domat bauen, dee mer net finanzéiert kréien, datt mer och an den Investissementsfongen, déi duerch d'Kris eidel sinn an déi mer missten elo amgaange sinn, wou et eis besser geet, erëm opzefëllen, fir kënnen eng nächst Kris besser ze bewältegen, datt mer dat och net maachen, au contraire, d'Zuele weisen, datt mer an de Joren 2016 bis 2020 och nach an deenen Investitiounsfongen ëm 8,2% erofginn. An do ass et wierklech Zäit, fir Alarm ze schloen!

A mir sinn och net déi Eenzeg, déi dat soen. Och eng Chambre de Commerce seet hei ganz kloer, an ech zitéieren: « (…) la Chambre de Commerce considère que la situation financière de certains fonds d'investissements est critique» - est critique! - «et se pose la question de l'évolution à moyen terme de la politique d'investissements de l'État, d'autant que les déficits chroniques enregistrés au niveau de l'État central risquent également de contrarier la collecte des ressources financières nécessaires à la modernisation (…).» Och dat war an de leschte Joren, wéi mer Kris haten, eise staarke Punkt. Mir kucken: Déi Stäerkt, déi mer do haten, baue mer net erëm frësch op an exposéieren eis deem, wat eventuell an Zukunft ka geschéien, exposéieren eis all deene Geforen.

Fir d'CSV ass kloer, an ech drécken et elo technesch aus, fir d'CSV ass kloer, eng prozyklesch Evolutioun vun de Liquiditéite vun de Fongen hëlt dem Stat nach méi finanziell Capacitéiten ewech, déi en onbedéngt géif brauchen, wann d'Kris kënnt. A wann ech dat op Lëtzebuergesch ausdrécken, dat heescht: „Wann et der gutt geet, solls de eppes op d'Säit setzen, datt s de eppes hues, wann et der schlecht geet."

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass déi lëtzebuergesch Iwwersetzung. Dat mécht d'Regierung net. An dat ass an eisen Aen e politeschen an e wirtschaftleche Feeler. Dat ass keng nohalteg Politik! Hei gëtt d'Zukunft net virbereet!

Une voix.- Dat hu mer ëmmer gemaach!

Une autre voix.- Jo, jo, ma sécher!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Aacht Ausso.

(Interruptions)

Aacht Ausso: „Mir hu gréng Luucht vun der Kommissioun,...

(Interruptions)

...mir hu gréng Luucht vun der Kommissioun a vum Fonds monétaire, vum FMI, a mir entspriechen allen europäesche Regelen."

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, Dir hutt gréng Luucht vun der Kommissioun. Awer wéi ech et scho virdru gesot hunn, gréng Luucht vun der Kommissioun, well den Objectif à moyen terme, vum Regierungsprogramm plus 0,5% gesat, vun der Kommissioun nach op minus 0,5% erofgesat gëtt. Dëse Changement gëtt justifiéiert mat enger Etüd vum Ageing Report, déi 2012 gemaach ginn ass, do op eng Zukunftsperspektiv vu 700.000 bis 750.000 Leit gewisen huet. Dräi Joer duerno sinn et keng 700.000 bis 750.000 Leit, déi als Zukunftsprognos doleien, mä et sinn der elo bal 1,2 Milliounen Awunner. Dat erlaabt dann, wesentlech méi Suen auszeginn, well och wesentlech méi Cotisatiounen, méi Steieren erakommen.

Erlaabt mir awer just ze froen: Wou kënnt deen Ënnerscheed do hier? Wou kann een an de Prognosen innerhalb vun dräi Joer vu 750.000 als Prognos op 1,2 Milliounen einfach eropklammen, ouni am Fong iergendwellech Explikatioun? Dat muss nach ee mer erklären! Elo sot Der, Dir waart et net, dat war Bréissel. Et sinn awer Zuelen, déi vu Lëtzebuerg ausgaange sinn, déi benotzt gi sinn, fir déi Rechnung ze maachen. An déi Propos vu minus 0,5%, déi do erauskomm ass, déi hätt Der jo och net missen unhuelen, wann Der déi Zuelen net mat unhuelt. Wann Der sot, „dat sinn net eis Zuelen", dann hätt Der jo déi minus 0,5% net missen huelen, well dat ass keng Obligatioun vun der Lëtzebuerger Regierung, deen do Objectif à moyen terme, just de Minimum unzehuelen. Dir hätt lech jo kënnen en anert Zil setzen. An et sinn eng ganz Rei Länner, déi et gemaach hunn.

A fir d'CSV ass et ganz kloer, datt de Minimum muss sinn, e positivt Zil vu plus 0,25% um Minimum, fir och kënnen d'Zukunft ze assuréieren. Op jidde Fall ass et esou, datt nëmme well d'Zilsetzung erofgesat ginn ass, dës Steierreform méiglech ass, well mer 2017 an 2018 soss ënnert dem Objectif à moyen terme vu plus 0,5% gewiescht wären.

An ech soen dat net eleng! Ech soen dat net eleng. Och all Lëtzebuerger Institutiounen, déi de Budget analyséieren, soen am Fong genau datselwecht, ob dat d'Banque centrale, ob dat den CNFP, ob dat d'Cour des comptes oder ob dat d'Chambre de Commerce ass. Als Beispill: «Le CNFP regrette que le Gouvernement s'aligne sur le minimum requis par les dispositions européennes, alors que la fixation d'un OMT plus ambitieux aurait pu être envisagée.»

Sechs Länner hunn et d'ailleurs gemaach an der Europäescher Unioun! Sechs Länner hunn et gemaach. Elo sot Dir natierlech: „Mir hunn dat esou op de Minimum gesat, fir sécher ze sinn, datt mer net bestrooft ginn, wa mer et net eng Kéier géifen erreechen." Mä wann Der dat als Argument hutt, dann hätt ech awer am Fong gemengt, datt Der och zumindest lech national kéint en Objektiv setzen, deen awer liicht méi ambitiéis wär. Mä och dat hutt Der net gemaach. An eisen Aen huet domat d'Regierung all budgetspolitesch Ambitiounen opginn a se sicht just nach d'Moyene fir d'Justifikatioun vun hirer Verdeelungspolitik.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- D'Banque centrale huet d'ailleurs deen Zeenario nogekuckt an duerchgerechent, deen op déi minus 0,5% do féiert. An d'Banque centrale seet an aller Däitlechkeet, datt déi Hypotheesen, déi do sinn, extrem optimistesch sinn. Si huet d'ailleurs en eegenen Zeenario gerechent, dee se selwer als wesentlech méi realistesch, net pessimistesch, wesentlech méi realistesch aschätzt. An do sinn d'Konsequenze ganz kloer. Et hätt ee missen, seet d'Banque centrale, dat Objektiv vu plus 0,5% bäibehalen, dat Objektiv hätt dës Politik net méiglech gemaach, esou wéi se elo gemaach gëtt. An et hätt een och missen derbäi de Pensiounsproblem direkt zousätzlech upaken.

Eis Konklusioun: Et ass e Feeler, fir den OMT op minus 0,5% erofzesetzen. Mir hätte proposéiert, mindestens plus 0,25% vum PIB. Dann hätt een déi Ausgabepolitik, déi elo gemaach ginn ass, mat där Steierreform an deem do Mooss do net kënnen, net däerfe maachen. Et hätt een aner Problemer wéi d'Pensiounsreform direkt missen an Ugréff huelen.

Mir proposéieren eng aner Politik. Déi ass an eisen Ae méi realistesch, déi setzt d'Zukunft net op d'Spill an déi engagéiert sech, dat, wat se ausgëtt, dat, wat se versprécht, och laangfristeg kënnen ze finanzéieren. Dat ass mat dëser Politik net dran!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- D'Regierung seet: „Den FMI gëtt eis recht, mir kënnen eis dës Steierpolitik erlaben." An den Här Gramegna zitéiert mat Stolz de Saz vum FMI, wou dee seet, datt déi Politik „broadly appropriate" wier, globalement appropriée.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- „Broadly", jo, dat kann een esou oder anescht gesinn. Just wann een den nächste Saz liest beim FMI, da gesäit een, wat et heescht. Den nächste Saz, ech liesen e vir: „Staff argued for limiting the tax cuts to less than ½ percent of GDP (…)." Dat heescht, direkt nodeem datt se soen, si ass „appropriate", well Der net ënner minus 30% vum Defizit kommt, gëtt gesot, si hätten awer gär gehat, wann Der net op 1% vun Ausgabe komm wäert, mä wann Der nëmmen op en hallwe Prozent vun den Augabe komm wäert. Dat heescht, si hätte gär am léifste gehat, datt Der nëmmen d'Halschent vum Volume als Steiererliichterung gemaach hätt.

Ech liesen et weider: „These measures", dat heescht d'Steierreform, „would reduce total fiscal revenue by up to 1 percent of GDP, fully using up the projected fiscal surpluses over the medium term."

Wann een dat liest, wat heescht dat? Éischtens, den FMI seet also net, déi Steierreform wär duerchaus ouni Problem finanziell machbar, mä seet, si hätten lech virgeschloen, nëmmen d'Halschent vum Volume ze maachen, dat heescht 300 Milliounen Euro, esou wéi d'Banque centrale, esou wéi mir et virgeschloen hunn. Se seet, si kascht 1% vum PIB, also wesentlech méi, wéi Dir an Ären Ugabe gesot hutt, a se seet och nach, wann Der dat do maacht, da wär all Marge de manœuvre fort, déi Der hutt fir déi nächst Joren. - Wann een déi Sätz hannendru liest, dann ass kloer, wat den FMI domadder mengt, a mir deelen déi Konklusiounen.

Mir stellen d'ailleurs och fest, datt all Lëtzebuerger Institutiounen datselwecht soen an eng ganz grouss Skepsis zu deem, wat hei gemaach gëtt, zum Ausdrock bréngen. Dat ass awer fir d'Regierung net schlëmm. Wa sämtlech Institutiounen dat soen, da stelle mer emol einfach d'Recht vun deenen Institutiounen a Fro, Analysen ze maachen! Ech liesen am „Quotidien" vum 12. Dezember 2016 iwwert den Här Kersch: «Les avis de la Banque centrale…», dat ass elo d'Zitatioun vum „Quotidien", «Les avis de la BCL ou du Conseil national des finances publiques ne semblent pas plaire au ministre:» - an da kënnt d'Zitat wuertwiertlech vum Minister - «Ces institutions, qui ont certes leur raison d'être,» - Merci! - «n'ont pas de mandats démocratiques» - très bien -, «mais se croient mandatées pour critiquer le Gouvernement.»

(Hilarité et brouhaha)

Ech fannen dat am Fong e staarkt Stéck vum Här Kersch..

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dat kenne mer jo.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Hei si grad déi Institutiounen, déi Organismen, déi nom europäeschen an nom Lëtzebuerger Recht indépendant solle sinn, fir hir Meenung ze soen, ënner anerem iwwert déi finanziell Situatioun vum Land. Gefält dat dann net, da gëtt dat emol a Fro gestallt. Keen däerf eppes aneres soen. An ech soen lech: Wou si mer dann hei, wa mer elo schonn einfach ufänken, dat a Fro ze stellen, wat indépendant Institutioune soen?!

Et ass wéi wann Der eng Bluttanalys bei den Dokter maache gitt an da gefält d'Resultat lech net an da sot Der: Den Dokter an de Labo, déi sinn awer net kompetent, fir esou eng Bluttanalys ze maachen! An da frot Der lech: Firwat hunn déi iwwerhaapt eng Bluttanalys gemaach?, anstatt ze kucken, wat dann d'Resultat an Är Krankheet ass an dorops ze reagéieren. Anstatt op d'Konklusioun vun de Resultater anzegoen, fir d'Éischt emol op den Dokter schéissen an en da kritiséieren!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir wäre frou, wa méi op déi indépendant Organismen an Institutioune gelauschtert géif ginn, wann hir Aarbecht net einfach esou a Fro gestallt géif ginn. Also, et muss een net ëmmer mat hinnen d'accord sinn, mä wann een net mat hinnen d'accord ass, da muss een argumentéieren, firwat een enger anerer Meenung ass, a keng esou Argumentatioun féieren, wéi hei gefouert gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Néngt Ausso: „Mir hunn et fäerdegbruecht, den Triple-A ze halen." Dat ass jo schéin! Mä ech soen lech awer och, Här Finanzminister, a mengen Aen ass dat e Minimum, wann een e Wuesstum vu 4% bis 5% huet. De Finanzminister seet, et wäre vill Länner, déi den Triple-A verluer hunn. Mä wann Der emol kuckt, wéini déi Länner den Triple-A verluer hunn, da stelle mer fest, datt dat a Fro gestallt ginn ass tëschent 2007 an 2012. Wann ech dann e puer Zuelen huelen, déi hu 45-mol an där Period d'Länner no ënne klasséiert an hunn d'Länner vun 8, déi en Triple-A haten, op 4 reduzéiert wärend där doter Period, dat heescht wärend der Krisenzäit. An ech soen, datt den Här Frieden et fäerdegbruecht huet, wärend der Krisenzäit deen Triple-A ze halen, dat ass de grousse Meritt! Datt Dir et fäerdegbréngt wärend enger Croissance...

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...vu 4% bis 5%, et wär dach de Combel, wann Der en elo géift verléieren!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dat war e wonnerbare Mann.

(Interruptions diverses)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Zéngt Ausso: „De Budget gëtt e kompletten Iwwerbléck iwwert d'Recetten an iwwert d'Dépensë vum Stat." Sou misst et sinn, haaptsächlech am Pluriannuel. Mä ass et esou? E puer Beispiller. Wéi ass et mat deene supplementare Fraisefongen, déi mer mussen hunn notamment zum Beispill fir d'Pist vum Fluchhafen, déi monsterhaft méi deier ginn ass, wat ech net kritiséieren, wat ech just feststellen, mä wat ech net am Budget erëmfannen? Mä vläicht hunn ech de Budget

net uerdentlech gelies, mä ech fanne se am Pluriannuel momentan net erëm.

Wéi ass et mat deem leidege Sujet vun der Rekapitalisatioun vun der Banque centrale, déi säit Jore versprach gëtt an net gemaach gëtt? Wéi ass et mat eventuelle Reserven, déi mer jo kéinte brauchen, wa Betriber a Schwieregkeet kommen, wa mer missten d'Kapitalerhéijunge maachen? Wou sinn déi Reserven? Wou si se uginn? Wou fanne mer déi Suen zréck? Wéi ass et d'ailleurs, mä dat wëll ech net méi uschwätzen, mam richtege Coût vun der Steierreform fir déi nächst Joren? Mä do weess ech Är Äntwert, duerfir stellen ech déi Fro elo net méi.

Eeleft Ausso, déi ech wëll maachen, oder eeleft Ausso, déi Dir gemaach hutt: „Mir änneren d'Struktur vum Budget, well mer wëlle méi eng laangfristeg Visibilitéit hunn a well mer wëllen eng LOLF, eng «loi d'organisation financière» (veuillez lire: loi organique relative aux lois de finances) hunn, déi u sech d'Budgetszilsetzungen definéiert an och d'Effizienz kontrolléiert."

Am Ufank vun der Legislaturperiod ass McKinsey agestallt ginn, mat groussem Pomp agestallt ginn, fir déi Aarbechten do ze maachen. An ech wëll emol iwwerhaapt net méi wëssen an ech froen emol iwwerhaapt net méi, wou mer dru sinn, well mer an där doten Diskussioun néierens sinn. Ech mengen, de Kopernikus, deen ass nach net do laanschtkomm, d'Aerd ass immobill an d'Sonn dréit sech nach ëmmer an deem do Sujet ronderëm d'Aerd.

(Interruptions)

Zwieleft Ausso, et gëtt eis gesot: „An deem Budget hei setze mer d'Landesplanung ëm, den Zukunftsdësch, mir setzen den Här Rifkin ëm." Ech wollt am Fong net vill iwwert den Här Rifkin schwätzen, mä en ass och vum Rapporteur ugeschwat ginn, dofir awer just e puer Wierder trotzdeem driwwer, well mer hei awer an enger onméiglecher Diskussioun sinn. Elo gëtt eis säit engem Joer gesot: „All déi Wuesstumskompetitivitéitsrichtlinnen, Produktivitéitsfroen, déi léist eis elo dem Här Rifkin seng Etüd. Wann déi op den Dësch geluecht gëtt, da gesi mer alleguer méi kloer."

Ech fannen et och normal, datt een als Politik heiansdo dohigeet an auslännesch Experte chargéiert, fir Analysen ze maachen. Dat fannen ech richteg. Ech gesinn heiansdo, wann ech da gesinn, wéi dat alles do als Bibel considéréiert gëtt, „Welcome to the Journey", „The Start of a new Era", „Be part of The Third Industrial Revolution" an alles dat, wat mer dann do zerwéiert kritt hunn op deem groussen Event, wat organiséiert ginn ass, dat léisst mech schonn emol eng gewëssen Distanz huelen a mech emol a Rou dohinnersetzen, fir déi 400 Säiten ze liesen. Ech hu mech bis elo nach net dozou expriméiert, well ech se emol eng Kéier wollt liesen, éier ech eppes doriwwer soen.

Do ass eng...

(Interruption)

...Beschreiwung vu Megatrends amgaangen, géint déi ech am Fong och näischt hunn. Et gëtt an dem Energieberäich gesot, mir misste méi energieeffizient sinn, elektresche Mobilitéitsmaart. Gobal Mobilitéit gëtt gesot: „shared mobility", emissiounsfräien Transport, Télétravail, nohalteg Transportinitiativen. Okay. Am Bauen: Kreeslafwirtschaft, Null-Energie-Päss an esou weider. An de Finanzen: „digital economy", FinTech, Internet of Things. Mir schwätze vun „circular economy", „shared economy", „smart economy". Alles okay. Just näischt Neies an där ganzer Reform hei. Dat gëtt an d'Renten zesummegepaakt an da gëtt gesot: Elo ass dat d'Bibel, elo musse mer dat maachen!

Wat sinn eis Kritikpunkten dodrun? An ech wëll déi awer och eng Kéier ubréngen.

Ech wëll just froen: Wat heescht dat do finanziell? Wéi organiséiert een dat? Ech kréien da gesot: „Mir fanne Rifkin-Landesplanung an deem Budget hei erëm." Da sot mir emol! Den Här Rifkin ass gefrot ginn: „Jo, wou huelt Der dann déi Suen hier, fir all déi Projeten ze maachen?" D'Äntwert war: „Mä déi sinn do! Dir braucht se just vun existente Projeten erofzehuelen, wat al Projete sinn, an Dir setzt se op déi nei Projete vun der «Third Industrial Revolution», an dann ass kee Problem. Just let's do it!"

Plusieurs voix.- Yes!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll also wëssen: Wat fir eng Projete ginn dann elo net gemaach? Wat fir eng Projete ginn dann elo net gemaach? Wou sinn an deem Programm hei, deen d'Regierung mécht, déi Projeten, déi mer elo op d'Säit setzen, fir Finanzen ze degagéiere fir déi nei Projeten, déi mer musse maachen?

Ech wëll just wëssen: Wéi geet dat dann elo? An ech erwaarden awer och vun esou enger Etüd, déi mat esou vill Pomp presentéiert do gëtt, datt se awer op déi do Froen, wat déi richteg politesch Froe sinn, Äntwerte gëtt. Hei gëtt eng Beschreiwung gemaach vun deem, wat a 40 Joer lass ass, ouni awer ze soen, wat dann elo déi Schrëtt sinn, wéi dat finanzéiert gëtt, wéi mer an deenen nächste Joren dohinner kommen.

En anert Beispill: Et gëtt emol gesot,...

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Wéi vill kascht et?

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...2025 däerfen an dësem Land nëmme méi elektresch Autoen enregistréiert ginn. Ech fannen dat jo ganz gutt. Ech fannen dat jo ganz gutt. 2025, Punkt. Wéi soll dat da goen? Wéi soll dat da goen? Wéi soll et goen?

Eng aner Geschicht: Et gëtt gesot, datt mer den „modal split" wëllen, iwwert dee mer jo vill schwätzen. Mir sinn haut bei 14,5% ëffentlechen Transport. Mir hu Mobilitéitskonzepter entwéckelt, do komme mer mat ganz vill Méi, wa mer d'Capacitéit vum ëffentlechen Transport verduebelen - verduebelen! -, mat allem, wat dat heescht, komme mer bei 700.000 bis 750.000 Leit op 20%. Da gëtt eis gesot, 2050 40% ëffentlechen Transport. Bei enger Populatioun vun 1,2 Milliounen oder 1,1 Milliounen. Wéi maache mer dat? Wéi wëllt Der et finanzéieren? Wéi wëllt Der et maachen? Wéi soll dat ausgesinn? Et gëtt emol einfach gesot, 40%. 40%!

Ech wëll awer do wierklech soen, wann een esou Saachen op den Dësch setzt, da muss een awer och e Minimum wëssen, wéi ee se wëllt realiséieren. A wann Der dat do wëllt realiséieren, da muss een awer och inhaltlech soen, finanziell, wat heescht dat a wéi gi mer elo dohinner. Ech fannen och weder am Här Rifkin eppes nach am Budget iergendeppes esou do erëm. An ech sinn elo gespaant op déi Diskussiounen, déi kommen, wou mer par ailleurs net invitéiert sinn, mä dat ass jo dann egal.

Eng Rei aner Kriticken, dat ass: Wéi ass et mat dem ganze soziale Suivi dovunner? Do steet och näischt dran. An zum Schluss wëll ech awer nach soen, do musst Der mer awer nach erklären, wa mer vun deene Wuesstumsprognose schwätzen, ech liesen déi minus 0,5%, déi gi justifiéiert mat enger Croissance vun 10.000 bis 12.000 Leit, déi all Joers erakommen. Déi nächst 40 Joer si mer op 1,1 Milliounen. Dat ass dat, wat d'Regierung am Fong als finanzielle Volume elo mat de minus 0,5% als Perspektiv dohinnersetzt.

Da ginn ech op déi Reunioun, déi den Här Bausch organiséiert, ech weess net, wéi en et nennt, den Zukunftsdësch oder déi Landesplanungsdiskussioun; ganz interessant, seet den Här Bausch. Mä dat musse mer limitéieren op 6.000 Leit, déi d'Joer zousätzlech bäikommen. 12.000 packe mer net. 6.000 ass eng Limitatioun.

Okay, da gi mer zréck bei den Här Rifkin. Liesen ech deen, da steet do dran: Ma dat, wat mer hei alles proposéieren, dat si 24.000 Aarbechtsplazen d'Joer méi. Elo muss awer ee mer soen, et muss awer ee mer soen, wat dann elo hei geplangt ass, wat d'Regierung wëllt! 6.000, wéi den Här Bausch seet, 12.000, wéi den Här Gramegna seet, oder, wéi den Här Rifkin respektiv den Här Schneider soen, 24.000? Iergendzwousch musse mer awer wëssen, wat fir eng Gesellschaft mer wëllen, wou mer higinn a wéi dat soll an deenen nächste Joren ausgesinn. Alles dat gesäit enorm konfus aus an an deem ganzen Ëmfelt, an deem ganze Kontext, wou mer hei sinn, hunn ech d'Impressioun, datt mer eng Regierung hunn, déi net weess, wéi se de Wuesstum soll begleeden, wou se soll higoen a wéi se dat soll maachen.

An dann zum Schluss, an dann halen ech op, nach eng Kéier ganz kuerz déi véier Iwwerleeungen, wou mer e groussen Désaccord mat der Regierung hunn.

Éischtens: Eist Objektiv ass anescht. Mir si fundamental iwwerzeegt, datt en negativt finanziellt Objektiv vu minus 0,5%, dat heescht wat wesentlech méi Defizit am Zentralstat méiglech mécht, e politesche Feeler ass. Mir verschreiwen eis hei engem demografesche Wuesstumsobjektiv, wat mer net packen a wat mer och net wëllen.

Zweeten Ënnerscheed: Wann ee sech deem Wuesstumsobjektiv verschreift, da muss een dat och budgetär erëmfannen an et muss een déi Dépense-courantë manner héich maachen an nach méi Investissementer virgesinn - wann ee sech deem Wuesstumsobjektiv verschreift. Wann een dat net mécht - wann een dat net mécht -, da muss een d'finanziell Objektiver eropsetzen, et muss een d'Pensiounsreform zum Beispill direkt ugoen.

Drëtte Punkt, deen eis ënnerscheet: „Mir kënnen eis déi Politik leeschten." Groussen Titel vum Budgetsrapporteur am „Lëtzebuerger Wort", bal nach méi grouss wéi seng Foto am „Wort". „Mir kënnen eis déi Politik leeschten."

Plusieurs voix.- Aah!

(Brouhaha et hilarité)

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur*.- Dat ass schwéier ze maachen!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir sidd nawell grouss, Här Haagen.

(Brouhaha général et hilarité)

„Mir kënnen eis déi Politik leeschten", seet den Här Haagen, seet d'Regierung. Mir mengen, datt dat e Märchen ass. Mir kënnen eis dës Politik net leeschten!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Den aarmen Här Kersch! Wat soll deen nëmme maachen?

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mat kengem Zeenario kënne mer eis se leeschten. Mir hunn eng Rei Alternative proposéiert an der Steierreform, Alternative bei der Gemengefinanzéierung, Grondsteier, Impôt d'intérêt complémentaire, Kilometerpauschal. Mir hunn e méi bëllegen, méi flexibele Congé parental proposéiert. Mir sinn net der Meenung, datt ee gratis Crèchë sollt maachen. Mir sinn net der Meenung, datt ee bilingual Betreiungssystemer sollt maachen. Mir mengen, méi gestaffelt Systemer wäre gerecht. Mir mengen och, mir hu gratis Kannerbicher zwar proposéiert, mä ëmmer mat enger Géigefinanzéierung vum Erofsetze vun der Allocation de rentrée scolaire. A mir hunn och Froen iwwert dee Rekrutement an der Fonction publique, deen Der an deenen nächste Jore maacht.

(Brouhaha général)

Mir kënnen eis dës Politik net leeschten. Mir maachen eng Politik, mir maache keng Politik fir Leit. Den CSV-Prinzip, deen ass: Mir mussen eis no der Decke strecken. Dat ass dat, wat dës Regierung net mécht. An ech soen lech, iergendeen iergendwann muss dat zréckbezuelen, wat haut ausgi gëtt!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A wann Der sot, dat ass eng Politik fir Leit: Déi, déi et a fënnef, zéng, 15 Joer mussen zréckbezuelen, dat sinn och Leit!

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Déi mussen et och zréckbezuelen! Dës Politik ass an dësem Kader, wat d'Generatiounegerechtegkeet ugeet, an eisen Aen net akzeptabel. Si ass ekonomesch schlecht. Si hëlt eis e groussen Deel vun eiser Kredibilitéit.

De véierte Punkt: Mir sinn der Meenung, datt een an Zäiten, wou et engem gutt geet, Sue soll op d'Säit setzen, fir wann et engem méi schlecht geet. An déi Zäiten, déi kommen an deenen nächste Joren nach eng Kéier! A Politik maachen, ass och no vir kucken a sech Capacitéiten uspueren, fir eng Kris ze bewältegen. An ech soen lech, dat ass net mat der Angscht vun de Leit gespillt, dat ass an d'Zukunft gekuckt an d'Zukunft vun de Leit ofgeséchert.

Dat mécht dës Majoritéit net. An dofir kënne mer dëse Budget op kee Fall stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wiseler. An nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

(Brouhaha général)

An elo huet just den Här Berger d'Wuert!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech wëll mat engem Spréchwuert ufänken. Et ass e Spréchwuert, dat seet: Wann de Wand vun der Veränerung bléist, bauen déi eng Maueren an déi aner Wandmillen.

(Interruptions)

Här President, d'selwecht ass et mat der Entwécklung vun eisem Land. Et kann ee sech mat Maueren ëmginn, wéi mer dat elo grad héieren hunn, an déi Entwécklung elo einfach passéiere loossen, oder et kann ee se aktiv begleeden. D'Regierung, d'Koalitioun huet sech fir dat Zweet décidéiert, well mir preparéiere Lëtzebuerg gären op muer. Duerfir gëtt mam Budget 2017 investéiert, massiv investéiert an eis Kanner, an eis Bierger, an eis Infrastrukturen, an eis Wirtschaft, an d'Mobilitéit, an de Logement, an d'Schoulen, an d'Recherche, an eis Zukunft.

De Budget 2017 ass och e Budget fir d'Leit am Land, well mir mat ville Mesuren, wéi dem neie Congé parental, der Klimabank, wéi besonnesch de Steiererliichterungen, de Leit hiert Liewe wäerte méi einfach maachen.

Här President, e Land, wat net investéiert, bleift net nëmme stoen, mä geet e Schratt no hannen. An dat wëlle mir net! Duerfir stinn an dësem Budget Rekordinvestissementer vu ronn 2,3 Milliarden Euro. An domadder preparéiere mir d'Land op déi nei Erausfuerderungen. An et ass och elo, jo grad elo de richtege Moment, fir ze investéieren, well déi finanziell a wirtschaftlech Eckdaten hei am Land stëmmen.

Dat huet mat der Weltkonjunktur ze dinn. Déi ass positiv. Dat brauch een net ze verheemlechen. Awer och domat, datt d'Regierung an deene leschte Joren eng Rei richteg a wichteg Décisioune geholl huet, fir déi verschidden ekonomesch Secteuren ze férderen. Ech denken do besonnesch un déi grouss Efforte vun der Regierung, besonnesch vum Finanzminister, dem Pierre Gramegna, déi hie gemaach huet, fir Lëtzebuerg vun de groen a schwaarze Lëschten erofzekréien an domat eis Finanzplaz erëm méi transparent ze maachen a besser, ech géif souguer soen, exzellent erëm opzestellen.

Firwat maache mir elo déi Investissementer? Mä mir kënnen elo verstäerkt den Akzent op d'Investitioune leeën, well et eisem Land besser geet wéi nach virun dräi Joer, wéi déi nei Regierung ugetratt ass. Ech wëll och, well et ass jo virdru vill mat Zuele jongléiert ginn oder presentéiert ginn, mat e puer Zuelen illustréieren, datt et eis haut besser geet wéi virun dräi Joer, wéi dës Koalitioun ugetratt ass.

D'Statsschold: 2013 louch déi bei 23,5% vum PIB oder vun eisem Räichtum. Elo leie mer bei 20,5% bei eiser Statsschold. Mir sinn eigentlech och besser an deem Punkt, wéi mer eis dat an eisem Koalitiounsaccord virgeholl hunn, wou mer gesot hunn, mir wéilten net op 30% kommen.

De Chômage, eng aner Zuel, ass deemools bei 7% gewiescht. Elo leie mer bei 6,2%; Tendenz nach ëmmer no ënnen, wat eng gutt Tendenz ass; och bei deene Jonken. Wann een dee Punkt kuckt: Am Chômage 2013 an absolutten Zuelen: 2.445; elo nach 1.575. Sécherlech sinn dat der nach ze vill, mä et sinn der awer ronn 1.000 manner wéi virun dräi Joer bei deene Jonken. Mir hu weiderhin den Triple-A. Mir hunn e Wirtschaftswuesstum, dee war 2012 ronderëm null. Haut hu mer e Wirtschaftswuesstum, dee sech ëmmer an der Géigend vu 4% beweegt.

Mir hunn et och dernieft fäerdegbruecht, an deene leschten dräi Joer mat enger responsabeler Finanzpolitik eis Statsschold erofzesetzen, eis Statsfinanze gutt ze géréieren, an, jo, domadder hu mer och den néidege Fräiraum fir Investissementer a fir d'Steierreform geschaaft.

An eng responsabel Finanzpolitik, dat war och noutwendeg ginn, well de Comité de prévision hat eis virgerechent, wat den Zeenario gewiescht wier, wa mer keng Mesurë geholl hätten, wa mer net déi Politik gemaach hätten, déi mer an deene leschten dräi Joer gemaach hunn. Dann hätte mer haut, 2016, eng Statsverschëldung vun 29,2%. Ech hat et scho virdru gesot: Elo si mer awer bei 20,5%. An anere Wierder - Här Wiseler, oder da soen ech der Chamber -, da soe mer et eben eng eelefte Kéier, ech hunn et elo hei mat den Zuelen awer wierklech nach eng Kéier duergeluecht -, da soen ech et nach eng eelefte Kéier: D'Scholdespiral ass gebrach!

(Interruption)

Virdru ware mer bei 23% an elo si mer bei 20%. A wann een näischt ënnerholl hätt, wier ee bei 29% gelant. Mir sinn awer elo bei 20%. Dat heescht also, datt mer déi Spiral, déi vum Comité de prévision annoncéiert gi war, gebrach hunn. Dat ass awer kloer an däitlech! Da soen ech et och nach déi zwielefte Kéier.

Mir hunn och d'lescht Joer...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dir sot et esou dacks, bis Der et gleeft!

(Interruptions diverses)

En huet et schonn dacks gesot.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President,...

Une voix.- Dir gleeft et jo selwer net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

M. Eugène Berger *(DP)*.- ...mir hunn och d'lescht Joer keen neien Emprunt, also keng nei Schold opgeholl. Mir hunn au contraire eng Schold vu 400 Milliounen zréckbezuelt. An och, d'Schold ass an absolutten Zuelen zréckgaangen. Mir hunn och, wéi gesot, d'lescht Joer keng nei Schold opgeholl.

Et geet eisem Land och besser wéi virun dräi Joer, well déi nei Regierung och hir Verantwortung iwwerholl huet, fir déi strukturell Ausgaben an de Grëff ze kréien. An d'Zuele beleeën och, datt mer do gutt gewirtschaft hunn. Beim Zentralstat ware mer nach vun engem Defizit vun 841 Milliounen ausgaangen, a mir si mat engem klengen Defizit vu ronn 176 Milliounen awer relativ, net wäit ewech vum Équiliber. Op alle Fall hu mer do och vill besser geschafft, wéi dat au départ virgesi war.

An, ech mengen, dat Resultat ass jo awer och ëmsou méi bemierkenswäert. Firwat? Majo, well d'Recetten op der TVA vum E-Commerce si jo systematesch an dramatesch erofgaangen an deene leschten dräi Joer. 2017 wäerte mer - et kann een dat esou formuléieren - e Minus doduerjer hu vun iwwer 800 Milliounen. An duerno wäerte mer eng Milliard do am Minus hunn. Also, dat hu mer och scho mussen ab 2015 mat verschaffen. An ech mengen, d'Resultater vun deene leschte Jore si gutt, well de Finanzminister och seng Dépensen am Grëff huet. Och do eng Zuel: Mat minus 2,9% leie mer d'lescht Joer zum Beispill méi niddreg bei den Dépensen, wéi mer dat och nach virgesinn haten.

Op där enger Säit also eng gutt Finanzgestioun, op där anerer Säit awer och d'Regierung, déi Courage bewisen huet mam Zukunftspak, wou se Verantwortung iwwerholl huet, fir strukturell Mossnamen ze huelen, déi vläicht net ëmmer beléift waren, déi awer néideg waren.

Jo, d'TVA huet mussen erofgesat ginn. A wann ech de Wahlprogramm vun der gréisster Oppositiounspartei liesen, dann hätte si dat och gemaach. A firwat hu mer et gemaach? Well a kuerzer Zäit, also ab 2015 eben déi eng Milliard Recetten aus dem E-Commerce bis 2018 ewechgefall sinn. Dat war e risegt Lach, wat mer am Budget virfonnt hunn. Mir woussten dat net esou genau. Mä duerfir hu mir also och dann dat gemaach, fir d'TVA ze erhéijen.

An do muss een awer soen: D'TVA op 17%, do si mer nach beim niddregsten Taux an Europa. Mir hunn och eng Rei Produiten, déi mer aus där Erhéijung erausgeholl hunn. Och beim Logement hu mer awer do nach Exceptioune geholl. A wann een dann och nach kuckt, wéi niddreg d'Inflatioun an deene leschten dräi Joer war, wann een dat do bilanzéiert, da gesäit een och, datt déi liicht Unhiewung vum TVA-Saz och net zu enger Präisdeierecht gefouert huet.

Jo, den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire ass och agefouert ginn.

Une voix.- Här President?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech sinn elo a mengen Iwwerleeungen. Soss kann den Här Roth herno…

Une voix.- Hien ënnerbrécht jo och genuch.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mech dierft Der och ënnerbriechen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här Roth… Also, ech kann dem Här Roth jo ni eppes verwieren.

(Interruption par M. Alexander Krieps)

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, mir haten… Här Krieps, contrairement zu Ärer Partei.

(Hilarité)

Jo, jo.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Elo lauschteren ech lech no.

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir kënnen och nach e bësse matenee schwätzen.

Une voix.- Elo ass den Här Krieps ofgelenkt.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Neen, neen. Mä d'CSV, contrairement zu der Partei vum Här Berger, huet de Leit virun de Chamberswahle gesot, dass se missten eng Erhéijung vun der TVA maachen. A mir hätten dat och gemaach, blouss hätte mer keng um Bau gemaach. Mä Dir hutt de Leit weder gesot, dass Der eng géift maache generell, nach hat Der de Leit gesot, dass Der eng géift um Bau maachen. A sot eis elo just: Firwat hutt Der de Leit dat net virdru gesot?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Mä, Här President, ech hunn dat virdru schonn erkläert. Well wéi mir déi Keesen entdeckt hunn, do hu mir do gesinn...

(Hilarité et brouhaha)

...wat awer do fir Problemer… Jo, Dir kënnt laachen, well… Här President, den Här Roth huet elo…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Roth, Dir musst dem Här Berger awer elo emol d'Chance ginn, fir op déi Froen ze äntwerten, déi Der him gestallt hutt.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech hunn him dat awer wëllen...

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Ech wollt e just froen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, Här Roth, elo huet den Här Berger d'Wuert a soss keen!

M. Gilles Baum *(DP)*.- Dat sinn déi schwaarz Keesen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Wéi mer an d'Keess eragesinn hunn,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et ass bis elo op eng ganz poséiert Aart a Weis hei diskutéiert ginn, da geet et och esou weider.

M. Eugène Berger *(DP)*.- ...hu mer wierklech d'Envergure gesi vun deem, wat do hannerlooss gi war. An duerfir hu mer also déi Mesurë missen huelen, wou mer effektiv net virdru konnte gesinn, datt dat esou e Lach géif ginn.

An, Här President, mir hunn och méi wéi eng Kéier schonn iwwert déi Mesuren am Logement geschwat. An do muss een awer nach eng Kéier preziséieren, datt dat net fir déi éischt Wunneng ass, datt dat wierklech fir déi ass, déi sech déi drëtt, déi véiert, déi fënneft an déi sechst kënne leeschten.

Jo, Här President, den Impôt d'équilibrage budgétaire temporaire ass och agefouert ginn am Zukunftspak. D'Wuert seet schonn „temporaire". Dat war also net fir d'ganz Éiwegkeet.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Ah!

M. Eugène Berger *(DP)*.- An et ass och kloer, datt do déi kleng a mëttel Akommessen net...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Reding, den Här Berger brauch keen Écho.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Besonnesch net vum Här Reding, Här President.

(Interruption par M. Roy Reding)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift, fuert elo virun, Här Berger!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo. A besonnesch déi kleng a mëttel Akommessen, déi sinn do net iwwerméisseg belaascht ginn, wéi dat jo gären awer vun der Oppositioun duergestallt ginn ass. De Mindestloun war ganz ausgeholl. An dann en anert Beispill: Bei zum Beispill 3.000 Euro de Mount war dat 5 Euro de Mount, oder, op d'Joer gerechent, 60 Euro d'Joer, 60 Euro d'Joer fir bei engem Akommes also vun 3.000 de Mount. Da kënnt Der héichrechnen, wéi vill dat am Joer war.

An dat war - ech hunn et gesot - en temporären an et war och e solidaresche Bäitrag am Interessi vun deene Jéngsten aus eiser Gesellschaft, well den IEBT jo och indirekt - jo, mir hu keng direkt Affektatioun -, dozou gedéngt huet, fir déi gratis bilingual Kannerbetreiung op d'Been ze setzen.

An, Här Roth, erlaabt mer dat, well Dir hat d'leschte Kéier bei Ärer Ried zur Steierreform zweemol gesot, déi géif net kommen: Déi kënnt! Déi kënnt 2017!

Am Zukunftspak soll een eppes och net vergiessen, dat gëtt gären iwwersinn: Dat ass, datt do ganz vill Efforte beim Stat selwer gemaach gi sinn. Dat geet vu banale Saachen, vu Fotokopië spueren, bis awer och méi importent Saachen, wéi Gebaier selwer benotzen, amplaz der lounen ze goen. Dat war den Trimestre de faveur an eng ganz Rei anerer, wou mer eis awer eens waren, datt een dee Wee sollt goen. An do sinn eng ganz Rei Millioune beienee komm.

Et ass also esou, datt et falsch ass, wann een einfach seet, elo mat der Steierreform géif een dat zréckginn, wat een anscheinend virdru geholl hätt. Neen, dat ass net wouer! Mat der Steierreform gi mer de Leit au contraire däitlech méi - däitlech méi! - Kafkraaft zréck, an däitlech méi och par rapport zu deem, wa se dann e solidaresche Bäitrag virdrun iwwert den IEBT geleescht hunn.

An do kann een och mat Beispiller… Ech mengen, et ass jo gutt, wann een e Prinzip énoncéiert, mä et ass awer och gutt, wann een dat hei illustréiert mat Beispiller. Wann ee Beispiller huet, déi d'Leit dobaussen och kënnen novollzéien.

Huele mer e Beispill: Mindestloun oder 23.000 Euro, Steierklass 1. Bei deem Impôt temporaire hunn déi 0% oder 0 Euro bezuelt. Elo bei der Steierreform kréien déi mat 23.000 Euro, Klass 1, éischtens, zweemol den CIS. Dat maachen dann eng Kéier 300 Euro zousätzlech. Si bezuelen iwwert de Barème am Joer 447 Euro manner. Dat heescht also: Virdru krute se also näischt aus der Täsch geholl, wéi d'Oppositioun géif soen, mä si hunn ënnert dem Strécht e Plus vu 747 Euro, ouni eventuell nach aner Elementer, déi se da géifen duerch déi nei Steierreform kréien.

En anert Beispill: 3.000 Euro. Ech hat elo vun deene geschwat, 3.000 Euro, déi also och an der Klass 1 sinn. Déi hunn am Joer 60 Euro IEBT bezuelt. Elo mat der Steierreform kréie se beim CIS, dee geet jo progressiv zréck; ech hunn et elo net genau do ausgerechent, mä loosse mer soen, déi kréien do nach 50 Euro ongefëier. Awer zousätzlech iwwert de Barème - dat kann ee méi genau kucken - kréie se 991 Euro Steiere manner ze bezuelen. Also loosse mer soen, dat dann zesummen, den CIS plus déi manner Steieren: Ronn iwwer 1.000 Euro mussen déi manner Steiere bezuelen.

Also virdrun hu se 60 Euro bezuelt, fir et emol esou ze soen. Elo mat der Steierreform kréie se iwwer 1.000 Euro méi u Kafkraaft. Dat ass also eng Differenz, wou een net ka soen: Dat eent huet ee geholl an dat anert ausginn. 60 Euro sinn net 950 oder 1.000 Euro.

Ech kéint déi Beispiller hei, Här President, weiderféieren. Si illustréiere kloer, datt mer mat der Steierreform méi Kafkraaft ginn hunn an net einfach eppes zréckginn hunn, well: Firwat hu mer dat gemaach? Mir wëllen, wou et dem Land elo besser geet, datt all d'Leit, och déi breet Mëttelschicht, och um Wirtschaftswuesstum deel kann huelen. Och duerfir hu mer déi Steierreform gemaach.

An ech bedaueren et och wierklech, Här President, ech kann et och net esou richteg verstoen eigentlech, firwat besonnesch déi gréissten Oppositiounspartei...

Une voix.- Déi gréisste Partei!

(Interruption)

M. Eugène Berger *(DP)*.- ...déi gréissten Oppositiounspartei - och, och -, datt se där Reform net konnt zoustëmmen. Ech mengen, domadder hätte se awer och derzou bäigedroen, sech och solidaresch gewisen, fir de Leit am Land dobaussen Entlaaschtungen entgéintkommen ze loossen.

A wann ech mech och un d'Ried erënneren, et ass nach net esou laang hier, vum Här Roth vun der leschter Woch. E war eigentlech ganz konstruktiv, dat wëll ech och hei ervirhiewen. En huet do eng ganz Rei Saachen, och Elementer vun eiser Steierreform appréciéiert. An och a sengem Artikel 2015 am „Wort", de 14. August 2015, ech hunn et virdrun nach eng Kéier nogelies, huet en eng Rei Iwwerleeungen eigentlech gefouert, déi och an déi Richtung gounge wéi dat, war mir elo an der Steierreform geschriwwen hunn.

Och duerfir verstinn ech net esou richteg, firwat den Här Roth eigentlech eis Reform do net matgedroen huet. Ech fannen dat e bësse schued.

(Interruption)

Et wiere jo nach aner Ursaache gewiescht, fir se ebe matzestëmmen, well ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, Här President, datt et awer och eng Steierreform ass, déi méi Gerechtegkeet bréngt. Et ass eng cibléiert, sozial selektiv Steierreform, well d'Erliichterunge sech op déi kleng a mëttel Akommesse konzentréieren. Déi kleng Akommesse gi prozentual am meeschten entlaascht. Een, dee wéineg Steiere bezilt, bezilt der mat der Steierreform och prozentual gesinn nach vill manner.

Och hei zwee Beispiller. Erëm dat vu virdrun da mat den 23.000 Euro d'Joer brutto. Dee bezilt 63% manner Steieren. Huele mer dann en anert Beispill. Dat ass dat, wat een da vläicht éischter schonn als déi breet staark...

(Interruption)

...Schëllere bezeechent, bei 100.000 Euro brutto d'Joer. Dee bezilt nëmme 5% manner Steieren.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Wéi vill Euro?

M. Eugène Berger *(DP)*.- An dann hu mer nach…

Här President, wann den Här Reding wëllt schwätzen, kann e sech jo aschreiwen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Hei ass eng Plack hänke bliwwen.

(Interruption)

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, dat ass richteg.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Voilà. Sou, Här Berger, Dir hutt elo ganz eleng d'Wuert. Wann ech gelift!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Mir hunn d'sozial Selektivitéit awer och virun allem doduerjer erabruecht, an dat huet eis vläicht och ënnerscheet vun där Propos vun der CSV, datt mir grad mam CIS, ech soen, gespillt hunn, datt mer dee moduléiert hunn an ebe fir déi kleng a mëttel Akommessen, mä virun allem fir déi kleng Akommessen, datt mer deen do verduebelt kritt hunn. No uewen iwwer 80.000 Euro kritt kee méi den CIS.

Ech wëll awer och nach eng Kéier rappeléieren, datt egal wéi déi, ech hu gesot, déi staark, déi breet Schëlleren, oder wann een och wëllt déi „iewescht Gehälter" nennen, datt déi awer nach wie vor nach déi grouss Steierzueler hei am Land sinn, datt si nach wie vor de Gros vun de Steieren hei am Land bezuelen. Dat huet och eppes fir eis mat sozialer Gerechtegkeet ze dinn. Duerfir hu mer jo de Spëtzesteiersaz och nach liicht adaptéiert.

Mä och hei, fir nëmmen eleng bei deem Beispill vun 100.000 Euro ze bleiwen an der Klass 1: Déi kréie keen CIS. Déi bezuelen nëmme 5% manner Steieren. Et sinn der, déi wéilten, datt dat nach manner wier. Mä op där anerer Säit muss een awer ëmgedréint soen: Wann Der an d'Tabell kucke gitt, déi bezuelen nach am Joer 25.500 Euro Steieren. Et soll een also net mengen, datt déi also elo näischt méi bezuelen. Wann een dat elo géif mat den ënneschte Gehälter vergläichen, muss een also einfach soen: Déi kruten och eng Entlaaschtung, mä se bezuelen awer nach ëmmer ganz vill Steieren.

(Interruption)

Den Här Roth, vläicht wëllt e mer elo soen, datt en awer nach nodréiglech d'Steierreform wëllt stëmmen.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Neen. Mä grad aus deem dote Grond, Här Berger, hu mer déi Motioun erabruecht iwwert d'„stock-options". Well Dir sot mat recht: Een, deen 100.000 Euro verdéngt, dee bezilt scho 25.000 Euro Steieren an engem Stot. Dat ass vill! Dat ass eng Milliioun där aler Lëtzebuerger Frang.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Dat ass awer scho laang hier.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- A grad aus deem dote Grond fanne mer et net ubruecht, dass nach wieder de Regimm vun den „stock-options" besteet, well déi Leit, déi verdénge wäit méi! A vun hiren 100.000 Euro, déi se da weider verdéngen, als Joresprimm ausbezuelt kréien, hunn déi 83.000 Euro Rescht, an déi Leit, déi 100.000 iwwert d'Joer verdéngen, wou Der gesot hutt, déi bezuele fir all 1.000 Euro, déi se weider verdéngen, 430 Euro Steieren. Dat hu mir net an der Rei fonnt.

An den zweete Punkt, do ginn ech lech och net ganz recht, quitte dass ech lech da bei de Steierkreditter zoustëmmen, dat ass dat,...

(Interruption)

...wa mer de Leit iwwert de Wee…

(Interruption)

Okay.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Roth, et ass, fir eng Zwëschefro ze stellen an net fir eng Interpellatioun ze maachen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech versichen awer...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also wann ech gelift! Wann ech gelift, Dir kënnt lech jo jiddwer Zäit aschreiwen, wann Der dat wëllt. Mä awer, wann ech gelift, dat ass de Sënn net vun engem Zwëscheruff.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech ka mer ongefëier denken, wat den Här Roth gär wollt soen. Ech kann awer dorop reagéieren. Mir sinn eis also eens, Här Roth, datt et eng sozial gerecht Steierreform ass, well déi breet Schëlleren nach ëmmer ganz vill Steieren awer bezuelen. Ech hat dat Beispill vun iwwer 25.000 Euro hei erwäänt.

An dann, dat hu mer och d'lescht Woch diskutéiert. Mir sinn eis do och eens, wann Abuse sinn, d'„stock-options" ware fir e ganz prezise But agefouert ginn, wann do Abuse sinn, do gëtt jo elo d'Bilanz gemaach am Finanzministère, an do kommen dann herno d'Zuelen op den Dësch, wa mer gesinn, datt do Saachen aus dem Rudder gelaf sinn, da sinn ech iwwerzeegt, datt de Finanzminister an datt d'Regierung hir Verantwortung iwwerhëlt an datt mer dat wäerte redresséieren. Mir hu jo och e ganze Volet vu Steierhannerzéiung an esou weider och am Gesetz virgesinn.

An dann, Här President, fir de Volet awer vun der Steierreform respektiv awer och fir ze soen, datt mer natierlech also an der Steierreform eng ganz Rei Mesurë geholl hunn, fir sozial Selektivitéit ze maachen; et soll een och net vergiessen, datt d'Steierreform net onbedéngt awer elo dat eenzegt Instrument ass, fir Sozialpolitik ze maachen. Mir hunn an der Sozialpolitik nach eng ganz Rei aner Mesuren, fir deene klengen Akommessen entgéintzekommen.

An och do mécht d'Regierung ganz vill Efforten. Ech denken nëmmen drun, datt praktesch d'Halschent, 8,3 Milliarden - ech kucken op de Rapporteur -, vun den Transferten an d'Sozialpolitik ginn. Déi kommen also och deenen ënneschte Gehälter zegutt. Dat ass d'Subvention de loyer, dat sinn d'Aides au logement, dat sinn d'Chèques-services, dat ass dat neit RMG-Gesetz, dat ass d'Klimabank, an, an, a villes méi.

Ech mengen also, et muss een dat och considéréieren, wann een op där enger Säit eng selektiv sozial Steierreform kuckt an op där anerer Säit awer och nach déi Mesuren, déi

zousätzlech komme bei alleguerten déi Leit, bei déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft.

An d'Steierreform kënnt och de Betriber entgéint an och do hu mer gekuckt: Soll een et do sozial Selektivitéit nennen? Dat ass vläicht net esou evident. Mä do setze mer den Taux progressiv erof. Et sinn der, déi wëlle vläicht méi wäit goen. Mä mir mengen awer, datt mer domadder eis Betriber kompetitiv behalen. An op där anerer Säit awer d'Start-uppen, déi kleng Entreprisen, déi kucke mer, selektiv méi ze ënnerstëtzen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An dann, schlussendlech wëll ech awer och drun erënneren, datt een awer och muss vu positive Retouren ausgoen duerch d'Steierreform. Et ass jo esou, datt dann d'Kafkraaft, datt dann d'Leit awer méi Suen hunn, datt mer also kënnen dovunner ausgoen, datt mer och e gewësse Retour an eis Geschäfter, an eis Ekonomie kréien. Dat wäert also d'Ekonomie ukuerbelen, an de Statec, dee geet vun Zuelen aus, datt mer ronn 0,25%, mengen ech, e Plus vun eisem PIB hätten duerch d'Steierreform.

An ech mengen, dat soll een och am Hannerkapp behalen, wann een iwwert de Käschtepunkt diskutéiert, wou d'Steierverwaltung eigentlech och eng virsiichteg - mat deenen Zuelen, déi mer nach ëmmer awer huelen -, datt do d'Steierverwaltung eng relativ virsiichteg Berechnung gemaach huet, well se eigentlech all déi Effeten, déi Retouren an d'Ekonomie nach net mat agerechent huet.

Jo, d'Zuelen. Et ass virdru vu mengem Virriedner vill doriwwer diskutéiert ginn. Ech wëll wierklech net méi ze vill drop agoen. Awer nach eng Kéier kuerz zum Avis vun der Zentralbank, deen d'lescht Woch oder virun zwou Woche fir Opregung gesuergt huet. Ech muss och soen, datt et awer vu verschidde Säite vläicht ze vill héichgespillt ginn ass, déi d'Zuele géintenee gesat hunn, amplaz ze kucken, ob se net vläicht éischter complémentaire wären. Bon, et huet och vläicht deen een oder aneren arrangéiert, fir da kënnen ofzelenke vu méi essenzielle Punkte vun der Steierreform.

Mä d'Differenz erkläert sech gréisstendeels duerch eng ënnerschiddlech Methodologie. Wann ech gelift, kommt, mir sinn einfach éierlech! Ech mengen, et ass net: Deen een huet recht, deen aneren huet recht. Et sinn zwou verschidde Methodologien. Déi Methodologie, déi de Finanzminister vun der Steierverwaltung iwwerholl huet, dat ass och eigentlech déiselwecht oder genee déiselwecht, déi och scho virun 2013 benotzt ginn ass.

An ech wëll och hei nach eng Kéier soen: Ech op alle Fall vertrauen nach wie vor der Steierverwaltung zu honnert Prozent! Déi maachen dat mat der néideger Seriositéit, dem néidegen Know-how. An de leschte Joren hu se dat och ëmmer gemaach. Si hunn ëmmer relativ genau, heiansdo vläicht souguer ze virsiichteg do Previsiounen opgestallt. A mir hu jo gesinn, datt mer heiansdo wierklech gutt Punktlandunge gemaach hunn.

Egal wéi, Rendez-vous d'nächst Joer Dezember 2017, da gesi mer dann, wéi dat war. Ech mengen, eben och bei der Exekutioun vum Budget, do huet och d'Steierverwaltung, d'Finanzverwaltung, déi hunn do och ëmmer richteggeleeën.

An d'Fro steet jo nach ëmmer am Raum: Kann ee sech déi Steierreform leeschten, ouni datt mer dann a Schwieregkeete komme mat eisem Budget? Fazit ass: Mir kënnen eis déi sozial selektiv Reform leeschten, ouni datt eis Finanzen aus der Bunn geroden. Dat soe mir, dat seet awer och den FMI, dat seet och d'Kommissioun, d'Kommissioun vum Här Juncker. An och mat dëser Steierreform bleiwe mer kloer an den europäesche Virgaben.

Mä net nëmmen, datt mer mat dëser Reform an den europäesche Virgabe bleiwen - haut de Moien huet de Finanzminister och schonn déi eng oder aner Statistik oder Zuelen do op den Dësch geluecht -, mir krute souguer och nach mat der Steierreform eng, géif ech scho bal soen, Musterschülerzensur, mir kruten eng ganz gutt Zensur ausgestallt am Verglach mat anere Länner. A mir bleiwen och mëttelfristeg op der Spur mat eise Finanzen duerch eisen OMT, eisen Objectif à moyen terme, dee mer vu Bréissel virgeschriwwe kruten.

Ech muss awer dann nach eng Kéier, de Spriecher vun der CSV ass zwar de Moment net do, mä en huet awer do e gudden Adjoint Caporal do sëtzen.

(Hilarité)

M. Roy Reding *(ADR)*.- Lieutenant-Colonel.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, d'Juncker-Kommissioun huet eisen OMT revidéiert. Se freet elo, datt mer eise Solde structurel op minus 0,5 solle setzen. Firwat ass deen erofgesat ginn? Well d'Kommissioun deen nei definéiert huet, opgrond vun neien Entwécklunge bei der laangfristeger Entwécklung am Beräich vun der Altersversuergung, déi elo ënner anerem méi positiv ausgesäit.

En anert Element ass awer och, Bréissel huet och agesinn, datt een an där aktueller Konjunktur soll investéieren, et soll een investéieren an der europäescher Gemeinschaft. An dat soll een och hei zu Lëtzebuerg maachen an dat maache mer elo hei mat deem Budget. An dat maache mer och, well mer den OMT dann esou setzen, wéi Bréissel eis en eigentlech virginn huet.

An ech war awer, erlaabt mer, erstaunt, datt elo den OMT kritiséiert ginn ass. Et ass einfach... Vläicht war der gréisster Oppositiounspartei eng Gaffe passéiert, mä mer hu prezis, et war keen techneschen Amendement, prezis hu mer gesot, vun 2016-2020 géif en nei festgeluecht op minus 0,5, mä se hunn dee matgestëmmt. Et war vläicht eng Gaffe, se hunn och vläicht elo virausgekuckt a geduecht: Et weess een ni, et kann een emol op enger anerer Säit sëtzen, da kéint et och vläicht interessant sinn.

Mä wat ech och wëll soen: Och mat deem neien OMT bleift d'Regierung awer, oder mat eiser Planifikatioun bleiwe mer awer iwwert deem Zil, dat Bréissel eis gesat huet: 2017 plus 0,8; 2018 0,2, 0,3; 2019 och an dann 2020 0,9. Dat heescht, do hunn ech awer och verstanen, datt mer do d'Kritäre vun dem Fraktiounsspriecher vun der CSV géifen anhalen. Hien huet gesot, et misst awer da wéinstens, wa mer elo schonn op en anere Wee ginn, bei 0,25 leien. Also, do leie mer dann net wäit aus dem Wee. Da kënne se also dann awer och, géif ech soen, mat eis do d'accord sinn.

An déi minus 0,5% sinn och keen absolutt Zil. Dat ass eigentlech déi Grenz, déi ënnescht Linn, déi mer eis festleeën. An, wéi gesot, ech hunn et elo mat den Zuele gewisen, mer bleiwen awer ëmmer wäit oder wéinstens e Stéck driwwer, bleiwen also an den Norme vun der gréisster Oppositiounspartei, wéi si dat proposéiert.

An de Statsrot confirméiert och, datt mer dat Objektiv elo de Bréisseler Virgaben urechnen (veuillez lire: upassen). Och de Statsrot seet, datt mer mat eiser Statsschold, wou mer 30% vum Räichtum ugesat haten, datt mer do och ganz wäit drënner sinn an datt mer also do och op där gudder Bunn sinn.

Här President, ech hat schonns déi positiv Konjunktur ugeschwat. Dat wëll ech och ëmmer erëm soen, datt déi natierlech och matgespillt huet. Et sinn och ganz vill Efforte vun der Regierung gemaach ginn. Déi positiv Konjunktur spillt och mat. Dat soll een net verleugnen. Laut där leschter Nott vum Statec 3,7%, d'Previsioune fir d'nächst Joer 4,2%. An da muss een awer wëssen, vu wou een hierkënnt. 2012 ware mer nach bei 0% an dat huet deemools, do ware mer eis och all eens, kee gutt fonnt. Kommt, mir sinn also frou, datt mer do op där Schinn sinn!

An och en anere Kritär, dee vläicht net esou an der Diskussioun bis elo ervirgestrach ginn ass, dat ass dee vum Aarmutsrisiko. Den Aarmutsrisiko 2015 ass zréckgaange vu 16,4 op 15,3 par rapport zum Joer virdrun. Fir mech ass dat awer och e klengt positivt Signal, et ass och en Indicateur, datt et hei zu Lëtzebuerg erëm besser geet.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Berger!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, Madamm Presidentin, ech mengen, den Här Gibéryen ass agedroen, da kann hien herno dozou och Stellung huelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech wäert dat scho maachen, Här Berger!

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Gutt. Här Berger, fuert virun!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Trotz deenen Zuelen, deene positiven Zuelen an der Konjunktur, sinn ech ee vun deenen, an net eleng, dee seet, mer musse wuechtsam bleiwen. Dat hunn ech schonn a mengem Budgetsrapport 2014 gesot. Ech hunn do ëmmer gesot, mer missten oppassen: Eng Éclaircie, also eng Opheiterung, mä eng Wollek ka schnell kommen! Och dat soll een hei am Hannerkapp behalen, wat déi eng oder aner Evenementer an der Welt sinn, déi Krisen op deene verschiddene Punkte vun eisem Planéit.

Ech denken och drun: Wou steiert deen neien amerikanesche President hin? De Brexit, bréngt dee positiv oder negativ Effeten? Dat ass och nach net definitiv gewosst. Vläicht kuerzfristeg, net laangfristeg. Mä egal wéi, dat ass an där grousser Welt.

Madamm Presidentin, ech wëll hei wierklech an dësem Kontext, dem internationalen, mä och am nationale Kontext zur Konjunktur eng kloer Ausso maachen. Wa mer wëllen, datt et jiddwerengem hei zu Lëtzebuerg weiderhi gutt geet, da brauche mer och weiderhi Wuesstum zu Lëtzebuerg.

Ech deelen awer och d'Suerge vun de Leit, déi mat engem Wuesstum zesummenhänken, deen onkoordinéiert wier; engem Wuesstum, deen ze staark op engem Zouhuele vun der Populatioun géif baséieren; engem Wuesstum, bei deem net déi néideg Begleetmoossnamen a Saache Logement, sozial Ofsécherung, Beruffsperspektiven oder Liewensqualitéit geholl géife ginn.

D'Leit maache sech do net onberechtegt Suergen driwwer, well wann een och zréckkuckt, da muss een de Constat maachen, datt déi lescht 20 Joer et net ëmmer esou gaangen ass, d'Land net ëmmer esou gewuess ass wéi dat, géif ech emol soen, optimal fir d'Land gewiescht wier. Dat ass, well mer de Wuesstum - an ech schléissen do jiddwereen an, jiddweree souz schonn emol op där enger oder op där anerer Säit vum Dësch -, datt mer deen net ëmmer richteg begleet a gelenkt kruten, oder vläicht heiansdo guer net gelenkt kruten.

Ech denken do zum Beispill un d'Landesplanung, den IVL. 2003 souz ech op där Säit, wou ech do mat un deem Projet geschafft hunn, mä duerno huet ee gesinn, datt awer d'Plans sectoriels onendlech Zäit geholl hunn, datt mer herno nach hu misse Gesetzer ënneren, wat och Zäit gebraucht huet. An herno si mer eigentlech vum Développement dobaussen iwwerrannt ginn a mir hate vläicht do net fréi genuch d'Jalone gesat an eis dee richtege Kader ginn.

Mir hunn an deene leschten 20 Joer e Bevëlkerungswuesstum vu bal 40% gehat. D'Aarbechtsplazen an deem Zäitraum hu sech bal verduebelt. An ech mengen, dat kann net, an eisen Aen op alle Fall, net d'Zil sinn, fir datt dat elo nach eng Kéier déi nächst 20, 30 Joer esou weidergeet. Ech hu Wuesstum gesot, mä esou e Wuesstum, do hu mir och Schwieregkeeten domadder.

Och déi Zuel vun 1,1 Millioun Awunner soll een net als fataalt an onauswäichlecht Schicksal ugesinn. Klammer op: Ech hoffen, datt mer nach all iergendwéi 2060 dann dobäi sinn, fir ze kucken, wéi et ausgaangen ass. Klammer zou. Mä déi Prognos vun 1,1 Milliard...

(Interruption)

1,1 Millioun. Dat ass mat deene villen Zuelen. Déi 1,1 Millioun Awunner...

Une voix.- Et sinn d'Nullen.

Une autre voix.- Jo, d'Nullen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- ...2060 ass eng reng mathematesch Prognos, well do déi nei Elementer vun dem Ageing Report mat agefloss sinn.

A vläicht eppes, wat interessant ass, wat ënnergaangen ass, och an der Cofibu, muss ech soen: De CNFP, dee jo haut och hei méi wéi eng Kéier zitéiert ginn ass - an dat wëll ech och hei soen, deem seng Kompetenz an Neutralitéit ech op alle Fall net als President vun der Cofibu a Fro stellen, dat wëll ech hei kloer gesot hunn -, mä de CNFP huet eng Zuel, vläicht kënnen déi, déi do an der Kommissiounssitzung waren, eng Zuel vun 850.000 Awunner avancéiert an en huet sech do op aner international Gremie beruff, déi domat och Correcteur spillen. Einfach nëmme fir ze soen, dat ass och eng Zuel, déi an der Diskussioun do opkomm war.

Madamm Presidentin, de Claude Haagen - deem ech och ausdrécklech, ech hunn et nach net gemaach, fir säi Rapport Merci wëll soen a félicitéieren -, huet, wéi all Rapporteur dat mécht, e perséinlechen Akzent gesat. An duerfir huet hien, op alle Fall hunn ech et esou eraus gespuert, de Sujet Wuesstum awer als ee vu sengen Akzenter a sengem Rapport gewielt.

Ech mengen, dat ass e pertinente Choix, deen e gemaach huet, wann een d'Suergen an d'Diskussioune vun deene leschte Méint dobausse bei de Leit, awer och d'Initiativen an deem Kontext vun der Regierung an deene leschte Méint do analyséiert. An och de Rapporteur ënnersträicht, datt Wuesstum kee Selbstzweck ass, mä Wuesstum muss ëmmer en Instrument sinn, fir méi Liewensqualitéit fir jiddwereen hei am Land ze erreechen.

An de Rapporteur huet och, de Claude Haagen huet och richtegerweis dorop higewisen, datt Lëtzebuerg eigentlech vill Erfahrung huet mat Changementer, sief dat mat deene gesellschaftlechen, deenen demografeschen, deene wirtschaftlechen. En huet do e klengen Historique gemaach.

An d'Konklusioun ass jo eigentlech déi: Vill vum Succès vu Lëtzebuerg berout dorobber, datt mir bei neien Entwécklungen net de Kapp an de Sand gestach hunn, net Maueren, wann ech op mäi Sproch zréckkomme vum Ufank, net Mauere gebaut hunn, mä datt mer eigentlech versicht hunn, Wandmillen ze bauen. An duerfir huet eben d'Regierung och décidéiert, d'Zukunft ze preparéieren an net ze waarden, datt d'Zukunft passéiert.

An duerfir begréissen ech den Débat Rifkin an och d'Debatte ronderëm d'landesplaneresch Entwécklung. Vill Aarbechtsgruppe sinn do gemaach ginn an deem engen an an deem anere Feld, iwwer 300 Experten hunn diskutéiert. Et ass och eng Debatt gewiescht iwwert déi drëtt industriell Revolutioun, wat dat kéint bedeiten an esou weider. Also, et ass do awer wierklech och vill gekuckt ginn, fir sachlech un deen Dossier erunzegoen, fir Fakten ze sammelen, fir d'Leit, fir d'Société civile, wéi een dat och seet, fir déi mat anzebannen.

An do gesäit een och, wann ee kuckt, déi drëtt industriell Revolutioun, do si sécher net alles nei Saachen. Do si Saachen, déi och scho passéiere respektiv déi mer preparéiert hunn. Ech denken zum Beispill un d'Digitalisatioun. Dat wäert mat sech bréngen, datt do nei Aarbechtsplazen entstinn, datt der eventuell och vläicht a Gefor sinn.

Och an deem Kontext, muss ech soen, muss ee sech all déi Froe stellen. Ech stelle mer déi och, besonnesch als Liberalen, wéi et mam perséinlechen Dateschutz ass. Well wa mer op ëmmer méi eng grouss Digitalisatioun ginn, do solle mer also mat Virsiicht och erugoen an den Derfir an Dergéint och genau ofschätzen.

Mir kënnen awer, wéi gesot, feststellen, datt mer an enger ganzer Rei Beräicher gutt opgestallt sinn, zum Beispill mat eisen Datazentren oder dem Développement vun de FinTech, awer och schonn an anere Beräicher, ech denken un d'Elektromobilitéit, wou mer och ganz vill Efforte maachen.

An deem Rapport Rifkin leien eng ganz Rei, e Koup voll Iddien um Dësch. Déi kënnen net, mussen net all realiséiert ginn. Mä et sinn awer interessant Piste fir ee méi nohaltege Wuesstum hei zu Lëtzebuerg. A mir mengen, och do, an deem Kontext, muss ee jo de Kader vun der COP21, also och vum Klimaschutz am Kapp hunn.

Wéi gesot, d'Regierung huet elo Etüden, Diskussioune lancéiert. Si huet awer och schonn eng Rei Moossnamen an Ugrëff geholl. Ech hat Der elo scho genannt. Ech kéint och nach „energy internet", ech kéint nach d'Férderung vu konkrete Projeten, „circular economy" am Norden, ënner anerem, ernimmen an esou weider.

Eis Konklusioun zur Zukunftsdebatt ass déi, datt mer eise Wuesstum also besser a méi nohalteg sollen organiséieren. E Wuesstum schafen, deen, éischtens, idealerweis manner op Emploi berout, op Aarbechtsplaze mat méi Plus-value. E Wuesstum, dee fir héich Liewensqualitéit hei am Land suergt an e Wuesstum, deen och d'Zukunft vun den nächste Generatiounen ofséchert.

A wann ee vun Zukunft schwätzt a vun intelligentem, nohaltege Wuesstum, dann ass d'Politik och gefuerdert, da muss d'Politik och kloer Zeeche setzen, kloer Jalone setzen, net nëmmen an de Rieden, mä dann och kloer bei dem Budget. An dat ass dat, wat mer jo och maachen hei mat dësem Budget, datt mer soen, wat mir fannen als Regierung, als Koalitioun, datt dat dat Wichtegst ass, do wëlle mer investéieren, well mer mengen, datt dat do de Wee ass fir nohaltege Wuesstum. An duerfir hu mer och hei eis Prioritéite festgeluecht.

Ech mengen, fir d'Éischt muss een emol soen, iwwerhaapt: Mir investéieren, éischtens, ganz vill an d'Zukunft, an déi no Zukunft. D'Investissementer leie bei engem Rekordniveau vun 2,3 Milliarden Euro. Si ginn och konstant, dat huet de Finanzminister haut de Moien illustréiert, si gi konstant erop. An et muss een och soen: Investitioune si keng lafend Ausgaben! Dat ass och eigentlech an deem Sënn net richteg eng Schold, well Investitiounen, dat si jo Ausgaben, vun deenen ee sech herno e positive Retour erwaart, Retombéeën an der Ekonomie zu Lëtzebuerg, nei Aarbechtsplazen an esou weider.

Ech mengen, datt mer mat där Investitiounspolitik, déi mer elo hei massiv gestart hunn, déi mer hei net nëmme weiderféieren, mä nach erhéijen, do leie mer och richteg. Dat soen och eng Rei aner Gremien. Ech denken do un déi Experte vum FMI, ech denken un d'OECD. Ech denken och un d'Juncker-Kommissioun, ech hat dat virdru scho gesot, déi eigentlech och duerfir den OMT jo erofgesat huet, fir ze soen: Investéiert méi an Europa, investéiert méi an Ären eegene Länner, wann Der do d'Moyenen hutt!

Et ass eigentlech och näischt - ech hu gesot, d'Juncker-Kommissioun -, et ass näischt Neies.

Wann ee kuckt, 2013 huet den deemolege Premier, deen elo Kommissiounspresident ass, eigentlech och schonn datselwecht gesot. 2013 hate mer en Defizit beim Zentralstat, mengen ech, vun 1,3 Milliarden. Ech hat elo virdrun am Historique vum „Lëtzebuerger Wort" gelies, ech liese wéi Der gesitt, ech hunn op alle Fall elo nach déi Zuel am Kapp, 2013 wier op alle Fall den Defizit do bei 1,3...

(Interruption par M. Gilles Roth)

Dann hunn ech eng falsch Informatioun aus dem „Wort". Dat kënnt net oft vir, mä egal.

Wat ech wëll soen, Madamm Presidentin, ass, datt op alle Fall och schonn den Här Juncker, deemools a senger anerer Fonctioun, och deemools schonn dofir plädéiert huet, datt een och soll méi investéieren. An dat ass dat, wat mir maachen. An déi héich Investissementer an eisem Budget, déi ginn awer trotzdeem positiv aviséiert, duerch d'Bank, vun enger ganzer Rei Avisen, déi och de Rapporteur opgezielt huet an déi een och da kann noliesen.

Ech hu gesot, d'Politik muss dann also kloer de Kader setzen am Budget. Wat sinn do fir eis eng Rei vu Prioritéiten? Eng vun eise Prioritéiten ass d'Mobilitéit, an dëst aus guddem Grond, mir hunn do Nohuelbedarf. Dat brauch ee kengem hei ze soen, dee moies oder owes am Trafic, soen ech emol, diplomatesch ausgedréckt, stécht. Mir mussen also den Transport nach méi effizient maachen, mer mussen e méi schnell maachen, mer mussen e méi bequem maachen, fir datt dat dann och wierklech déi Alternativ gëtt fir d'Automobilisten.

A konkret hu mer, mir schwätzen also net nëmmen dovun, konkret hu mer am Budget do d'nächst Joer eng ganz Rei Saache virgesinn. Ech wëll se net all opzielen, awer trotzdeem e puer: Ech mengen d'Gare am Pafendall mam Funiculaire, 36 Milliounen, dee wäert och 2018 prévisiblement fäerdeg sinn, den Tram, déi nächst Tranche, d'Multimodal-Plattform zu Beetebuerg, 42,8 Milliounen, ech hat elo net ëmmer d'Zuele genannt, weider Investissementer an de Vëlo, Bus, Emstigsplattformen, an esou weider.

Eng aner grouss Prioritéit ass a bleift de Logement. Dir wësst, dat ass keen einfachen Dossier. A well et fir eis eng Prioritéit ass, ënnersträiche mer dat och op en Neits erëm am Budget 2017. Dee Budget ass déi lescht Jore schonn eropgaangen, e geet nach eng Kéier ëm 4% erop op 210,2 Milliounen Euro. Dat ass virun allem, fir nei Logementer ze finanzéieren, awer fir och déi éischt nei Projeten, zum Beispill d'Frichen am Süden, kënnen unzegoen.

D'Klimabank, déi wäert och kommen. Déi wäert elo den Donneschdeg gestëmmt ginn.

(Interruption)

D'Klimabank ass jo eigentlech och e Prinzip, deen och nei Weeër geet. Ech wëll elo net alles soen, well soss lauschtert en Donneschdeg kee méi dem Här Hahn an dem Här Lamberty no.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Mä wat ass de Prinzip vun der Klimabank? Ech mengen, hei gëtt jo de Modell vun den Hëllefen ergänzt duerch e Prefinanzement. Firwat? Fir datt mer de Leit hëllefen, fir datt se hir al Haiser energetesch sanéieren. An et ass jo och domadder, wou se am Endeffekt Sue spueren. Wa se manner Energie brauchen, spuere se och Suen. Dat sinn also Mesurë géint d'Energieaarmut. Do kënnt dann och d'gratis Energieberodung, de Guichet unique an esou weider. Wéi gesot, en Donneschdeg kommen dann nach eng Kéier d'Detailer.

Mä an deem Projet vun der Klimabank, ech hunn dat och oft a menger rezenter oder an deene leschte Joren ëmmer erëm gesot, bei der Klimabank, do hu mer eigentlech nëmme Gewënner! Mir hu Gewënner, well d'Leit Sue spueren, well se a gutt isoléierten oder a sanéierten Haiser sëtzen. Se spueren also Suen, d'Leit am Portmonni. Mir schafen nei Aarbechtsplazen oder nei Créneaue fir eis Betriber. De Stat huet manner Kyoto-Strofen ze bezuelen. An am Endeffekt gewënnt d'Klima doduerjer och!

Aner Mesuren am Logement: D'Subventions de loyer, déi mer schonn ëmgesat hunn, déi vläicht nach net iwwerall esou ukomm sinn, wéi mer dat wëllen. Do wollt de Logementsminister och nach eng Kéier en Hoff maachen, fir datt dat nach besser bekannt gëtt.

Ech wollt och nach eng Kéier erënneren un déi steierlech Mesuren, déi mer an eiser Steierreform gemaach hunn, och am Beräich Logement, besonnesch och fir déi Jonk: Véierelstaux, Bauspueren, Abattementer an esou weider.

Dann, Madamm Presidentin, wa mer wëllen an d'Zukunft vun eisem Land investéieren, da musse mer och op eis Kanner an eis Jugend setzen. Dat ass eigentlech eng Evidenz. Mä da muss een dat och konkret weisen, datt een net bei deene wëllt spueren. An duerfir ginn och ganz héich Investissementer gemaach an d'Betreiung, d'Förderung, an d'Schoul awer och an d'Familljen.

Ronn 15% also vun den Ausgabe vun eisem Budget 2017 fléissen a Mesurë vum Ministère vun der Éducation, Kandheet a Jugend, wéi en elo heescht. Zum Beispill plus 26 Millioune fir d'Chèques-services, plus 22 Millioune fir d'Éducation plurilingue vun de Kanner, d'Lycéesreform, d'Qualitéitskritären an der Kannerbetreiung an esou weider.

An ech wëll nach eng Kéier et och hei ënnersträichen, déi multilingual Fréiförderung, déi kënnt den Hierscht 2017. De Minister Meisch, dee wollt do net an d'Blannt erafueren, wéi dat emol an der Vergaangenheet vläicht mat aneren Neierungen, beim Précoce deemools, de Fall war. Et si fir d'Éischt Pilotprojete gemaach ginn, do sinn Experienze gesammelt ginn an déi kënnen elo dann an e kohärente Modell afléissen, fir dat dann 2017 flächendeckend ëmzesetzen.

Am Beräich vun der Famill gëtt och investéiert, dat ass och e wichtegen Akzent, plus 49 Milliioune fir d'Allocations familiales, plus 42,9 Milliioune fir de Congé parental, de Congé parental, deen e bësse méi Flexibilitéit bréngt, besser finanziell Konditiounen. Dat neit RMGs-Gesetz, wou mer investéieren, wat och e Gesetz ass, dat net déi Leit bestrooft, déi erëm lues a lues och versichen, an den Aarbechtsmarché ze kommen.

A wann ee vun Zukunft schwätzt, jo, da wëll ech awer och nach eng Kéier de Fonds souverain kuerz an Erënnerung ruffen. D'Grondiddi ass déi - datt mer net, wéi dat eis virdrun awer iergendwéi zwëschent den Zeile virgeworf ginn ass, datt mer elo alles géife verpolveren, datt mer alles méi schnell géifen ausginn, wéi et géif erakommen -, neen, hei ass eigentlech d'Grondiddi, datt mer en Apel, dee faméisen Apel fir den Duuscht, op d'Säit leeë fir déi nächst Generatiounen.

A mir sinn eigentlech awer déi éischt Regierung, déi esou e Fonds souverain agefouert huet. Et huet eng Kéier misse gemaach ginn an dat geet iwwert d'Symbolik eraus. De Moment si schonn 132 Milliounen dran. D'nächst Joer kommen nach eng Kéier 50 Milliounen derbäi, vläicht nach e puer van anere Recettes extraordinaires. An de Fong huet jo och elo eng kloer Investitiounsstrategie, déi een online fënnt.

Neiastellunge beim Stat. Och dat si fir eis Investitiounen an d'Zukunft vun engem modernen an effiziente Stat, deen am Déngscht vum Bierger schafft. De Stat schaaft d'nächst Joer 1.000 nei Posten. Firwat? Ech hat elo grad insistéiert virun zwou Minutten, datt ee muss a seng Kanner investéieren. An duerfir gi bei den Neiastellunge méi wéi d'Halschent an den Enseignement.

Mir hunn esou vill Erausfuerderungen an de Schoulen an déi si grouss, Stéchwierder hei: Méisproochegkeet, Heterogenitéit vun de Schüler, mir brauche méi individuell Betreiung. Duerfir setze mer en Akzent bei den Neiastellungen am Enseignement.

100 nei Poliziste ginn ënner anerem agestallt, well och d'Sécherheet... Mir liewen an Zäiten, wou dat och méi am Fokus steet a well et och wichteg ass, datt mer Leit um Terrain hunn.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Här Berger, wann Der erlaabt, den Här Roth wollt just eng Fro stellen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Eng kleng.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Eng kleng Fro. Merci. Dir hutt elo de Fonds souverain ugeschwat. Mä sinn déi Suen, déi an dem Fonds souverain sinn, sinn déi affectéiert un de Fonds souverain, dat heescht, si se aus dem Budget erausgesat, fir do op e Kont gesat ze ginn?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Oder si se just kontabilitéitsméisseg affectéiert?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Et ass vläicht éischter, Madamm Presidentin, eng Fro un de Finanzminister. Deen huet awer, wann ech dat konnt mam lénken A am Bléckwénkel gesinn, d'Zoustëmmung zu deem gesot. Also dat ass d'Äntwert op Är Fro.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Gutt, Här President, kuerz e Wuert nach zu de Gemengefinanzen. Mat eiser Reform vun de Gemengefinanze kréien d'Gemenge vum Stat 110 Millioune méi. Si bréngt also méi eng, mir soen, gerecht Opdeelung. Sécherlech waren do Diskussiounen, wat wéi gerecht kéint sinn. Absolutt Gerechtegkeet ass hei ëmmer ganz schwiereg.

Mä do wëll ech awer och ënnersträichen, datt de Finanzminister och dofir gesuergt huet, datt keen eppes verléiert. D'Gemengen hunn also d'nächst Joer insgesamt méi Suen, fir ze investéieren, wéi se dat nach 2015 haten.

Och hei - war et och den Här Roth, neen, ech mengen, et war en anere Spriecher -, mä och hei bedauere mer och e bëssen, datt d'Oppositioun déi Gemengefinanzreform net matgestëmmt huet. Et sinn awer Suen, déi de Gemengen zeguttkommen. Dir hat liicht aner Kritären. Mä et hätt een awer och do kënnen e Wee fannen, wann een déi och éischter gehat hätt, datt een dat zesumme gemaach hätt. Et wier awer flott gewiescht, wa mer do zesummen hätte kënnen deene Gemengen all déi Suen zoukomme loossen.

Här President, d'Wirtschaft dréit gutt an da muss de Stat als Employeur och seng Verantwortung iwwerhuelen. An dat soen ech och: Als DP hu mer do och ëmmer Kloertext geschwat. Jo, et gi Verbesserungen an der Fonction publique, wann d'wirtschaftlech Eckdate stëmmen. An dat ass elo de Fall. Dat ass elo de Fall! Duerfir huet dës Regierung en Accord salarial mat der Fonction publique getraff, dee ganz räsonabel ass, mat enger Primm vun 1% d'nächst Joer an enger Punktwäerterhéijung vun 1,5% 2018. An och d'Iessenszoulag gëtt dann erhéicht. Wéi gesot, mir hunn déi wirtschaftlech Eckdaten, déi dat och erlaben.

Ech wëll awer och an deem Kontext rappeléieren, datt mer méi wéi jee - méi wéi jee! - och gutt Statsbeamte brauchen, datt mer op déi ugewise sinn. A mir hu vill, ganz vill gutt Statsbeamten, déi fir eis schaffen.

Wann een nëmmen denkt - ech menge jiddwereen, deen dat schonn eng Kéier gesinn huet - un déi Aufgaben, déi verschidde Beamte mussen zu Bréissel erleedegen. Do huet een eng Armada vu Beamten, zum Beispill aus deene grousse Länner wéi Däitschland, Frankräich, do sëtzen 20, 30 Topbeamten, déi do den Dossier suivéiere fir de Minister an him zouschaffen.

Mir hu fir déiselwecht Aufgaben, an heiansdo musse mer et méi schwéier verteidegen, een, zwee Beamten, fir dat nëmmen als Beispill ze huelen, datt dat der sinn, déi gutt sinn. Et ginn och vill aner gudder, mä déi muss een awer och dann deementspriechend kënnen, wann et d'Konditiounen erlaben, belounen.

Här President, ech wëll och zum Schluss nach eng Kéier op déi grouss Efforte vum Finanzminister a Saachen Transparenz a kloer Presentatioun vum Budget verweisen. Ech hu gesinn, wéi et alt emol a Jore virdru war, wéi et elo ass an der Cofibu. Ech muss soen, datt mer awer ganz vill Donnéeë geliwwert kréien, Zuele geliwwert kréien an der Cofibu. Heiansdo, bon, da muss ee fir d'Éischt froen, da mussen d'Verwaltungen Zäit kréien, dat ze maachen. Mä do kréie mer awer ganz vill geliwwert.

Och den Internetsite: Wann ee vun Transparenz schwätzt, ass dat och, fir dem Bierger d'Saache méi no ze bréngen. Déi liesen net nëmmen eis Budgetsdebatten oder de Budgetsrapport, déi wëllen awer och eng ganz Rei Saache vläicht méi einfach zougänglech hunn. Och do, mer hunn do Internetsitten, déi ganz iwwersiichtlech sinn. Bei der Steierreform ass dat och de Fall. An ech fannen dat awer wierklech gutt Initiativen, fir eben och dem sougenannten Normalbierger méi Ableck a méi Zougang dozou ze ginn.

Här President, ech kommen zum Schluss, fir nach eng Kéier ze soen: Mat dësem Budget 2017 erkennt d'Regierung d'Zeeche vun der Zäit a si iwwerhëlt hir Responsabilitéit. Duerfir baut se net Maueren op, si konzentréiert sech net drop, fir den Defizit eleng ofzebauen, wéi dat d'Oppositioun haaptsächlech gefuerdert huet.

A vläicht awer e Wuert... Virdrun, ech muss awer soen, wann ech d'Konklusioune vum Spriecher vun der gréisster Oppositiounspartei héieren hunn, dann huet e vill mat den Zuelen hin- an hierjongléiert. Hien huet awer éischter, muss ech soen, Mauere gebaut. Ech hunn net méi ziele kënnen: Neen zu..., neen zu..., neen zu..., neen zu.... „Neen zu", eigentlech géint alles, wann ech dat richteg notéiert hunn.

Also, déi Maueren, Här President, wëlle mir net bauen. D'Regierung notzt dee gudde Wand an hëlt déi richteg Décisiounen, andeems si massiv an d'Zukunft vu Lëtzebuerg investéiert. Dëse Budget ass och dee richtegen, well mer de Leit am Land däitlech méi Kafkraaft ginn an eis Betriber méi kompetitiv maachen. Duerfir wäert meng Fraktioun dëse Budget stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Zeimet *(CSV)*.- Bal esou gutt, wéi wann den Här Graas se gehalen hätt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Berger. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech suergen emol e bësse vir. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un der Aschätzung vum Budget, do scheede sech d'Geeschter. Dat war fréier net anescht wéi haut, a jee nodeem ob een an der Majoritéit sëtzt oder an der Oppositioun sëtzt, gesäit een de Budget anescht, obwuel et jo komescherweis déiselwecht Zuele sinn, déi ee kommentéiert. Jee nodeem, dat huet een dëst Joer och an den Avise gesinn, ob een dat duerch de Patronatsbrëll kuckt oder de Salariatsbrëll kuckt, schätzt een och dëse Statsbudget 2017 verschidden an.

An et ass jo erstaunlech, dass den Haaptspriecher vun der CSV hei ausschliisslech Zitater vun de Patronatschamberen ugefouert huet, fir d'CSV-Theesen ze ënnermaueren, an net eng Kéier a senger Ried vun iwwer enger Stonn iergendwellech Referenz gemaach huet op déi dach gutt fundéiert Avisen och vun de Salariatsvertrieder. Et ass erstaunlech fir de Spriecher vun enger Vollekspartei. Et schéngt, wéi wann et déi eng an déi aner Leit am Vollek géife ginn, vun deenen d'Avise méi zielen, ee wéi deen aneren.

Jee nodeem ob een och duerch den nationale Brëll kuckt oder den europäesche Brëll kuckt, gesäit een, och dëst Joer besonnesch, dëse Budget vläicht anescht. De Budgetsminister huet haut de Moien, en huet dat och scho gemaach bei der Presentatioun, de Budget als Budget vun dem qualitative Wuesstum, der Solidaritéit an der Kompetitivitéit bezeechent.

De Budgetsrapporteur, mäi Fraktiounskolleeg, de Claude Haagen, deem ech hei ausdrécklech wëll Merci soe fir seng intensiv Aarbecht iwwert déi lescht Méint op deem heite Budgetsprojet, deen huet de Budget bezeechent als e Budget am Déngscht vun engem nohaltegen an engem inklusive Wuesstum.

Vun der Oppositioun sinn et Reaktioune ginn: „Dat do ass e Wahlbudget!" Do ass de Budget dann Ausdrock vun enger irresponsabeler, haut ass gesot ginn „enger liichtfankeger" Finanzpolitik. „Et ass keen Zukunftsbudget!" An eng Sensibilitéit hei am Haus huet an deem Budget einfach nëmmen e weideren Austeritéitsbudget entdeckt, wat erstaunlech ass bei engem Wuesstum van den uerdentlechen an ausseruerdentlechen Ausgaben an der Héicht vun iwwer 5%. Dat dote wär a kengem Land op der Welt en Austeritéitsbudget. Anscheinend wann een eng Kéier eppes behaapt, da muss een déiselwecht Litanei ëmmer erëm widderhuelen, och wann d'Realitéit entre-temps eng aner ginn ass.

Bei also der Begeeschterung op där enger Säit an der virulenter Kritik op där anerer Säit ginn heiansdo d'Nuancë verluer. An ech kéint mech hei beméien, also net elo eesäiteg dat heiten Dokument ze kucken, mä probéieren, och déi eng oder aner Nuance an der Appréciatioun hei mat eranzebréngen, déi d'Realitéit einfach och erfuerdert.

Ech wëll awer gläich soen, dass an den Ae vun der LSAP-Fraktioun dee Budgetsprojet 2017 e gelongene Budget duerstellt, dee grad an dësem Moment déi richteg Prioritéite setzt. Do soen ech un éischter Plaz - och dat ass eppes, wat ech komplett vermësst hunn hei an der Interventioun vum CSV-Vertrieder -, d'Steigung vun der Kafkraaft vun de Leit, vun der Kafkraaft vun den Haushalter.

2017 wäert dës Reform, awer och duerch d'Accorden an der Fonction publique, duerch d'Ëmsetzung vu fréieren Accorden an assimiléierte Secteuren an der Fonction publique, duerch den Effet, deen dat sécherlech och wäert op de Privatsecteur hunn, duerch eng ganz Rëtsch vun zousätzleche Sozialleeschtungen, déi méi wäerten op d'Leit geriicht ginn, wäert derzou féieren, dass mer no jorelaanger Tendenz vu Stagnatioun vun der Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg am Schnëtt wäerten 2017 eng däitlech Erhéijung vun der Kafkraaft an eisem Land hei kréien. Eng Kafkraaft, déi praktesch also 2009, 2015, iwwert déi ganz Period stagnéiert huet, wäert elo 2017 däitlech an d'Luucht goen. A mir wäerten dann erëm och iwwert der realer Kafkraaft vum Joer 2008 leien, ier et also an d'Kris eragaangen ass. Dat ass fir eis en éischt staarkt Merkmal vun dësem Budget 2017.

Dat zweet Merkmal, dat ass, dass mer et fäerdegbruecht hunn an dëser Regierung, nodeem déi viregt Regierung duerch de Spuerpak 2012-2013 d'Investissementer vum Stat däitlech no ënnen erofgesat hat, deen no an no erëm eropzefëieren op en héijen Niveau, ronn 2,4 Milliarden Euro, direkt an indirekt Investissementer vum Stat. An dat entsprécht ronn 4% vun eisem PIB. 2013 war duerch de politesche Wëllen, dat war net reng nëmmen d'Enwécklung vun de Projeten, et war och e politesche

Wëllen hannendrun, war deen op 1,5 Milliarden Euro erofgefuer ginn, wat nach gutt 3% deemools vum PIB ausgemaach hat. Do ass also e grousse Sprong no uewe gemaach ginn.

Insgesamt steigen d'Statsausgaben, wa mer se elo korrigéieren an déi ausseruerdentlech Elementer eraushuelen, am nächste Joer ëm gutt 5%. Dat läit an der Linn vun der Steigerung, wéi mer se och schonn déi lescht Jore kannt haten, bei 4 bis 5%. Dat ass also dee Rythme de croisière, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dee mer eis natierlech awer nëmme kënne leeschten duerch eng Croissance, déi och hei grad zu Lëtzebuerg duebel esou héich och an Zukunft wäert sinn - 2016, 2017, 2018 -, wéi dat am Schnëtt an der Eurozon de Fall ass. Dat bleift also en däitleche Plus, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn. An déi dote méi favorabel Entwécklung vun der Wirtschaft mat all deem, wat dat och vu Steiere generéiert, ass jo eng grouss Erklärung, firwat dës Regierung déi Politik hei mat deem Budget 2017 iwwerhaapt ka maachen.

Dës Budgetspolitik vun engem liichten Iwwerschoss also am Gesamtstat an engem an eisen Aen akzeptabelen Defizit beim Zentralstat ass net nëmme konform zu eise Budgetsregelen, mä se entsprécht och den europäesche Virgaben. Dat hunn all Instanzen, déi eigentlech dat dote musse kontrolléieren, a besonnesch déi iewescht Instanz aus der Europäescher Kommissioun, bestätegt an hiren Avisen, dee se zum Budgetsprojet fir 2017 ofginn huet a wou se gesot huet, datt Lëtzebuerg konform ass zu deenen obligatoresche Regelen, déi sech fir all Land imposéieren.

A Lëtzebuerg gehéiert zu enger Minoritéit - Minoritéit! - vu Länner an der Europäescher Unioun, déi déi dote Konformitéit kann an Usproch huelen. An iwwregens hunn och aner national Gremien datselwecht festgestallt, datt se zwar Detailpunkter kritiséiert hunn, datt se en Orientéierungsëmschwong, dee si mengen ze erkennen, kritiséiert hunn. Dat wëll ech gutthalen, mä et dierf een awer vun der Haaptausso net oflenken, déi och e Conseil d'État gemaach huet, deen och e Conseil national des finances publiques gemaach huet, dass Lëtzebuerg konform ass a konform ass op déi ganz Period gekuckt bis 2020, wat d'Element jo vum Pluriannuel ass.

An och ech wëll, äänlech wéi de Minister dat de Moie gemaach huet, och e puer europäesch Statistike beméien, fir och d'Plaz vu Lëtzebuerg nach eng Kéier kloerzemaachen an dem Feld vun de Länner vun der EU respektiv vun der Eurozon. An do gehéiert Lëtzebuerg zum Spëtzepeloton; net zum Spëtzepeloton vum Scholdemaachen, mä zum Spëtzepeloton vum wéineg ëffentlech Schold maachen. Do gehéiert Lëtzebuerg weiderhin zum Spëtzepeloton, wat den Équiliber vum Gesamtstat ugeet, an et gehéiert net zum Spëtzepeloton, wat den Defizit am ëffentleche Secteur ugeet.

Mat der Schold leie mer, wa mer um Enn vun dëser Period sinn, no deenen neisten Zuelen, déi de Minister de Moie presentéiert huet, souguer ënnert dem Niveau, dee mer 2013, also am Ufank vun dëser Period haten. Am Ufank, déi éischt Projektioun hat éischter gesot, mir géifen op engem äänlechen Niveau landen. Mir wäerten drënner landen no deene leschte Berechnungen.

An domat si mer Nummer 2 weiderhin an Europa. Estland ass do schwéier nach anzehuelen. Mä do féiere mir natierlech dee ganze Rescht vum Peloton un; Nummer 2. Mir waren et a mir bleiwen et natierlech an där Positioun vun Nummer 2 an Europa.

Wat den Iwwerschoss ugeet, ware mer schonn 2015 Nummer 1 an Europa. Mir haten deen héchsten Iwwerschoss, wat de Gesamtstatsbudget ugeet. An dat wäert sech och net fundamental änneren.

De Minister huet nach de Moie gewisen: Wat d'ëffentlech Investissementer ugeet, si mer zwar net d'Nummer 1, wat de Pourcentage ugeet, mä mir leien awer däitlech iwwert der europäescher Moyenne. A besonnesch si mir déi, déi an deene leschte Joren déi ëffentlech Ausgaben am meeschten eropgedréckt hunn. Do si mer absolutt d'Spëtz an der Europäescher Unioun.

Alles dat weist, dass déi Schwaarzmolerei, déi hei systematesch vun enger gewëssener Säit vum Haus bedriwwe gëtt, sécherlech an där doter Form net ze akzeptéieren ass. Kriticke kann een an deem engen oder deem anere Punkt maachen, mä déi pauschal Veruerteelung ouni Nuancë vun där Finanzpolitik vun dëser Regierung, dat ass einfach lächerlech. Dat entsprécht alles anerem wéi de Realitéiten.

(Interruption)

Wat dat mëttelfristegt Budgetszil ugeet, eng wichteg Komponent jo och an den europäesche Budgetsregelen, esou gëtt dat all dräi Joer frësch festgesat. Hei hat ee bal den Androck, wéi wann elo d'Lëtzebuerger Regierung sech hei verflicht hätt fir déi nächst 20, 30, 40 Joer. Déi ginn all dräi Joer, esou wëllen et d'europäesch Regelen, festgesat opgrond vu Berechnungen, déi vun europäesche Stelle gemaach ginn, vu Propositiounen, déi d'Kommissioun da mécht. An 80% vun de Länner hunn déi Propositiounen akzeptéiert.

Ech wëll drun erënneren, dass déi viregt Regierung ee Moment konfrontéiert war mat enger Propositioun vun der EU-Kommissioun, fir eist deemolegt mëttelfristegt Budgetszil op plus 0,75% eropzesetzen. Wat huet déi deemoleg Regierung ënner CSV-Féierung gemaach? Si ass op Bréissel gepilgert an huet erreecht, dass dat Zil manner streng ausgeriicht ginn ass.

Haut an der Oppositioun ass et der CSV net streng genuch. Wéi se an der Regierung waren, hu se alles gemaach, dass solle manner streng Regele vun Europa festgeluecht ginn! A schlussendlech ass déi Propositioun vun der Kommissioun opgrond vun neie Berechnungen deemools op plus 0,5% vum PIB da gemaach ginn. An d'Regierung war nëmme frou, dass se dat dann dee Moment konnt akzeptéieren.

Dës Regierung mécht eigentlech näischt aneres, wat och déi viregt Regierung gemaach huet, wat déi meescht Regierunge maachen, mä si seet awer och, dass déi minus 0,5 vum PIB fir si zwéngend sinn, juristesch zwéngend sinn, mä politesch den Équiliber eigentlech ustriewenswäert ass, de strukturellen Équiliber ustriewenswäert ass, deen een net kann ëmmer genau vläicht erreechen. Mä et soll een do net all Margen, déi een huet, vläicht ausschëpfen an den Équiliber eigentlech vum strukturelle Budgetssaldo gesamtstaatlech ustriewen. Et ass och dat, wat mir als LSAP-Fraktioun eigentlech fir richteg fannen.

Dëse Budget muss virun allem awer an eisen Aen interpretéiert ginn a bewäert ginn an enger deelweis neier Orientéierung vun der europäescher Wirtschafts- a Budgetspolitik. An et schéngt mer, wéi wann do déi gréisste Partei am Land an am Universum déi Entwécklung net richteg matkritt hätt.

(Interruption)

Et ass erstaunlech, zemools elo misst jo en direkten Drot zum President vun der Europäescher Kommissioun bestoen, dee jo nach am Ufank vun dëser Legislaturperiod hei den Haaptspriecher war vun der CSV, deem seng Haaptsuerg et sengerzäit an der Ried war, nozeweisen, dass dës Koalitioun eigentlech näischt aneres géif maachen, wéi d'CSV och gemaach hätt, an elo d'CSV just wëllt de Contraire beweisen, dass dës Regierung awer just de Contraire mécht vun deem, wat d'CSV eigentlech ëmmer wollt maachen.

Ech verstinn d'Welt net méi. Bon, den Här Juncker ass zu Bréissel, déi aner Leit si weider hei zu Lëtzebuerg. Jiddwereen iwwerhëlt d'Verantwortung fir déi politesch Aussoen, déi e mécht.

(Interruption)

Ech wëll awer drop opmierksam maachen, och un d'Adress vum Här Wiseler, dee mech elo hei ënnerbrach huet, dass se...

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ah, ech sinn dankbar, wann ech ënnerbrach ginn. Ech sinn dankbar fir Froe virun allem, zemools wa se d'Vergaangenheet betreffen.

Ech mengen, et däerf awer kengem eigentlech, dee gudde Wëllens ass, entgaange sinn, dass den Här Juncker himself an den Här Moscovici als ee vun de responsabele Kommissären e kloren Opruff gemaacht hunn u Länner wéi Däitschland, wéi Holland, wéi Estland, wéi Lettland, wéi d'Slowakei, Malta a Lëtzebuerg, siwe Länner insgesamt, fir elo - elo, 2016! - hire budgetäre Spillraum ze notzen, fir ëffentlech Investissementer eropzesetzen, fir doduerjer matzehëllefen, duerch déi konzertéiert Aktioun, fir den europäesche Wuesstum méi robust ze maachen, a fir doduerjer och ze hëllefen, och dee Chômage, deen nach ëmmer vill méi héich läit wéi am Ufank vun der Kris, endlech erëm däitlech erofzedrécken. A ganz kloer och dat mat der Maßgab, dass dat och ka bedeiten, dass méi Scholde vun deenen eenzelne Länner gemaach ginn.

Dat ass jo genau dat, wat d'CSV hei net wëllt agesinn! Fir si si Scholden a priori eppes Schlechtes. Si schwätze vun enger Scholdespiral,…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry, ech hunn näischt géint d'Investitiounsefforte gesot.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...déi nach ëmmer amgaange wär an déi se esou dronke mécht, dass se eigentlech net gesäit, dass déi Scholdespiral, déi et net gëtt, mä selbstverständlech wäert et och nach an Zukunft ëffentlech Scholde ginn, egal wat fir eng Regierung dann d'Responsabilitéit an dësem Land wäert hunn, fir ebe kënnen ënner anerem déi ambitiéis Investitiounspolitik do ze maachen.

Europäesch Instanze verlaangen net, dass méi gespuert gëtt, wat d'CSV och nach haut de Mëtteg an dëser Debatt als Haaptmessage no bausse ginn huet.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry, ech hunn den...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Den Haaptmessage war: Et muss méi gespuert ginn!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry, hunn ech iergendeppes gesot géint déi Investitiounsefforten?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Den Här Wiseler huet hei als Spriecher vun der CSV gesot,...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här Bodry!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...verschidde Kreditter géifen ze staark an d'Luucht goen. En huet allerdéngs vergiess ze soen, wat fir eng Kreditter e prezis mengt, déi dann esou staark an d'Luucht ginn a wat net akzeptabel wär.

D'Spuerpolitik, déi nach vläicht virun e puer Joer préconiséiert ginn ass vun der Europäescher Kommissioun a vun den europäeschen Instanzen, ass net méi déi Politik, déi momentan préconiséiert gëtt, well eben dee schwaache Wuesstum, deen ze schwaache Wuesstum, dee mer an Europa hunn, an der Eurozon hunn, muss eropgedréckt ginn duerch Initiativen, déi konzertéiert verschidden national Länner hunn, déi déi dote Margen hunn. A Lëtzebuerg huet mat déi gréisste Marge, fir do ze handelen - dat weisen och europäesch Statistiken -, fir ze hëllefen, dass et insgesamt an Europa soll besser goen an deenen nächste Joren.

Mir däerfen also net hei de Feeler maachen, reng national déi Budgetspolitik ze kucken, mä déi schreift sech an an eng nei politesch Strategie, wéi se an der Europäescher Unioun definéiert ginn ass. An aus deem Gesiichtspunkt hier ass dat heiten e richtege Budget, deen dëse Moment hei presentéiert gëtt.

Mä d'Europäesch Kommissioun ass net eleng, fir eigentlech deen dote Wiessel ze préconiséieren. Deeselwechte Message geet och vum Internationale Währungsfong aus. Deeselwechte Message, nozeliesen am „World Economic Outlook", Oktober 2016. Deeselwechte Message geet aus vun der OCDE, vun ënner anerem hirem Generalsekretär - an ech wëll dat kuerzt Zitat awer hei uféieren -, deen en Appell gemaach huet u sämtlech Staten, wou e Folgendes seet: «Dans le contexte actuel des faibles taux d'intérêt, les responsables de l'action publique ont une occasion unique d'actionner plus activement les leviers budgétaires pour stimuler la croissance et réduire les inégalités, sans compromettre les niveaux d'endettement. Nous les appelons instamment à le faire.»

Abee, dës Regierung, dës Koalitioun mécht dat doten. Si verweigert sech net deem internationalen Appell. Si suergt derfir, dass d'Nofro gestäerkt gëtt duerch déi Steierreform, duerch eng Emverdeelung, duerch méi Geld, dat jiddweree wäert zur Verfügung hunn, ënner anerem och, fir ze consommëieren. A si mécht et och, andeem si d'Kompetitivitéit vun den eenzelne Betriber stäerkt an andeem se héich ëffentlech Investissementer férdert.

Dat ass also genau déi Politik, déi konform ass zu eisen nationale Regelen, déi weiderhi konform bleift zu de budgetäre Regele vun der Europäescher Unioun, déi awer elo voll am Trend läit vun der Reorientéierung vun der europäescher Wirtschafts- a Budgetspolitik, wéi se elo gefrot gëtt.

Bei eis sinn d'Compteuren 2013 net stoe bliwwen. Dës Koalitioun denkt weider, beweegt sech weider a bleift net op der Plaz stoen, well se och weess, dass déi Austeritéitspolitik, déi an eenzelne Länner gemaach gëtt, net hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Hei ass ni Austeritéitspolitik gemaach ginn. Déi Leit, déi dat behaapten, wëssen net, wat eng Austeritéitspolitik ass. Déi ass och net vun der viregter Regierung gemaach ginn.

Mä et ass d'Austeritéitspolitik, déi an eenzelne Länner gemaach huet, et ass dat éiwegt Spueren, dat ëmmer nëmme kontabelsméissegt Opeenzel-Zuelen-Kucken, ouni dee politeschen Hannergrond ze gesinn an ouni de soziale Misär ze gesinn, dat dat Ganzt provozéiert, et ass dat, wat an d'Mauer gefouert huet an eenzelne Länner. Mir mussen eis dach lassléise vun där Politik! An et kann dach net sinn, dass mer hei eng schlecht Lëtzebuerger Kopie wëlle maache vun där doter Politik!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Zu de Scholden - och e Kritikpunkt vun der Oppositioun. Ech soen hei näischt Neies. Ech hunn dat schonn an e puer Rieden hei ëmmer erëm widderholl. Scholde sinn a priori näischt Guddes an näischt Schlechtes. Et muss ee just kucken, firwat déi Scholde gemaach ginn a wéi se nohalteg eigentlech ze verkraafte sinn.

Wann déi Schold esou gemaach gëtt…, wat hei awer zu Lëtzebuerg de Fall ass, wat ee Moment an der leschter Period fir 2013 a Fro gestallt war, duerfir huet jo mussen nogerüst gi bei engem Budgetsprojet, deen den Här Frieden sengerzäit proposéiert hat, a wou den Här Wolter sidéréiert war iwwert dat, wat do als Propositioun komm war, dunn hat et ee Moment ausgesinn, wéi wa mer méi misste léine goen, wéi de Stat direkt Investissementer dat Joer géif maachen. An dunn huet deemools d'Koalitioun zu e puer Leit gesot: „Dat do geet net! Dat kann et net sinn!"

Mä dës Regierung, déi brauch dat net gesot ze kréien. Déi respektéiert deen dote Kritär! Si respektéiert e fir 2017. Wann ee seet: „Ronn eng Milliard gi mer léinen, op där anerer Säit hu mer awer direkt an indirekt Investissementer an Héicht vun 2,4 Milliarden", dann ass dat dote kee Problem.

An de Finanzminister huet de Moie jo ervirgerechent: Wann een déi ganz Period kuckt, dann ass eigentlech vun den Investissementer nëmmen ee Véierel iwwer Emprunt géigefinanzéiert, an dräi Véierel ginn duerch Eegemëttele vum Stat opbruecht wärend där ganzer Period. Dat si ganz vernünfteg Tauxen, déi een och am Gemengesecteur erëmfënnt, déi een op anere Plazen erëmfënnt. An ech mengen, dass dat keng onverantwortlech Politik ass, mä dass et eng verantwortlech Politik ass, déi déi Regierung hei mécht.

Dat zemools, well ee momentan zu ganz gënschtege Bedéngunge ka léine goen. Also och déi effektiv Charge de la dette, d'Scholdelaascht, déi all Joers da spillt, wann een d'Zënsen zréckbezilt, déi mécht hei eigentlech minimal eppes aus. A souguer, wann elo eeler Emprunten oflafen, refinanzéiere mer eis wahrscheinlech zu méi gënschtege Konditiounen, wéi dat am alen Emprunt de Fall war; soudass also éischter d'Scholdelaascht nach erofgeet, wann een op deen dote Wee geet.

An d'Regierung läit sécherlech och richteg, dass se praktesch vun der Zënslosegkeet vun haut profitéiert, wa se eigentlech iwwert d'Ligne-de-crédite fiert, fir also momentan Engpäss iwwert deen dote Wee ofzedecken an net direkt en Emprunt ze lancéieren.

Ech wëll et nach eng Kéier hei soen, well och hei erëm d'Steierreform frësch opgeworf ginn ass: Dës Steierreform gëtt net méi an net manner op Pump finanzéiert wéi déi Steierreforme virdrun. Ob dat d'Steierreformen ënner CSV/DP vun 2002 waren, ob dat déi vun CSV/LSAP an de Joren 2008 an 2009 waren: Kuckt lech d'Zuele vun deene Budgeten dono un! Kuckt lech d'Zuelen u vun de Budgeten 2003 an 2004! Kuckt lech d'Zuelen u vun de Budgeten 2009 an 2010! Do gesitt Der, dass do Milliarde vun deene Regierungen deemools hu musse geléint ginn, fir Lächer ze stoppen am Budget!

Et hätt een och kënne soen: „Majo, dat war alles falsch!" Et war awer eng grouss Begeeschterung. 2009, mengen ech, war souguer Eestëmmegkeet hei. D'ADR, déi ganz kritesch ass zu der Steierreform: Eestëmmegkeet, 9% einfach Berengegung vum Tariff vun der Lounsteier. Dat war guer kee Problem. Et ass deemools d'Étiquette „antizyklesch" drop gepecht ginn, an da war jiddwereen natierlech frou, fir sech un deem Seegen do ze bedeelegen.

Mä wann een dee Gesamtkäschtepunkt, deen deemools theoretesch ausgerechent ginn ass, vun där Steierreform 2008-2009 kuckt, dann ass et op iwwer enger Milliard. A wann Der dann d'Defiziter kuckt an de Jore virdrun, an de Krisen, dat deckt sech zimlech mat där Milliard. Do kéint een emol déi cocasse Theorie opstellen, dass wann deemools déi Steierreform net gemaach gi wär, vläicht wären da guer keng richteg Defiziter hei zu Lëtzebuerg opgedaucht.

Et ass e bëssen eng Mëllechmeedcherechnung, mä där ginn der souwisou och vill an der Politik gemaach. Hei ass eng méi.

(Interruption)

Op déi kënnt et och net un, mä d'Fro zumindest ass awer gestallt. An duerfir, mengen ech, sollt een hei mat dëser Regierung alt erëm net méi streng sinn a se net no anere Kritäre beuerteele wéi déi Regierunge virdrun. Déi hunn horgenau datselwecht gemaach. Deemools war et gutt, haut ass et schlecht.

(Interruption)

Ech kommen nach eng Kéier op d'Haltung och vun der CSV zu dësem Budget an zu der Budgetspolitik eigentlech zréck. An ech bleiwe paff,

dass d'CSV eigentlech dës Steierreform net matgedroen huet. Si ass an der Orientatioun net wäit ewech vun deenen Orientatiounen, déi mer bei fréiere Steierreformen haten. Si ass méi sozial gerecht. Dat däerft jo d'CSV net stéieren, déi elo plëtzlech an der Oppositioun do nach wëllt dropleeën op deem dote Punkt.

Ech hu just vergiess, dem Här Spautz säin Amendement iwwert d'Erofsetzung vun der Solidaritéitssteier nach eranzebréngen. Dee war verluer gaange bei der Preparatioun vun där leschter Sitzung.

Well ech mengen, dass déi Steierreform u sech richteg ass. Haut hu mer héieren, dat war mer net ganz kloer, well et jo an där doter Form net egal ass, wie vun der CSV zu deem Thema schwätzt, wie vun hire finanzpolitesche Sprecher - si hunn der vill - da schlussendlech dat Richtegt seet. Ass et den Här Roth, dee kee Problem hätt, wann esou eng Steierreform 600 bis 800 Millioune géif eigentlech kaschten? D'Relance ass him dat wäert. Haut si mer vum Här Wiseler fir d'Éischt gewuer ginn, dass fir d'CSV vläicht d'Halschent vun deem, wat d'Regierung ausgëtt, dat heescht also ronn 200, 250 Milliounen, dat wär, wat fir d'CSV anscheinend akzeptabel ass, opgrond vum Avis vum Internationale Währungsfong.

Wann ech awer alles esou kucken, wat an d'Diskussioun gehäit ginn ass vun hinnen, dann, mengen ech, dass mer vill méi no bei deem Zeenario vum Här Roth géife landen, wéi mer schlussendlech bei deem vun der Regierung sinn. Dat alles ass net kohärent! An ech verstinn och, firwat dass d'CSV dëst Joer d'Optioun geholl huet, haaptsächlech mat engem Riedner hei opzetrieden, wéi se dat och scho gemaach huet bei der Steierreform.

Et ass, mengen ech, dat muss ee soen, wann een deenen aneren andauernd virwërft, si wären net kohärent, et géif hei Zickzackkurs goen, wann ech elo wierklech kucken, wat déi eenzel Stellungname sinn, wat dem Här Mosar seng Virstellungen nach sinn,...

(Interruption)

Wann d'Regierung seet, d'Erofsetzung op 18% vum Taux vun dem IRC, also d'Besteierung vun de Revenue vun de Betriber, géif 100 Millioune manner erabréngen, an den Här Roth seet: „Mir mussen op 15% goen", da riskréiert dat, méi deier ze ginn, well d'Erweiderung vun der Assiette, déi kënnt jo de toute façon iwwert d'Ëmsetzung vu BEPS. Et gëtt also och net méi bëlleg.

An alles elo wëllen op d'Kaart ze leeë vun den „stock-options", bon, dat fannen ech scho politesch gewot vun der CSV hirer Säit aus. Well d'„stock-options", dat ass jo och scho virgerechent ginn, waren e Bestanddeel vun der Steierreform 2002. An deem Kader ass d'Circulaire geholl ginn. Dunn ass zu Lëtzebuerg eigentlech de System vun den „stock-options" ënner engem CSV-Finanzminister agefouert ginn. A wahrscheinlech ass et hei esou gaangen, wéi et bei der CSV och bei der Logementsproblematik gaangen ass: Se ass vun den Zuelen iwwerrullt ginn. A schlussendlech gesäit se, dass se eppes ganz Schlechtes gemaach huet.

A wou se an der Oppositioun ass, seet se grad zum opportune Moment: „Dat dote musse mer elo ofschafen", nodeem se eigentlech, wéi se an der Regierung war, bereet war, zwar ze reforméieren, mä awer iwwert d'Ofschafe mat der CSV sengerzäit net ze diskutéiere war.

Mir wäerten eist op deem dote Punkt maachen. Mä ech mengen, et kann een net op där enger Säit ëmmer erëm méi fuerderen, méi Personal hei an do, méi Kreditter fir dëst a fir dat, a gläichzäiteg soen: „Et muss awer gespuert ginn, d'Kreditter ginn ze héich", an net ze soen, wat fir eng Kreditter dat sinn, wou ee wëllt spueren, bei wiem ee wëllt spueren, wie vläicht méi muss bezuelen. Alles dat seet een net.

An da schléit sech de Virworf, deen un d'Regierungsparteie formuléiert ginn ass vun de rhetoresche Floskelen, wéi e Bumerang zréck un deejéinegen, deen net méi konkret gëtt, wann et drëm geet, Alternativen ze presentéieren.

(Interruption)

Ech war erstaunt, wéi ech den Här Wiseler héieren hunn hei an enger Ried vun enger Stonn 15 Minutten, eng Stonn 14 Minutten 30 ze schwätzen iwwert d'Positioune vun der Regierung a genau 30 Sekonnen - ech si bal net derzou komm, et ze stoppen -, fir erofzeratteren, wat d'Alternative vun der CSV wären.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- An ech sinn erstaunt, datt Dir lech méi mat der CSV auseneesetzt wéi mam Budget.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Elo kann et sinn, dass mer an der Suite vun den Debatten nach do méi Informatioune kréien, mä op jidde Fall, mengen ech, dass elo de Moment gewiescht wär, wann een esou eng fundamental Kritik üübt un der Regierungspolitik, un der Budgetspolitik, wann ee seet, „et muss méi gespuert ginn", wann ee seet, „d'Kreditter ginn ze schnell an d'Luucht", wann ee seet, „d'Investissementer, déi musse mer awer selbstverständlech op héijem Niveau halen", wann een dann awer an all sektoriellen Debatten ëmmer méi freet, da muss ee soen: Ass d'CSV dergéint, fir der Fonction publique eigentlech d'Gehälter unzepassen an enger Zäit, wou mer bei 4% Wuesstum sinn? Ass dann de Moment, fir ze soen: „Ah neen, Dir kritt näischt bäi!"? Ass dat d'Positioun vun der CSV?

(Interruption)

Ass et d'Positioun vun der CSV, well anscheinend sinn et jo déi lafend Käschten, déi se stéieren, déi wiere jo aus dem Grëff geroden. Wat sinn dann déi lafend Käschten? D'Fonctionnementskäschten? Mengt Der déi domat; déi missten nach weider erofgedréckt ginn? Mengt Der d'Sozialleeschtunge mussen erofgedréckt ginn? Dat kéint sinn. Dir hutt eng Undeitung gemaacht, dass Der elo schonn direkt eng Pensiounsreform wëllt maachen. Wann Der esou schnell elo reagéiert, da wëllt Der dat jo, denken ech, maachen, well et mussen direkt elo Sue gespuert ginn. Wéi wëllt Der dat da maachen? Wéi gesinn Är Virschléi dann aus, fir direkt déi Pensiounsreform hei ze maachen?

Ech mengen, et kann een net fundamental ëmmer nëmme kritiséieren a kritiséieren, deenen anere Leit virwerfen, si géife rhetoresch Floskele gebrauchen, an da selwer datselwecht maachen, an engem schlëmmere Mooss nach, well et onméiglech ass eigentlech, eng Debatt mat lech ze féieren, wann een net weess, wat Der wëllt. Mir wëssen, wat Der net wëllt, mä d'Land huet och d'Recht, gewuer ze ginn, wat Der wëllt, an am beschten nach virun deenen nächste Wahlen an net no deenen nächste Wahlen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir hunn an deene leschten Debatte konkret Alternative bei de Reformen op den Dësch geluecht. Setzt lech mat deenen auserneen!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech kommen op deen nächste Punkt. Dat ass d'Fro: Awéiwäit sinn déi Zuelen hei vum Budget glafwürdeg? Dat ass jo traditionell e Kritär, deen all Oppositioun gebraucht an deem eng Majoritéit sech eigentlech och natierlech muss stellen. Fréier hu mer dat emol genannt zur Zäit vun den Häre Rau a Colling, dat war d'Fro vun der Véridicité budgétaire. Zu där Zäit - dat mécht een net méi jonk -, do war dat ëmmer e grousst Diskussiounsthema. A selbstverständlech spillt dat eng wichteg Roll, besonnesch fir deen nächste Budget. Dat ass alles méi aléatoire, wann een dat natierlech méi mëttelfristeg kuckt. Do sinn dann einfach Previsiounen, déi op gewëssenen Hypotheesen opgebaut sinn, wou een net sécher ass, dass déi Hypotheese sech och all wäerten esou bewahrheiten.

Et bleift, dass et awer, wann ech et elo konkret kucken, ausser deenen Differenzen an de Berechnunge vun dem Impakt vun der Steierreform, eigentlech jo och do keng Contestatioune ginn. Kee behaapt, dass d'Regierung hei falsch Zuelen agesat hätt. Et sinn déi richteg Zuelen.

A virun allem, wat fir d'Regierung schwätzt, dat sinn déi Ofschlëss, fir déi si schonn d'Responsabilitéit dréit. D'Budgeten 2014-2015 sinn ofgeschloss. A virun net allze laanger Zäit, virun e puer Stonnen, ass eestëmmeg de Compte général vum Exercice 2015 hei guttgeheescht gi vun der Chamber, wou eestëmmeg dës Chamber, och mat de Stëmme vun der Majoritéit (veuillez lire: Oppositioun), der Regierung, déi anscheinend soss näischt ronn bréngt, awer bei der Exécution budgétaire seet: „Richteg gemaach! Dir hutt Äre Budget richteg korrekt exekutéiert." Dat ass d'Discipline budgétaire; e wichtege Kritär, dee mer onbedéngt och net däerfen...

(Interruption)

Dir hutt awer,...

(Interruption)

Elo hutt Der emol eng Kéier eppes Positives gesot. Elo ass dat och erëm falsch.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir musst awer och soen, wat d'Realitéit dovunner ass.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir hutt unerkannt, dass déi Beamten, awer och déi politesch Responsabel hir Aarbecht gemaach hunn, wat d'Exekutioun vum gestëmmte Budget ugeet. Ech hunn net gesot, Dir wiert mam Budget d'accord; selbstverständlech net. Mä Dir hutt awer domadder ex post och gesot: „Déi doten hunn déi Saach uerdentlech gemaach, wéi déi viregt Regierungen dat och gemaach hunn, déi viregt Ministeren dat och uerdentlech gemaach hunn. Dat erkennen ech un."

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- An déi déi viregt Oppositiounen och ëmmer matgestëmmt hunn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Stitt elo, wann ech gelift, och zu deem eemolege Geste, deen Der hei an der virweihnachtlecher Zäit hei gemaach hutt vun Unerkennung vun der Aarbecht!

Wat soen déi Konten? An et soll een awer och e Bléck op déi Konten do werfen, well dat jo awer och den Ausdrock ass vun enger Politik, déi schonn ëmgesat ginn ass vun dëser Regierung. Déi weisen, dass déi awer och, a besonnesch 2015 an héchstwahrscheinlech och 2016, an engem Quasiéquiliber sinn. De Statsbudget, ech schwätzen hei net vum Gesamtbudget, d'Sécurité sociale an d'Gemenge mat dran, do ass e kloren, souguer e relativ héijen Iwwerschoss ze verzeechen, mä souguer wat de Statsbudget ugeet, d'Suergekand net eréischt vun de leschte puer Joer, de Statsbudget war schonn eigentlech ausser an Zäiten, wou mer 6, 7, 8% Wuesstum haten, ëmmer e Suergekand, och wéi d'CSV d'direkt Responsabilitéit vun de Budgetspolitiken hat.

Kuckt emol e bëssen déi Zuele vun de leschte Joren no! Soubal mer do bei 3, 4% nëmme Wuesstum waren, dat heescht ënnert der historescher Moyenne vun deene leschten 20, 25 Joer, hate mir eigentlech ëmmer en Defizit am Zentralstatsbudget, am eigentleche Statsbudget. Dat war och ënner CSV-Budgetsministeren net anescht.

Dat hu mer hei zum Deel och haut, mä zumindest huet dës Regierung et fäerdegbruecht, praktesch den Équiliber ze hunn. A wa mer d'Augmentatioun vun den Investissementer berücksichtegen, déi mer haten, dann hätt ee mat Spilles kënnen hei, andeem een bëssen d'Investissementer no hanne gedréckt hätt, wann een et gewollt hätt, formidabel Ofschlëss 2015 an och 2016 héchstwahrscheinlech presentéieren, andeem ee gewisen hätt: De Statsbudget ass am Équiliber.

An da verstinn ech, dass d'Regierung seet „Mission accomplie", wat dëse Moment eigentlech ugeet. An da kënnt d'Reorientéierung eigentlech vun der europäescher Politik mat der Répercussioun eigentlech op Lëtzebuerg; besser Perspektive wat d'wirtschaftlech Entwécklung ugeet. Dat erkläert, firwat dass d'Regierung mengt, dass erëm méi Sputt do ass, fir och eng vernünfteg Verschëldung ze maachen, fir haaptsächlech och méi Kafkraaft kënnen de Leit ze ginn a fir doduerjer och der Wirtschaft nei Impulser ze ginn an d'Investissementer weiderhin op engem gudden héijen Niveau ze halen.

D'Basisdonnéeë sinn erwäänt ginn. Ech wëll net weider drop agoen. Et ass scho gesot ginn: Eis geet et haut objektiven Zuelen no - et ass just vum Här Wiseler an engem Saz unerkannt ginn - eigentlech besser Enn 2016 wéi 2013. Et ass gutt esou; mer sollen eis all doriwwer freeën. Mir mussen och derfir suergen, dass dat weider esou bleift. Mir mengen, dass d'Regierung dat mécht. An d'Prognose weisen, notamment wat den Emploi ugeet, mat elo engem Wuesstum pro Joer praktesch ëm 3%; et ass een emol fréier ausgaange virun e puer Joer vun 1,5 bis 2%; e Chômage, deen zréckgeet, an e Realwuesstum mat ëm 4%; och bestätegt vun internationalen Institutiounen.

Dat gëtt eis sécherlech Sputt. An dat mécht, dass mer besser dosti wéi 2013, a virun allem vill besser dostinn, wéi mer 2013 gemengt haten, dass mer 2016 géifen dostoen, wat och Aussoen erkläert vun deemools, aus där Zäit, a wat déi Aussoe vun haut an engem anere Liicht erschénge léisst.

An ech mengen, dass een also bei esou enger positiver Entwécklung net däerf all Virsiichtsregele verloossen. Dat mécht och dës Regierung net. Net dass se mengt, elo géif d'Manna nëmmen esou vum Himmel falen! An esou enger Situatioun si mer leider och haut zu Lëtzebuerg net. An d'Regierung huet elo 2017 a fir 2018 eigentlech dee politesche Spillraum genotzt, dee se huet, haaptsächlech mat der Steierreform, dem Eropsetze vun Investissementer, mat eenzelnen, deenen engen oder anere punktuelle Mesuren am soziale Beräich, am Familljeberäich, déi se geholl huet. Mä Sputt fir weider grouss Aktiounen, wat d'Dépensen ugeet, ass sécherlech net do bis zum Enn vun dëser Period. Dat soen ech och ganz kloer, och am Numm vun der LSAP.

Sou Margë kënnen entstoen, wann op där enger Säit méi erakënnt, wéi ee gemengt huet, respektiv op anere Plaze vläicht gekierzt gëtt, fir kënnen eng Ëmverdeelung ze maachen, eng Reorientéierung vun enger Dépense ze maachen, méi geziilt vläicht am soziale Beräich géint eenzel Mëssstänn virzegoen. Mä ze mengen, dass elo grouss Margen do wären, dat gëtt de Pluriannuel vun der Regierung net hier! Déi Margë sinn ausgeschëpft. Ech mengen, dat muss also och déi Politik sinn, där mer eis bis zum Enn vun dëser Period eigentlech och als Koalitioun verschreiwen.

Fir eis ass de soziale Volet vum Budget primordial, en ass essenziell. Mir hunn e Budget - dat hänkt dovun of, jee nodeem, wat fir eng Liesaart, ob et national Kontabilitéit oder SEC 2010 ass -, do hu mer 4,2 Milliarden Transferte vun der Sécurité sociale an engem Total vu 17,9 Milliarden. Dat sinn 28%. De Sozialbudget, deemno wéi een en definéiert, mécht souguer iwwer 50% vum Gesamtbudget aus. Ech hunn hei eng Zesummestellung gemaach: Wann een déi Departementer hëlt, déi do drënnerfalen - Éducatioun, Kanner, Jugend, Famill, Integratioun, Santé, Travail, Sécurité sociale an Entwécklungshëllef -, da kommen ech op 7,82 Milliarden Euro op engem Total vu ronn 14 Milliarden - dat do sinn déi national Kontabilitéitszuelen -, da si mer iwwer 50%.

Et gëtt och no SEC 2010 eng Berechnung, déi d'IGF gemaach huet, déi kënnt dann op 8,3 Milliarden Euro op engem Total vu 17 Milliarden. Et gesäit een also, wat den Impakt vum Sozialbudget ass, an deen Impakt, deen hëlt net of, deen Impakt, dee bleift staark, dee wiisst weider liicht vu Joer zu Joer. Fir eis ass dat immens wichteg, dass de Stat weider en Haaptakteur bleift, wat sozial Transferten ugeet. Dat ass eng wichteg Garantie och, fir dass mer e staarke Sozialstat hei zu Lëtzebuerg behalen. Dat hu mer fäerdegbruecht ze maachen.

Ech wéilt awer och - dee Budget hei musse mer gesamtstaatlech kucken - e Wuert zur Sécurité sociale soen a besonnesch zur Fro vun de Renten, wou jo och d'Rentefro erëm vun der CSV hei eigentlech opgeworf ginn ass, wou si der Meenung sinn, dass mer direkt eppes missten un där Rentefro maachen.

Si waren och an der viregter Regierung mat derbäi, mir hu gemeinsam eng Rentereform 2012 décidéiert. Si ass opgrond vu gewëssene Berechnunge gemaach ginn. Mir si jo elo an Zéngjores-Période-de-couverturen, an d'Zéngjoresperiod, wou elo d'Berechnung geet, dat ass déi vun 2013 bis 2022. Hei ass eng Tëscheberechnung gemaach ginn, fir ze kucken, ob déi Hypotheesen, op deenen d'Reform opgestallt war, sech bestätegt hunn, an ze kucken, wat dann elo d'Berechnunge sinn.

Et ass interessant, dat ze maachen - a wéineg Leit hunn dat bis elo gemaach, wann iwwerhaapt -, well ech och an der Press gelies hunn, deen neie Rapport, deen technesche Rapport vum Ministère vun der Sécurité sociale, vun der IGSS, deen hätt „brisant, explosiv" Zuelen, déi wären doranner dran. Do duecht ech: Ma kuck emol eng Kéier, wat déiselwecht Leit da publizéiert hunn 2012, wat d'Basis war eigentlech fir déi Pensiounsreform, déi mer gemaach hunn. An do stellen ech fest, dass entgéint deem, wat den Androck ass, deen dobausse soll geschüürt ginn e bëssen, d'Situatioun haut besser ass, wéi dat gemengt gi war viru véier Joer.

Mir hunn eis dräi Alarmstufe virginn, géif ech gär soen, déi spillen: D'Date-butoiren, wat d'Sécurité sociale a wat hei am Besonneschen de Pensiounsregimm am Privatsecteur ugeet, dat ass déi éischt. Et ass dat: Wéini kënnt de Moment, wou mer méi Ausgaben hu wéi Einnamen an engem Joer, wat d'Pensiounen ugeet? Abee, do war gerechent ginn 2012, dat wär am Joer 2020. Elo seet d'IGSS: „Dat ass am Joer 2023", dräi Joer méi spéit.

2012 ass gesot ginn: „Wéini ass de Moment, wou d'legal Reserv erreecht ass?", 1,5-mol d'Joresausgabe vun de Pensiounen; do war gemengt ginn 2012, dat wär am Joer 2030 de Fall. Elo soe se: „Et ass am Joer 2035", fënnef Joer méi spéit!

An da schlussendlech, fatale Punkt: Wéini sinn d'Reserven opgebraucht? Et war gerechent gi virun e puer Joer, dat wär am Joer 2036. Elo soe se: „Et ass am Joer 2043", also siwe Joer méi spéit.

Dat beweist, dass déi aktuell Rente sécher sinn. Dat beweist, dass - an eisen Aen - kuerzfristeg, mëttelfristeg keen direkten Handelsbedarf besteet, dass déi Reform deelweis gräift, dass och déi gutt wirtschaftlech Entwécklung hëlleft eigentlech, déi doten Échéancen no hannen ze réckelen. Dat heescht awer och, do hu mer och ni en Hehl draus gemaach, dass et nach wäert zu Rentereforme kommen, an zwar opgrond vun deene Berechnunge vun der nächster Zéngjoresperiod. Da muss gekuckt ginn, wéi mer dann dostinn, an da mécht een dann an aller Rou déi Reformen, déi dee Moment noutwendeg sinn.

Mir wëllen also mat roueger Hand eigentlech un déi dote Fro erugoen. D'Hypotheese vun 2012 hu sech an engem positive Sënn bestätegt. D'Situatioun ass net méi dramatesch ginn. Si ass éischter manner dramatesch ginn. Et bleift awer ganz laangfristeg gekuckt selbstverständlech eng Problematik, mat där ee sech

muss beschäftegen. Dat wäerte mer musse maachen, awer opgrond vun deene Berechnungen, déi da virleien. An elo do Hals iwwer Kapp ze soen: „Mir mussen haut a muer eng nei Pensiounsreform maachen!", dat kann d'CSV maachen, mä dat wäert op jidde Fall d'LSAP net matmaachen!

E Wuert zur Gesondheetskeess: Mir wëssen, dass d'Gesondheetskeess, och opgrond vu Reformen, déi mer an der Vergaangenheet gemaach hunn, och opgrond vu méi Cotisatiounen, déi erakommen, en Einnameniwwerschoss huet. De Stat investéiert weiderhi staark an deen dote Beräich vun der Gesondheet: mat 1,1 Milliarden d'nächst Joer. 234 Milliounen Euro ginn an d'Fleegeversécherung vum Stat investéiert, 81 Milliounen Euro si virgesi fir d'Mutualité des employeurs. Hei gesäit een also, dass de Stat weider méi wéi seng Responsabilitéit iwwerhëlt, wat dee ganze soziale Beräich ugeet.

Wat mer bei de Pensioune méi Angscht mécht, wat mer net däerfe ganz aus den Äe verléieren, dat ass och d'Fro vun de Pensiounen am ëffentleche Secteur. Och déi musse kënnen ofgeséchert sinn, och déi musse kënne finanzéiert ginn. An do, mengen ech, ass et esou, wann een eng Gesamtvue wëllt iwwert dat Ganzt hunn, da komme mer net derlaanscht, och an deenen nächste Joren aktuell Berechnungen iwwert deen dote Volet vun de Pensiounen ze maachen.

E Wuert zum Gemengesecteur, dem Gemengesecteur, dee sech traditionell an engem liichten Iwwerschoss presentéiert. Wann een d'Vergaangenheet kuckt, wann een dat och, d'Projektiounen elo, am Méijoresplang an d'Zukunft kuckt, dat entsprécht deene graffen Tendenzen, déi mer ëmmer haten. An och do, mengen ech, setzt dëse Budget en immens staarken Akzent, en Akzent, op dee vill Gemengevertrieder jorelaang gewaart hunn, wou mer et net fäerdegbruecht hunn, deen Akzent do éischter ze setzen.

Ech si perséinlech och wierklech houfreg drop, dass dës Regierung ënnert dem Impuls och vum Innenminister a mat der Complicitéit vum Finanzminister et fäerdegbruecht huet, hei e Pak ze schnüren, dee politesch duerchsetzbar ass, doduerjer dass och d'Regierung décidéiert huet - eng politesch Décisioun vun dëser Regierung -, fir eppes dropzeleeën, fir u sech - de Minister huet vu ronn 100 Milliounen Euro geschwat -, eppes dropzeleeën, fir eng méi gerecht Verdeelung vum Kuch tëschent de Gemengen ze kréien a gläichzäiteg awer och derfir ze suergen, dass keng Gemeng soll par rapport zum leschte Joer eigentlech un Einname verléieren.

Et ass, insgesamt gesinn, net e perfekte System - dee gëtt et an dër doten Opdeelung net, well d'Situatioun um Terrain esou grondverschidden ass, dass een net ka mat alle Kritären genau ëmmer déi gerecht Léisung treffen -, mä awer oft méi gerecht wéi den ale System, an dat ass immens wichteg. Wichteg virun allem, dass de Gros vun den Einnamen och gekoppelt gëtt praktesch un d'Awunner, eng ajustéiert Äwunnerzuel, mat soziale Kritären, dat bleift, mengen ech, e ganz wichtege Punkt.

Eis Gemengen hei zu Lëtzebuerg sinn iwwert déi Reform do ofgeséchert, si sinn nohalteg ofgeséchert a si bleiwen all liewensfäeg!

Kuckt lech emol un, wat dann an de Gemengen esou ronderëm eis lass ass, wa se net grad un der Manna vu Cattenom hänken; wann ech dee Beräich emol ausklammere vun deene puer franséische Gemengen. Kuckt, wat an deene Gemenge lass ass! Kuckt, wat an den däitsche Gemenge lass ass! Virdrun ass jo och vum CSV-Spriecher hei Däitschland als Beispill genannt ginn. Kuckt den Zoustand vun hiren Infrastrukturen an Däitschland! Kuckt den Zoustand vun de Gemengen, vun hire Schoulen! Ech ka mech erënneren un eng Diskussioun, déi ech virun e puer Joer hat mat Gemengeverantwortlechen am Saarland. Déi hu mir gesot: „Dir schwätzt vum Bau vun neie Schoulen. Dat gëtt et bei eis net méi. Mir kucken, wéi mer de Schimmelpilz aus eisen ale Schoulen erauskréien. Mir si scho frou, wa mer dat ronnbréngen!"

Dat ass d'Situatioun an anere Länner, am „Musterländle Däitschland", wat een effektiv net däerf ëmmer als Beispill zitéieren. An duerfir mengen ech, dass d'Regierung hei, dës Regierung, e ganz anere Wee geet. An et ass och richteg esou, dass se deen dote Wee geet!

D'Zentralbank huet gesot, dat war zwar nëmmen en Niewesaz, dass dëse Statsbudget op räsonabelen Hypotheesen opbaut. An eigentlech, d'Europäesch Kommissioun seet näischt aneres. Si seet: „2016 sinn d'Chiffere vun der Regierung virsiichteg an 2017 si se optimistesch." D'Oppositioun ass eigentlech déi lescht dräi Joer net midd ginn, ëmmer ze soen: „Ar Chifferen do, déi sinn eigentlech ze optimistesch." Bon, d'Realitéit huet gewisen, dass d'Regierung insgesamt gesinn eigentlech net ze optimistesch war, mä dass, mat Variatiounen natierlech vun engem op deen anere Punkt, grosso modo awer dat Resultat hannen erauskomm ass, wat d'Regierung ugekënnegt hat.

Dat beweist also, dass een och däerf optimistesch sinn, dass een och däerf net alles schwaarz gesinn, dass een och däerf net alles klengrieden, mä dass mer och fir dëst Land Optimismus brauchen, dass mer mat Zouversiicht eigentlech un déi Erausfuerderunge mussen erugoen! An dat spigelt sech och inhaltlech an dësem Budget erëm.

De Budget ass jo net nëmmen d'Resultat, wat hannen erauskënnt, d'Équiliberen oder d'Déséquiliberen. Schonn, mä de Budget, dat sinn déi Dausende vu Kreditter, déi an engem Budget stinn. An déi ginn eigentlech bei eis an de Budgetsdiskussioune weider net méi diskutéiert. Mir wëllen dat jo méi staark erëm maachen am Débat sur l'État de la nation. Ech fannen dat och richteg, dass mer eis och do mat deene sektorielle Politicke beschäftegen. Nach wëll ech awer profitéieren, fir e puer Beispiller hei awer erauszezéien, déi sech aus deem heitege Budget erginn, mat de Prioritéiten och, déi d'Regierung setzt op d'Schoul, op d'Ausbildung, op d'Sécherheet, besonnesch och wat d'Astellung vun neiem Personal ugeet.

Vun deene ronn dausend Leit, déi sollen nei agestallt ginn, geet iwwert d'Halschent op d'Éducation nationale. Dat ass also déi richteg Prioritéit. Déi ass jo och normal komm vun deene Besoinen, déi sech do erginn, opgrond vun dem Wuessen och vun der Schoulbevëlkerung, vun der Offer, déi ëmmer méi breet gëtt, spezielle Besoinen, op déi mer mussen agoen. An ech hoffen net, dass dat ee vun deene Kreditter ass, vun deenen d'Oppositioun mengt, dass déi ze schnell géifen an d'Luucht goen. Ech mengen, dass dat do noutwendeg ass, fir dat doten ze maachen.

Och déi honnert zousätzlech Posten, déi fir d'Police virgesi sinn, sinn, mengen ech, wichteg an dësen Zäiten an entsprieche jo och enger Fuerderung, déi eigentlech bal vun alle Bänken hei geäussert ginn ass an deenen Debatten, déi mer zu deenen doten Themen haten.

D'Budgetskreditter also fir Schlësselberäicher, fir d'Prioritéite vun dëser Koalitioun, ginn däitlech no uewe gefouert. Dëse Budget huet e Realwuesstum, wann ech d'Inflatioun erausrechnen, vun 3,7%, wat d'Ausgaben ugeet. Eng ganz Partie vu Kreditter ginn däitlech eropgesat. D'Familljenzoulagen, déi wuessen ëm 49 Milliounen, den Elterecongé mécht 43 Milliioune méi aus. Den RMG schléit och mat 22 Milliioune méi an dësem Budget zu Buch. Par contre gëtt de Kreditt vun de Loyerssubventiounen erofgesat op 10 Milliounen opgrond vun den Date vun dësem Joer.

Als LSAP maache mer hei kloer, dass dat fir eis awer net d'Enn vun der Diskussioun ass an dass d'Zil muss sinn, dass mer méi Leit ënnert d'Äerm kënne gräifen, wat d'Loyerssubventiounen ugeet, andeem mer d'Kommunikatioun verbesseren, d'Informatioun verbesseren, andeem mer awer och u Kritären dréie ginn, wéi ee ka vun dër Loyerssubventioun profitéieren. Dat ass fir eis e klenge Pilier, mä e wichtege Pilier, wat e Sozialnetz hei zu Lëtzebuerg ugeet.

An déi lescht Etüden, déi vum Statec gemaach si gi ronderëm en dezent Liewen zu Lëtzebuerg, wat een do vu Geld brauch, déi hunn nach eng Kéier dat do bestätegt. Do muss also derfir gesuergt ginn, dass do zousätzlech Efforte gemaach ginn. Wéi och hei schonn eppes geschitt beim Mindestloun, ech wëll dat och nach eng Kéier soen! Et däerf een net elo nëmmen déi Erhéijung vum Mindestloun kucken ëm 1,4%, déi jo vun der Chamber hei décidéiert ginn ass. Et muss een och kucken, wat d'Steierreform och dem Mindestlounbezéier bréngt iwwer notamment de Crédit d'impôt, déi Negativsteier, déi och fir hie verduebelt gëtt. Mir hunn da schlussendlech och - ech ginn dovunner aus, ech woen et dës Kéier ze soen - wahrscheinlech an den éischten zwee Méint vum nächste Joer eng Indextranche, déi erfält.

(Brouhaha)

Ech hu laang gewaart. Duerfir, ech war awer méi virsiichteg. Ech mengen, ech sinn elo zimlech ofgeséchert.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dat misst klappen.

(Hilarité)

Dat misst klappen. Neen, wann ech dat..., ech hu mer déi Méi gemaach, dat emol eng Kéier auszerechnen. Dank dem Finanzministère sengem opgebaute System, och mat der Steierreform, kann een dat jo maachen. An ech kommen netto fir e Mindestlounbezéier, wann ech kucken, wat en haut am Dezember 2016 netto erauskritt, an ech kucken, wat en dann am Februar, März 2017 erauskritt: Dat si gutt 90 Euro méi de Mount. Dat sinn iwwer 1.000 Euro méi d'Joer!

(Interruption)

Dat ass fir déi Leit vill Geld!

(Interruption)

Dat si 6% méi Revenu! D'accord, deelweis ass dat Récupératioun och vu Kafkraaftverloscht, déi hie wéi all déi aner Leit och hat. Mä et bleift awer: Et kann een net soen, dass sech näischt do gedoen huet! Och fir déi dote Leit bedeit dat dote vill.

Et ass op jidde Fall, mengen ech, an eisen Aen en éischte Schratt an déi richteg Richtung. D'Diskussioun ronderëm dat, wat mer hei zu Lëtzebuerg brauchen, fir dezent ze liewen, ass domadder fir eis selbstverständlech net ofgeschloss. Déi musse mer weider an aller Rou an deenen nächste Méint a Jore féieren.

Wat opfält, sinn déi héich Investissementer, Kreditter fir d'Mobilitéit - Fonds du rail, Lux-Tram -, déi insgesamt ëm 75 Milliounen eropgesat ginn. Entwécklungshëllef, d'sociofamilial Strukturen, Klima- an Energiefong, dat ass zesummen e Plus och nach eng Kéier vu 45 Milliounen. De Schoul- an Héichschoulberäich wiisst immens staark. A schliisslech och d'Kreditter fir d'ënner Sécherheet ginn ëm 9% par rapport zum leschten Exercice an d'Luucht.

Et gesäit een also, dass dat net eng Verwaltung ass, déi hei beréit, dat si politesch Prioritéiten, déi konkret gesat gi fir d'Ëmsetzung vun engem gemeinsame Programm, engem gemeinsame Bild, wéi et hei zu Lëtzebuerg soll an den nächste Joer weidergoen, wat mer als Koalitioun zesummen entwéckelt hunn.

Déi doten zousätzlech Ausgabe sinn och zum Deel nëmme méiglech, well mer de politesche Courage haten, den Zukunftspak ze maachen. Ech sti weider zur Iddi vun deem Zukunftspak. D'CSV steet och zur Iddi, si huet en awer a Grond a Buedem verdaamt, wat déi eenzel Moossnamen ugeet!

(Interruption)

Dës Koalitioun hat zumindest de Courage, fir deen Zukunftspak do ze maachen. E war vläicht net an allen Detailpunkten esou preparéiert, wéi et vläicht hätt misse sinn. Et hu sech eng Rei vu Moossnamen als vill méi schwéier ëmsetzbar erausgestallt, wéi dat gemengt gi war am éischten Äifer vum Ufank. Mä et war awer richteg! A wann och deen Zukunftsprogramm net zu 100% ëmgesat gëtt, och nëmmen deelweis ëmgesat gëtt! Eleng dat, wat elo schonn ëmgesat ass! A wann ee souguer elo eis 0,5%-Steier erausrechent, déi elo net fir jiddwereen 0,5% ausgemaach huet, do si mer eis entre-temps eens, da bleift nach insgesamt iwwert déi Period 2015-2018 - ech kucken nëmmen dës Period - iwwer eng Milliard Euro, déi insgesamt iwwert deen dote Wee eigentlech gespuert ginn ass oder respektiv méi zum Équiliber vum Budget bäigedroen huet. Dat ass awer net näischt!

Dat ass jo net Pipifax, dat do! Dat ass e reellen Effort, dee gemaach ginn ass, dee fir vill lerger gesuergt huet, deen och sécherlech net onbedéngt insgesamt zur Popularitéit vun der Regierung bäigedroen huet. Mä ech mengen, et ass awer wichteg, dass deen dote Geste gemaach gi war: Vläicht, anstatt dass déi gréisst Oppositiounspartei ëmmer erëm op den Detailer dat Ganzt versicht huet nidderzemetzelen, wa se vun Ufank u méi kloer zu deem Ganze gestanen hätt, wär vläicht och d'Opinion publique méi oppe gewiescht zu deem Ganzen. Sou ass dat doten de Spillball ginn tëschent de Parteien, an dat ass ni gutt!

A schlussendlech, mengen ech, bleift et wichteg, dass deen dote Wee gemaach ginn ass. Déi Moossname ginn och net annulléiert, mä se sinn awer komplettéiert selbstverständlech duerch eng aner Politik, déi mer doduerjer elo zum Deel kënne maachen.

D'TVA-Erhéijung, et ass scho gesot ginn, déi viregt Regierung huet se eigentlech op Bréissel gemellt gehat am Pacte de stabilité et de croissance am Abrëll 2013. Si sollt zwar deemools 450 Milliounen, mengen ech, erabréngen. Schlussendlech si mer däitlech drënner. Mir si bei 320 Milliounen, mengen ech, wou d'Regierung dovunner ausgeet, dass dat am Schnëtt pro Joer bréngt. Ech weess net, ob d'CSV do nach aner zousätzlech Erhéijungen am Kapp hat, déi se wollt maachen, fir op déi 450 Milliounen do ze kommen, déi se gemellt huet. Mä op jidde Fall ass et esou, dass dat keng Iwwerraschung ass, dass et kënnt.

An et ass och, wéi gesot, keng Iwwerraschung, dass et duerno soll zu enger Steierreform kommen. Genau dat huet d'CSV jo och virgesi gehat. An hir Steierreform, dat sollt jo wahrscheinlech net nëmmen eng Reform sinn, wou Leit sollte méi Steiere bezuelen, soudass dat Argument: „Dir huelt de Leit fir d'Éischt eppes ewech an da gitt Der et bäi!", dat trëfft d'Auteure vun dër doter Kritik selwer a keen aneren! Duerfir, mengen ech, bréngt et eis net wäit, fir do eng Polemik op deem dote Punkt unzezettelen.

E puer Wuert vläicht nach zum Pluriannuel - ech sinn eigentlech jo scho méi laang, wéi ech eigentlech wollt sinn -, engem Pluriannuel, dee weist, dass, wann dat esou geet, wéi d'Regierung et virausgesäit a wéi och u sech déi staatlech Stellen, déi d'Regierung beroden, dat fir si maachen, mer iwwert déi ganz Period eigentlech missten eisem mëttleren Zil vun der Budgetspolitik gerecht ginn, haaptsächlech natierlech duerch de Boni an der Sécurité sociale, deen héich bleift, dee sech weider ëm 900 Milliounen Euro d'Joer soll bewegen, an och en Iwwerschoss am Gemengesecteur, dee mat ronn 200 Milliounen eigentlech iwwert déi ganz Period festgeluecht gëtt. Den Zentralstat bleift am Defizit, mä an engem Mooss, mengen ech, opgrond och vun der Investitiounspolitik an der Steierreform, dat an dësen Zäiten duerchaus akzeptabel a vertrietbar ass.

Mä selbstverständlech muss ee vigilant bleiwen an dër doter Fro. Et däerf een eigentlech och net noloossen an der Disziplinn bei der Exekutioun vum Budget. Do maache mer eigentlech déi éischt Jore gutt vun dëser Regierung, déi do eigentlech Fouss bei Mol gehalen huet, wat och déi Décisiounen, déi am Laf vun engem Joer geholl ginn, ugeet. An dat ass, mengen ech, immens wichteg, fir dass mer u sech awer bei deem Ganze bleiwen.

Mir ënnerstëtze voll a ganz déi Propositioun, déi och de Rapporteur, den Haagens Claude gemaach huet - et ass schonn eng al Fuerderung -, dass dee Comité de prévision soll formal agesat ginn. De Minister huet sech jo engagéiert, an deenen nächste Méint do e Projet de loi eranzereechen.

A mir fannen och wichteg, an all Rapporteur setzt do säi Schwéierpunkt, dass den LSAP-Rapporteur vun dësem Joer, den Haagens Claude, d'Fro vum Wuesstum, d'Fro vun der Ëmgestaltung vun der Gesellschaft an de Mëttelpunkt vu senge perséinlechen Iwwerleeungen hei an deem Rapport gesat huet, mat der digitaler Gesellschaft, hire Risiken, awer och hiren Opportunitéiten. Wéi kënne mer och an esou enger Gesellschaft de Wuesstum méi gerecht opdeelen? Wéi leeë mer iwwerhaapt d'Regele fest, dass esou eng Gesellschaft kann nach no gesetzleche Regele fonctionnéieren, am fiskalesche Beräich, am soziale Beräich?

All déi Froe stelle sech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä wa mer wëlle bei de sougenannten „first movers" sinn, da musse mer eis déi Fro vläicht éischter stelle wéi anerer.

Virun allem ass fir mech awer wichteg, well ech och als Exlandesplanungsminister mech mat deenen dote Froen ofginn hunn, dass mer eigentlech e puer Dimensioune vun der Zukunftsplanung elo diskutéieren, an dass mer dat zesumme maachen! Et ass fir mech a menger Carrière eigentlech déi éischte Kéier, wou mer dat maachen. Dat ass, dass mer op dër enger Säit d'Landesplanung asetzen, mä d'Landesplanung ass unidimensionell: Bei der Landesplanung geet et ausschliisslech ëm d'raimlech Organisatioun vun den Aktivitéiten. Wou maachen ech wat? A wéi stellen ech déi Verbindungen tëschent deem Ganzen hier? Wéi organiséieren ech rationell eigentlech mäi Raum? Ëm méi bekëmmert sech Landesplanung net!

Dat sinn och ëmmer d'Schwaachpunkte vun den Dokumenter vun der Landesplanung, ob dat de Programme directeur ass oder ob dat den IVL ass, ob dat aner Dokumenter sinn, d'Plans sectoriels. Och do ass et ëmmer dat Raimlecht, dat Raimlech-Organisatorescht, wat eigentlech den Haapt-, de Kärpunkt duerstellt.

Duerfir ass et wichteg, dass mer nieft dër Diskussioun do a parallell zu dër Diskussioun och eng Diskussioun féieren iwwert d'Gesellschaftsform, wéi mer zesummeliewen, wéi mer ee mat deem aneren ëmginn, dass mer déi gesellschaftspolitesch Dimensioun vum Zesummeliewe mat an déi Diskussioun erakréien. Well du kanns schéi Saache raimlech op der Kaart molen an an der Praxis geet et net, well d'Leit dat do net akzeptéieren, well se net wëllen esou zesummewunnen, wéi dat geplangt ass!

An duerfir ass et ganz gutt an et stéiert mech awer och guer net, dass een an d'Ausland higeet an et hëlt een och ee mat engem Numm an et seet een: „Hei, werf du och däi Bléck hei eng Kéier op Lëtzebuerg!" Mä en erfënnt natierlech fir Lëtzebuerg och d'Welt net nei! Hie kënnt natierlech deelweis mat sengen Theesen. Mä duerfir si jo dann..., a mir sinn net um Niveau vun enger Bibel hei! Mir sinn um Niveau

vun engem Virschlag, deen doläit, deen am Fong scho méi duerchduecht ass, well jo och awer schonn un deem geschafft ginn ass. Mä mir sinn awer och net um Enn vun den Diskussiounen!

Mir sinn um Ufank vun den Diskussiounen a parallell dozou natierlech schafft d'Regierung weider un enger gewëssener konkreter Emsetzung. Mä mir brauchen eng demokratesch Debatt iwwert déi dote Fro vun den Zukunftsperspektive vu Lëtzebuerg, ronderëm och de qualitative Wuesstum. An et ass, mengen ech, gutt, dass d'Regierung dat op deem dote Wee ugaangen ass. An ech mengen, dass dat Ganzt eigentlech e Plus duerstellt an eng Chance och doranner besteet, dass mer bis elo d'Zukunftsplanung méi gréffeg maachen, wéi d'Landesplanung dat bis elo fäerdegbruecht huet. Dat soen ech och als laangjärege Responsabele vun där doter Prozedur - et sinn nach aner Leit heibannen, déi herno déi Responsabilitéit haten -, mä d'Landesplanung hat et ëmmer schwéier!

Dat Einfacht, den einfache Begréff vum vernetzten Denken a Plangen, och haut setzt dee sech nach net ëmmer duerch; wat als selbstverständlech eigentlech betruecht gëtt! Et entdeckt een nach ëmmer Dossieren, wou ee gesäit, dass een niewent deem anere geplangt huet an eigentlech déi Planungen net zesummegefouert gi sinn. Dat wëlle mer eigentlech iwwert deen dote Reflexiounsprozess erreechen. An natierlech ass dat ëmmer e flexibele Prozess. Dee muss ëmmer ugepasst ginn.

Ech froe mech e bëssen och, zu de Kriticken hei vum CSV-Spriecher, dee jo awer och laang Minister war an dee seet: „Wou sinn d'Berechnungen, wat dat doten an 20, 30 Joer kascht?", hie soll mir ausser de Pensiounsregimmer een Domän nennen, wou a viregte Regierunge vill méi wäit erausgekuckt ginn ass, wéi iwwer eng Period vun dräi, véier Joer, wat normalerweis d'Planungsperiode sinn.

Et soll ee maachen, mä et soll een dat net an deem virworfsvollen Toun formuléieren, wéi wann dat eng Selbstverständlechkeet wär. Neen, zu Lëtzebuerg ass vill Pilotage à vue och an deene leschten zwanzeg Joer gemaach ginn a ganz ville Beräicher! Dat solle mer gemeinsam änneren. Dat ass e gudde Virsaz, dee mer huelen. Mir solle plangen, mä et muss een natierlech och do wëssen, dass, wat mer méi wäit eraus plangen, wat eis Hypotheesen ëmmer méi fragill ginn, wat de Wourechtkeetsgehalt vun deem, wat hannen erauskënnt, riskéiert, ëmmer méi falsch ze sinn.

Och do eng Erfahrung aus alen Etüden: Ech ka mech un eng éischt Etüd vun der Landesplanung, „Prognos" mengen ech huet déi geheescht, erënneren, déi gemaach ginn ass - dat muss an den 80er, 90er Jore gewiescht sinn -, wou ënnert dem Androck vun der Kris an der Stolindustrie déi Perspektiven, och de favorabelsten Zeenario eigentlech nach ëmmer schlecht war, vun haut aus gekuckt, well een ëmmer d'Tendenz huet, dat weiderzeschreiwen, wat d'Erfahrung ass vun deene leschte Joren. Och wann een dann nach mat enger mëtteler, enger héijer an enger niddreger Hypothees schafft, bleift et awer tendenziell ëmmer an där doter Richtung.

A genau dat riskéiere mer och hei am ëmgedréite Sënn. Vläicht si mer elo weider am Androck, dass et gutt geet - mir wuessen - an d'Tendenz ass dann éischter, mir ginn eis Hypotheesen, déi éischter positiv sinn, doriwwer, wat an 20, 30, 40 Joer ass. Dat muss awer guer net an deemselwechte Moment sinn (veuillez lire: Dat muss awer guer net am selwechte Mooss an där Tendenz weidergoen), well effektiv eng ganz Partie Opportunitéite sinn an och eng ganz Partie Risiken do sinn, a Schocken, déi méiglech sinn. Duerfir: Bei aller Noutwendegkeet ze plangen, och laangfristeg Saachen ze checken, bleift et nach, dass een ëmmer muss Fouss bei Mol halen a wëssen, wat schlussendlech awer och de Wourechtsgehalt vun esou laangfristege Projektiounen ass.

Dass d'Regierung awer net ofwaart an Initiativen hëlt, dat gesäit een am Wirtschaftsminister sengem Projet ronderëm den „space mining", wat komplett nei Weeër sinn, audacieux Weeër si fir Lëtzebuerg, déi awer kënnen, wéi d'Vergaangenheet weist, och immens zukunftsträchteg si fir eist Land. Dat gesäit een an deem, datt se Efforte mécht, wat d'„Digital Lëtzebuerg" ugeet, duerch Kreditter, déi hei drastinn, awer och Kreditter, déi an aneren Entitéite stinn, bei der Post zum Beispill, dass de Glasfaser verallgemengert gëtt mat Picke bis 80, 90 Milliounen d'Joer vun Investissementer, déi d'Post an deem Beräich gemaach huet. Elo sinn et der eppes ronn 45 Milliounen, déi fir d'nächst Joer virgesi sinn. Also dat geet also weider. Iwwert d'Halschent vun den Haushalter si schonn um Glasfaser ugeschloss. D'Aktivitéit soll se jo virgezunn hunn, et si ronn 19 Datazentren, déi mer an deem ganze Beräich hunn, fir och do e Créneau opzebauen. Alles dat, mengen ech, sinn immens wichteg Initiativen, déi elo scho lafen.

A besonnesch wichteg ass et, dass mer och déi Noutwendegkeet, eis do ze investéieren, och an eis Schoulen erakréien. Dat ass jo virgesinn an dësem Statsbudget, fir ebe wat d'Formatioun ugeet, wat nei Bildungszweiger an eise Schoulen ugeet, d'Weiderbildung ugeet, wat d'Fuerschung ugeet, do och déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zur Konklusioun. Dëse Budgetsprojet 2017 ass fir eis LSAP-Fraktioun den Ausdrock vum Fortschrëtt, den Ausdrock vum Vertrauen och an d'Zukunft vu Lëtzebuerg a senge Leit. Dëse Budget stäerkt de sozialen Zesummenhalt. E stäipt déi nohalteg Entwécklung vum Land. E fërdert d'Kafkraaft an déi wirtschaftlech Aktivitéiten a séchert domadder Aarbechtsplazen of.

Dëse Budget ass net d'Resultat vun der Uwendung vun technesche mathematesche Formelen an Normen an d'Resultat vun enger buchhalterescher Mentalitéit. Et ass e politesche Budget, e politesche Budget am gudde Sënn vum Wuert, well et en Ausdrock ass vun der Politik vun dëser Regierung, vun dëser Koalitioun an hire Prioritéiten; Prioritéite fir dat Soziaalt, Prioritéite fir Schoul an Ausbildung, fir Mobilitéit, fir Ëmweltschutz, fir Sécherheet. Héich Investissementer och an deen dote Beräicher ënnersträichen nach eng Kéier déi dote politesch Ausriichtung vun deem heite Budget.

Zu dësem Budgetsprojet hunn ech bis elo, mä dat kann nach kommen, keng konkret Alternativ héieren an der Debatt. Systematesch Kritik, jo, e gewëssenen Zweckpessimismus, jo, vläicht och e mangelnd Vertrauen an d'Capacitéite vun dësem Land, jo, dat hunn ech och iergendwéi eraushéieren aus eenzelnen Interventiounen.

Ech stelle fest, dass keen eenzegen Amendement bis elo erabruecht ginn ass, dass keng Alternativen, wat Prioritéiten, eventuell aner Prioritéiten, déi ee sech duerchaus ka virstellen zu dësem Statsbudget 2017, ugeet. Ech bedaueren dat. Dat mécht dës Debatt e bësse méi aarm. Mä et ënnersträicht awer, dass dës Regierung, dës Koalitioun richtegläit. Dës Regierung, dës Koalitioun, huet Courage bewisen. An d'LSAP-Fraktioun wäert dëse Budgetsprojet 2017 stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An nächst Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter fir déi gréng. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken un direkt mat engem Merci fir de Rapporteur, deen, wéi mir dat mëttlerweil aus Erfahrung wëssen, vill an intensiv Zäiten hanner sech huet, awer och engem Merci un de Finanzminister fir seng Explikatiounen haut de Moien. An e Merci och un Iech zwee fir de Choix vun den Tabellen, déi Der erausgesicht hutt an Ärem Rapport an och de Moien, déi Der visionéiert hutt, Tabellen, déi déi aktuell budgetär a finanziell Situatioun vu Lëtzebuerg gutt erëmginn an déi ons och op déi verschidden Evolutiounen hiweisen. An dat erlaabt ons och, net ze vill op allgemeng Zuelen anzegoen, mä op d'Politicken hannert den Zuelen an awer och op d'Chancen an d'Risiken, déi dës Budgetszuelen ons matginn.

Schlussendlech wëlle mir och op d'Marge vun der Interpretatioun oder vun den Interpretatiounen agoen, déi iwwreg bleift, well bekanntlech, an et ass schonn hei gesot ginn, d'Zuelen net vill Sputt fir Interpretatioun loossen.

Erlaabt ons awer, ier ech op d'Zuelen an hir Interpretatiounen zréckkommen, gläich am Ufank zwou prinzipiell Remarquen ze maachen, notamment zu deem, wat haut schonns gesot ginn ass, an déi mir als gréng Fraktioun, als Majoritéitspartei wollten an dës Budgetsdebatte mat abréngen.

Mir schwätze wuel alleguerten heibanne vun därselwechter Suerg fir d'Zukunft, wa mer iwwert déi verschidden Aspekter vun dësem Budget a vum Pluriannuel diskutéieren. Mir schwätzen, huele mir emol un, iwwert d'Entwécklungsméiglechkeeten an de Potenzial vun onsem Land a wéi mer onse Budget kënnen, sollen oder net sollen ausschëpfen, fir dës Entwécklungsméiglechkeeten ze garantéieren.

Mir schwätze wuel driwwer, esou gesi mir et op alle Fall, wéi mer kënne beschtméiglech mat ëffentleche Suen ëmgoen, fir beschtméiglech haut an och nach muer de Leit an dësem Land, alle Leit, déi an dësem Land liewen a schaffen, eng sozial gerecht an ekologesch tragbar Liewensqualitéit ze bidden. Dat ass d'Thema, wat ons hei beschäftegt, an dat ass d'Fro, déi ons hei soll beschäftegen.

De Budget ass d'Réckgrat vun dëse Politicken, et ass en Instrument vun der Ëmsetzung. Elo kann een enger Meenung sinn, anerer Meenung sinn, et kann ee jee no politescher Iwwerzeegung eng different Argumentatioun hunn, fir dee Wee zu deem Zil ze beschreiwen, vun deem ee politesch iwwerzeegt ass, datt et dee richtegen ass. Dat ass op alle Fall esou, wéi mir Politik verstinn.

Mir als Gréng fleegen eigentlech gären den Austausch, och de kontroversen Austausch. A mir lauschteren och gären anere Meenungen no. Mir sinn och interesséiert un aneren Entwécklungsiddie vum Wee bis zum Zil. Et huet och ganz sécher, dat wëll ech hei och nach eng Kéier ënnersträichen, keen eleng d'Wourecht gepacht, an et kann een och emol seng Meenung weiderentwéckelen a gegebenenfalls änneren, well d'Zäiten och änneren.

Wou mir allerdéngs ons schwéierdinn, dat ass, wann een alles a säi Contraire gutt respektiv schlecht fënnt, jee nodeem, ob een an der Majoritéit oder an der Oppositioun ass. Do gëtt et fir ons schwéier, iwwerhaapt nach en interessanten an och kritesche politesche Géigeniwwer ze gesinn.

Virdrun ass hei erëm eng Kéier iwwer Schold an Defiziter geschwat ginn an de Risiko, datt mer onst Land net responsabel fir d'Zukunft opstellen an onse Kanner e Bierg vu Scholden hannerloossen. Jo, jo, mir sollen, vläicht musse mer och hei zu Lëtzebuerg virsiichteg bleiwen am Ëmgang mat der Opstellung vun onsem Budget a souguer nach vill méi mat onsem Budget pluriannuel.

Jo, mir sinn hei zu Lëtzebuerg, vläicht méi wéi ons grouss Nopeschlänner, ufälleg op déi makroekonomesch Schwankungen, well mer eben e klengt Land sinn a well mer och an enger oppener Ekonomie liewen. An, jo, och mir maachen ons Gedanken iwwert d'Nohaltegkeet vun onse Finanzen, iwwert d'Schmäerzgrenz vum Spuere respektiv déi verstänneg Schmäerzgrenz vum Ausginn, sprëch vum Investéieren, souguer vum Redistribuéieren, wéi notamment bei der Steierreform an och beim Gehälteraccord an der Fonction publique.

An och mir hunn e kritesche Bléck op d'Evolutioun vun de Pensiounen, der Fleegeversécherung an op d'Evolutioun vum Wuesstum. Mir hunn och ons Besuergnis iwwregens dat lescht Joer an onsem Budgetsrapport zesumme mat de Majoritéitsparteie beschriwwen an och guttgeheescht, notamment an onse Konklusiounen, am Kapitel «Mieux vaut prévenir que guérir». Konklusiounen, déi iwwregens d'CSV net matdréit, well se se och net matgestëmmt hat.

Mir wëllen och net ofstreiden, datt et och Ursaache ginn, fir sech haut Gedanken, voire souguer Suergen ze maachen, wéi ons Finanzen an onse Budget muer kéinten ausgesinn, wa mer an eng Krisesituatioun géife geroden.

Mir hunn awer Schwieregkeeten, Här President, wann e Spuerverhale revendiquéiert gëtt, fir den Defizit a virun allem d'Schold zréckzebezuelen, wann ee selwer - selwer! - wärend 34 Joer eigentlech haaptverantwortlech ass fir den Defizit an d'Schold vum Stand Dezember 2013, a just de Contraire gemaach huet, aus onser Siicht: eng Steierreform, déi haaptsächlech dra bestanen huet, de Spëtzesteiersaz drastesch erofzesetzen; Recetten, déi net nohalteg waren, net ofgeséchert, wéi den E-Commerce oder den Tanktourismus; d'Schold bei der Grenz vun 30% vum PIB uwuesse loossen, ouni - ouni! - e Plang virzegesinn, fir dovunner erëm ewechzekommen.

An ech kommen net méi drop zréck, well den Alex Bodry, mäi Virgänger hei, mer eigentlech déi Explikatioune geklaut huet,...

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- … firwat den Zukunftspak eigentlech…

(Interruption par M. Alex Bodry et hilarité)

Net geklaut huet. Jo, ech huelen dat zréck, well en eigentlich vir war an dofir dat gesot huet, wat ech eigentlech elo wollt soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- En huet den Terrain preparéiert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Den Terrain preparéiert.

(Hilarité et interruption par M. Alex Bodry)

Et ass okay.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Éischten ass vir.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, den Éischten ass vir.

Sou, mä firwat - fir elo erëm seriö ze sinn, wierklech - firwat den Zukunftspak 2014 ausgeschafft ginn ass a firwat mer deen esou séier a vläicht, wéi gesot, net esou perfekt ausgeschafft hunn: mä dofir, well dat net nëmmen e wichtegt - leider e wichtegt -, mä leider och en noutwendegt Instrument war.

Verursaacher vun dëser Budgetspolitik bis Dezember 2013, dat ware Politicken, déi wahrscheinlech net cibléiert an net selektiv genuch waren - anerer géifen dat „Géisskaneprinzip" nennen, mir mengen alt, et wär net selektiv an net cibléiert genuch - a wou et munchmol schwiereg wor, eng Linn erëmzefannen, sprëch e Programm fir d'Zukunft erëmzefannen. An ech kommen herno nach op méi konkret Beispiller zréck.

Wat et awer ass: Et ass eng terribel verpasste Chance! Eng verpasste Chance aus dem Ufank vum neie Jordausend, wou Lëtzebuerg hätt kënne sech nohalteg opstelle fir déi nächst Generatiounen, well zu deem Zäitpunkt waren d'Erausfuerderungen alleguerte bekannt: den iwwerproportionéierten Impakt vun der Finanzwelt op ons Budgetsrecetten, de Chômagerisiko a virop d'Problematik vun den onqualifizéierte Chômeuren an der ADEM, déi zu deem Zäitpunkt den Erausfuerderungen net gewuess war, d'Wunnengsproblematik mat hirem Rateschwanz vum Aarmutsrisiko hannendrun. Mä och d'Ëmweltproblematiken an de Klimawandel ware schonn op der Dagesuerdnung. Mir hunn als Gréng notamment och dofir gesuergt.

An et goufen zu dësem Zäitpunkt aus onser Siicht schonns Alternativen, fir eng Rei Kurskorrekturen ze maachen. Et sinn och eng Rei Propositioune vun den deemolege Regierungen op den Dësch komm, déi mir och aus der Oppositioun matgedroen hunn, well mir se aus onser Siicht fir richteg a fir wichteg fonnt hunn. Ech kommen och do herno nach op dës Iddien zréck, aus Zäiten notamment, wou d'CSV Schlësselressorten hat.

Mä komme mer emol fir d'Éischt zu onser zweeter prinzipieller Remarque, andeems ech kuerz e klenge Rappell awer wëll maachen, wéi eng Lag vun der Natioun déi nei Majoritéitsparteien am Dezember 2013 virfonnt hunn. Et war näämlech un dëser Regierung an un dësem Finanzminister, déi schwiereg politesch Tâche unzegoen, fir d'Konsequenzen aus der Finanzkris ze zéien. Domadder menge mir och d'Konsequenze vun der munchmol dach awer opaquer Finanzpolitik, déi et weltwäit, europawäit an och hei zu Lëtzebuerg erméiglecht huet, ontransparent, ondemokratesch, voire onéierlech séier sech ze beräicheren, haaptsächlech op d'Käschte vun der Allgemengheet.

Fänke mer emol bei Tax-Rulingen a LuxLeaks un oder d'„stock-options", zwou vun enger Rei vu Fërdermoossname vun de viregte Regierungen a virun allem vun de viregte Finanzministeren, Moosnamen, déi - et muss een et awer éierlecherweis soen - awer eng ganz Rutsch vun Déchets fiscaux mat sech bruecht hunn an zum Deel och nach mat sech bréngen.

Déi éischt Moossnam huet dës Regierung elo endlech an e gesetzleche Kontext gesat, deen och déi gefuerdert Transparenz garantéiert. Hätt Lëtzebuerg dës gesetzlech noutwendeg Moossnam schonn etlech Jore méi fréi gemaach, bräicht de Steierbeamten aus dem Steierbüro 6 sech net esou oft haut krankzemellen!

„Stock-options" sinn en Thema an der Majoritéit an et war och en Thema bei onse Verhandlungen, wéi mer onse gemeinsame Koalitiounsprogramm opgestallt hunn, grad wéi iwwregens d'Tax-Rulingen och. Et ass ewell och en Thema gi bei der CSV, op alle Fall bei engem Deel vun der CSV. An och hei muss dës Regierung opklären a gegebenenfalls opraumen, wat scho längst hätt missen déi viregt Regierungen a virun allem och do déi viregt Finanzministeren opmierksam maachen.

Nieft den hausgemaachte potenzielle Problemer, déi eigentlech sans loi ni foi gewuess sinn a sech selbststänneg gemaach hunn, hunn dës Regierung an dëse Finanzminister sech misse mat internationalen an europäeschen neie Regele befaassen, wéi notamment dem Aféieren an der praktescher Ëmsetzung vum Échange automatique vun den diversen Antiblanchiment-Direktiven, wou Lëtzebuerg zu den „early adopters" gehéiert, an elo viru Kuerzem och dem Aféiere vun de BEPS-Regelen.

Ech menge kënnen ze behaapten, datt dëse Finanzminister eng Positioun vun engem feinen, diplomateschen, awer éierlechen Équiliber konnt vermëttelen um internationalen Niveau tëscht engersäits der Revendicatioun vum „level playing field" an anerersäits der Politik vu Lëtzebuerg als „first" oder „early adopter".

Dës konsequent, net ëmmer evident Politik huet mat Sécherheet dem Land erëm e gudden Deel vu senger Kredibilitéit an e positiven Image erëmginn. Eigentlech huet dës Regierung dat fäerdegbruecht, bannent knapp dräi Joer, wat d'CSV an hirem Wahlprogramm 2013

geschriwwen hat, näämlech der Finanzplaz erëm - an ech zitéieren - en „einwandfreien Ruf“ ze ginn, deeselwechten „Ruf“, deen déiselwecht Partei mat hirer opaquer Finanzpolitik ee Moment ferm a Gefor bruecht hat. Dat muss een esou soen.

Da géifen, Här Minister, Här President, mir Gréng gär dem Här Minister Merci soen an him och soen, datt mir dat éierlech begréissen, datt hien de Moie sech mat Freed ausgedréckt huet, datt manner gefëmmt gëtt. Dat éiert lech, Här Finanzminister, well - Dir wësst et - d'Konsequenz fir lech ass och manner an der Keess. Mä doduerch, datt Dir déi Ausso hei gemaach hutt, mengen ech, ass hei e wichtegt Zeeche gesat ginn, datt eigentlech d'Gesondheet vun de Leit an doduerch och d'Liewensqualitéit vun de Leit priméiert. Merci dofir!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Et war kee Rauchzeechen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Neen.

(Hilarité)

Ons Finanzen zu Lëtzebuerg, menge mir och, si gutt. Jo, effektiv, mir hunn no den Zuele vun de Moien 11 Milliarden oder nëmmen nach 20,5% vum PIB an der Dette publique, an och effektiv, wéi et gesot ginn ass, läit de Solde nominal beim Zentralstat bei minus 407 Milliounen, also 0,8% vum PIB. An effektiv rutschen d'Previsioune fir 2017 e bësse méi erof. Mir wäerten dat Joer duerno klammen.

De Rapporteur huet et haut genau beschriwwen, an de Minister och iwwregens. Mir sinn net nëmmen an enger privilegéierter Situatioun an der Europäescher Unioun, mä mir hunn effektiv 2014 - ausser dem Sukuk -, 2015 an 2016 keng nei Scholde gemaach a mir hunn och eng Schold vu 400 Milliounen zréckbezuelt.

A mir wäerten, jo, mir wäerte ganz héchstwahrscheinlech dëst Joer Sue léinen, neen, d'nächst Joer Sue léinen, dëst allerdéngs am Sënn vun nohaltegen Zukunftsinvestissementer respektiv fir weiderhin Defiziter aus der Vergaangenheet ze bewältegen.

Awer, wichtegen Detail: Iwwer dräi Véierel vun den Investissementskäschte ginn iwwert d'lafend Käschte bezuelt. An dofir ass et jo och richteg, wann de Conseil national des finances publiques seet, datt d'Investissementskäschten net iwwert d'Schold bezuelt ginn. Jo, dat stëmmt. De Gros leeft iwwert d'lafend Käschten. A mir investéieren héich, jo, mir investéiere souguer ganz héich an Infrastrukturen. An dat ass, wa gutt geplangt, en nohaltegen Invest, well mer domadder den Nachholbedarf an Infrastrukturen ophuelen an och onst Land fir d'Zukunft preparéieren.

A mir sti viru groussen Erausfuerderungen. Mir nennen dës Zäit eng Transitiounszäit, wou mer, wa mer muer an iwwermuer nach esou gutt liewe wëlle wéi haut, spéitstens haut ons musse sozial, landesplaneresch, wirtschaftlech an ekologesch nei organiséieren, jo souguer nei orientéieren.

(Interruption)

Okay.

An dat geschitt elo schonn, dat geschitt elo och schonns a verschiddene Beräicher. Mir sinn amgaangen, an dësem Land eng nei Form vu Finanzpolitik, sprëch Finanzservicer ze entwéckelen, déi notamment ons Verflichtungen a Saache Klimaschutz berücksichtegen.

D'Finanzéierung vum Klimaschutz mécht awer natierlech nëmme Sënn, wa mer och heiheem ons Hausaufgabe maachen. An och hei si mer um richtege Wee. Säit Ufank vum leschte Joer hu mir eng „climate task force“, déi der Regierung hëlleft, fir Lëtzebuerg als Zentrum vum Klimafinanzement ze etabléieren.

Éischt Resultater kënne mer elo schonns gesinn. Den 23. September gouf den „LuxFLAG Climate Finance Label“ virgestallt. Unhand vu strenge Kritären zertifizéiert dëse Label Fongen, déi an de Klimaschutz investéieren. An zanter dem 27. September hu mer och eng gréng Bourse hei zu Lëtzebuerg. De Luxembourg Green Exchange ass déi weltwäit éischt Plattform, déi ausschliisslech op gréng Finanzementsinstrumenter setzt.

Da wëll ech awer och bemierken, datt eis Bourse Weltleader ass, wat gréng Obligatiounen ubelaangt, mat iwwer 100 Stéck. Mëttlerweil sinn och méi wéi 200 Investitiounsfonge fir Klima an Energie hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert.

An dann hu mer zesumme mat der BEI déi éischt „climate finance“-Plattform lancéiert, eng gemeinsam Initiativ, fir innovativ Investprojeten ze ënnerstëtzen, déi e staarken Impakt hunn am Kampf géint de Klimawandel. Dës Initiativ ass iwwregens och op der COP22 zu Marrakesch virgestallt ginn a Lëtzebuerg ass positiv opgefall fir dësen avantgardistesche Charakter.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Dës Finanzinvestissementer sinn iwwregens, an dat wollt ech och nach hei ënnersträichen, méi krisesécher, well se nohalteg investéiert sinn. Dës nei, innovativ Finanz- a Wirtschaftspoliticke wäerten an Zukunft dozou bäidroen, datt mer ons an dësem Land diversifiéiere kënnen an domadder lues awer sécher ewechkomme vun deem uniquë Pilier vun der Finanzplaz. An domadder schafe mer och eng gutt Portioun Sécherheet fir d'Entwécklung vun onsem Land.

A mir brauchen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir brauche méi vun dësen neien an innovative Politicken, fir onst Land kënne weiderzëentwéckelen, nohalteg um wirtschaftleche Plang an doduerch och nohalteg um budgetäre Plang, mä awer och nohalteg um sozialen an ekologesche Plang, well eng schlecht oder keng preventiv Sozialpolitik duerno eng ganz deier réparatrice Sozialpolitik mat sech bréngt a well eng schlecht Ëmweltpolitik enorm finanziell Käschte mat sech bréngt.

Mir mussen haut an dës nei Politicken investéieren a mir brauchen haut méi wéi jee e Budget an nach vill méi e pluriannuelle Budget, déi konsequent no dësen nohaltege Kritären opgestallt ginn.

Nohalteg an d'Zukunft investéieren heescht aus onser Siicht, virun allem an d'Kanner, an d'Jugendlech investéieren, an d'Éducatioun an an d'Formatioun investéieren. Et ass dëst an onsen Ae sozial a wirtschaftlech dee beschten Invest an et huet en direkten Impakt op eng nohalteg Entwécklung vum Land. Mir investéieren domadder konsequent an d'Matière grise. Innovatioun a Recherche, dat ass ons Matière grise, an et ass eng Énergie renouvelable à 100%.

Dësen Invest à moyen an à long terme ass e politesche Choix. Et ass en Invest, deen en direkte Lien huet zur intelligenter Entwécklung vun onser Wirtschaft, an dëst a ville verschiddene Secteuren. Zum Beispill am Programme de réforme „Lëtzebuerg 2020“ geet d'Ënnerstëtzung an déi privat a public Recherche erop a mécht tëschent 2,3% an 2,6% vum PIB aus. Tëschent 2014 an 2017 wäert de Stat 1,15 Milliarden an d'Recherche an an den Enseignement supérieur investéieren. An dozou kommen nach derbäi 240 Millioune fir de Fonds national de la recherche.

E Wuert och, well et wichteg ass net nëmmen am Invest, mä och ebe fir dat gesellschaftlecht Zesummeliewen, e Wuert zu de Chèque-servicen. Déi schloen am Budget 2017 mat 347 Milliounen zu Buch, dat si bal 11% méi wéi dëst Joer. An dozou kommen och nach iwwer 75 Millioune fir Infrastrukturen, déi an de Fong fléissen, mä déi mer alleguerten integral erëm do eraushuelen: 21 Millioune fir d'Aide à l'enfance, 17 Millioune fir d'Maisons relais an 30 Millioune fir privat konventionéiert Etablissementer.

Wat an hiren éischte Joren eng gutt gemengt, mä eng schlecht ëmgesat Politik war, kënnt elo endlech an d'Joren, wou mer kënne soen, datt mer hei an dësem Land eng flächendeckend qualitativ gutt Kannerbetreiung hunn. An déi flächendeckend gratis Crèchë sinn ugekënnegt fir déi nächst Rentrée.

D'Kannerbetreiung zu Lëtzebuerg ass sozial gerecht, si ass sozial férderndd a si gëtt mëttlerweil och elo gutt gestionnéiert an, nach méi wichteg, gutt kontrolléiert. Mä virun allem, virun allem ass et eng Politik vun der Chancëgläichheet fir all Kanner, mä och fir d'Familljen, ob monoparentall oder net, a fir d'Elteren, virop fir d'Mammen, déi schaffe ginn. Et ass e gesellschaftspoliteschen Invest an eng Form vun Zesummeliewen eben an onsem Land.

Et ass awer och en ekonomeschen „return on invest“, wann ee weess, datt jonk Fraen déi sinn, déi zum gréisste Prozentsaz besser, voire souguer vill besser ofschneiden an der Schoul, op der Uni an an der Beruffsausbildung. A mir kënnen ons et net méi leeschten, dës Kompetenzen duerno net anzesetzen.

Fir ons sinn et dës zwou Kategorië vu Budgetspolitik, déi de gréissten a wichtegste gesellschaftspoliteschen Impakt fir déi nächst Jore wäerten hunn.

Et kommen och 4% d'nächst Joer méi wéi dëst Joer an de Logement subventionné, eppes méi wéi 210 Milliounen. Aus dem Statec sengem leschte Rapport „Travail et cohésion sociale“ sinn d'Zuelen zum Aarmutsrisiko a Relatioun mam Logement a mat de Logementspräisser gestallt. De Logement a virop de Logement subventionné an der Locatioun muss an deenen nächste Joer weider zur absolutter Prioritéit vun der Regierung zielen.

Derbäi kommen nach de Paquet Klimabank an dat nohaltegt Wunnen an de Certificat de durabilité d'un logement, déi mir muer de Mëtteg stëmme wäerten an déi eng selektiv a geziilten Hëllef fir vill Leit wäerten duerstellen, déi bauen oder renovéieren. Dat ass gutt fir d'Leit, dat ass gutt fir d'Handwierk, dat ass gutt fir d'Budgetsrecetten, well d'Suen hei am Land bleiwen, an et ass gutt fir de Klima!

Mir brauchen zu Lëtzebuerg Initiativen, déi an de soziale Wunnraum an awer och an den erschwéngleche Wunnraum investéieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

A mir brauchen zu Lëtzebuerg Initiativen an der Locatioun. Et sinn déi Präisser, déi vun der Locatioun, déi am meeschte weider klammen, vun de Wunnengen, déi verlount ginn, well d'Demande héich ass. An do droen d'Gemenge mat Sécherheet eng Verantwortung, mä d'Gemenge brauche konkret Ënnerstëtzung vum Stat.

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Mir denken, datt an Zukunft méi a méi oft a preventiv Politike muss investéiert ginn, fir eben dem Aarmutsrisiko en amont entgéintzewierken. All Aarmutssituatioun, déi net opkënnt, muss duerno net wettgemaach ginn, mat vill Leed fir d'Leit a mat vill Sue fir d'Allgemengheet.

An déiselwecht Virgeeënsweis hu mer erfuer an der Ëmweltpolitik: Do, wou mer net preventiv virgaange sinn, kascht et ons duerno ganz vill, jo, ganz vill méi deier, ouni d'Gesondheetsschied oder d'Schied vun der Liewensqualitéit matanzerechnen.

D'Waasser, d'Ofwaasser sinn e Musterbeispill vu verpasste Chancen hei am Land. Nach ni, nach ni ass esou vill an d'Ëmwelt, an den Naturschutz investéiert gi wéi déi dräi lescht Joren, och dat weisen d'Zuelen, an d'Kläranlagen, an d'Qualitéit vun onse Flëss a virun allem endlech a Waasserschutzzonen, sprëch an d'Qualitéit vum Waasser. Vun 2017 bis 2020: 13,5 Millioune fir de Waasserschutz, 20,1 Millioune fir d'Renaturéierung vun onse Flëss a 27,2 Millioune fir d'Iwwerschwemmungsgebidder. Alles, alles integral Nachholbedarf!

An dann huelen ech mer nach eng Kéier e Beispill un deem, wat mer d'leschte Kéier erfuer hu bei der Diskussioun iwwert d'Steierpolitik. Ech hunn, léif Kolleege vun der CSV, och elo Äre Wahlprogramm gelies, nach eng Kéier. An do steet op der Säit 16 vun Ärem Wahlprogramm 2013, datt Dir wéilt bis 2015 all d'Drénkwaasserschutzzonen ausweisen.

Dir hutt jo elo gemierkt, mir hunn ugefaangen 2014 am Januar direkt, Dir hutt gemierkt, wéi laang dat dauert, wéi schwéier d'Prozedure sinn. Dat geet säin normale Wee, mä do mussen d'Prozeduren an déi demokratesch Ofstëmmunge respektéiert ginn. An dat bréngt een einfach net an engem Joer ronn. Dofir mierkt een eigentlech, wéi labber, wéi labber Dir mat esou engem schwieregen a wichtegen Thema ëmgaange sidd, fir kënnen an engem Wahlprogramm ze schreiwen, datt een dat alles an engem Joer gemaach hätt.

Mä iwwregens och haut nach, muss ech soen, schéngt d'Waasserqualitéit vun onsem Drénkwaasser, vun onse Flëss, vun onser Opbereedung vum Ofwaasser keen Thema bei lech ze sinn. Mir fannen näämlech keng Spur dovunner an deenen 18 Punkte vun der CSV.

Iwwregens fanne mer och kee Wuert - kee Wuert, wa mer scho bei der Ëmwelt sinn - iwwer erneierbar Energien a Klimapolitik an deenen 18 Punkte vun der CSV. A mir fannen och keng Spur iwwert den Tram, iwwert de Carsharing oder iwwert d'Eisebunn an Ären 18 Punkten.

Mä dofir fanne mer awer eppes - mir fannen eppes, Här Wiseler! -, mir fannen den Ausbau vun onsen Autobunne vun zwou op dräi Spuren.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Esou vill - esou vill! - zu der Suerg fir d'Zukunft vun der CSV.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Madamm Loschetter,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Esou vill zu de verpasste Chancen, mä gradesou vill zu der Laascht vum Nachholbedarf.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Madamm Loschetter, erlaabt Der, dass den Här Wiseler lech eng Fro stellt, wann ech gelift?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Wann et eng Fro ass, gären.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Madamm Loschetter, da froen ech lech, ob Der och gelies hutt, datt déi 18 Punkten, déi mer do beschriwwen hunn, 18 Punkte sinn, déi ëm d'Croissance gaange sinn an déi am Fong Weeër gewisen hunn, wéi mer an deenen nächste Joren déi Croissance sollte bewältegen, an net den Usproch haten, bei Wäitem net den Usproch haten, komplett ze sinn an de ganze Programm duerzestellen.

Dir wäert eis also och erlaben, verschidde Punkten eenzel unzegoen. Ech si just frou, datt Der se gelies hutt.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Madamm Loschetter, Dir hutt elo eleng d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Här Wiseler, mir hu scho gemierkt, datt et an Ären 18 Punkten ëm d'Zukunft an ëm d'Croissance geet, oder ëm d'Croissance an ëm d'Zukunft geet an ëm de wirtschaftleche Wuesstum.

Also, wann erneierbar Energien a Moossnamen, fir dem Klimawandel entgéintzewierken, net zum ekonomesche Wuesstum gehéieren; wann den Tram, de Carsharing an den ëffentlechen Transport an all dat, wat ronderëm gehéiert, d'Handwierk an esou weider, net zum Wuesstum an zur ekonomescher Croissance vun dësem Land gehéieren, Här Wiseler, dann deet et mer wierklech leed, mä da gesinn ech net, wou Dir déi positiv Zukunftsvisioune gesitt!

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Madamm Loschetter,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Mä ech kommen nach eng Kéier zréck op Ar Zukunftsvisioun.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dir kënnt verschidde Saachen eis net reprochéieren, notamment zum Beispill, datt mer eis net an deene leschte Jore wesentlech fir den Tram agesat hätten.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Den Här Wiseler schwätzt ëmmer, ouni datt een em d'Wuert gëtt.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Dat kënnt Der eis wierklech net reprochéieren. Dir kënnt et zwar elo emol soen, mä domadder ass et just gutt gesot.

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Madamm Presidentin, ech äntwerte ganz gären op Froen. Mä ech hu guer net gär, wann e Mikro ugemaach gëtt fir Tëscheriff, well dat bréngt mech duerjerneen.

(Exclamations)

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Ah, ech wollt lech zwar wierklech elo net duerjernee bréngen, Madamm Loschetter.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Sou, wann ech gelift!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Dat ass net wouer. Ech maachen de Mikro ni un.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Okay. Wann ech gelift, Madamm Loschetter, wann Der wéilt virufueren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* De Finanzminister huet de Moien a sengem drëtte Punkt eng léif Beschreiwung gemaach iwwert d'Glaskugel. Mir schwätzen do, et ass datselwecht, Madamm Presidentin, mir schwätzen do iwwert dat Preventiivt. Preventiv heescht: virausdenken, antizipéieren, mëttel- a laangfristeg gestalten. Et ass genau dat, wat de Minister de Moien och ernimmt huet: e Programm hunn an de politesche Wëllen, dran ze investéieren.

A vläicht och, vläicht och e bësse politesche Courage, well mëttel- a laangfristegt Denken an Investéieren ass de Contraire vu séierem Zefriddestellen. Et brauch Zäit an Energie, fir dës Politicken ze erklären, fir d'Visioune vu muer zesumme mat - mat! - de Leit ze entwéckelen, fir d'Leit mat an d'Boot ze kréien, fir zesummen ze gestalten.

De Contraire dovunner, an ech wëll kengem eppes ënnerstellen, mä aus onser Siicht ass de Contraire dovunner wat mir nenne Populismus: einfach Äntwerten op komplizéiert Themen, séiert Ëmsetzen a gegebenenfalls mat Angscht schaffen.

(Interruption)

An à propos politesche Courage, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Presi-

dentin, erlaabt ons, e bëssen och wéi mäi Virriedner op d'Landesplanung anzegoen, well duerch eng gutt duerchduechte Landesplanung kréie mer déi elo grad genannten aner Politicken openeen a mateneen ofgestëmmt. A schlussendlech duerch eng duerchduechte Landesplanung schaffe mer un der Entwécklung vum Land an u senger Gestaltung fir déi nächst Generatiounen an un hirer Liewensqualitéit.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Erlaabt mer dofir, e bësse bei deem Thema ze bleiwen, well Landesplanung heescht och, am Virfeld definéieren, an dëst no Kritären, déi am Virfeld definéiert sinn, wat wou gebaut gëtt.

Et gouf emol aus onser Siicht eng luewenswäert Initiativ: den IVL.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Genau! Deen hat genau dat Zil: kloer definéieren, wat wou soll wuessen, wat wou soll gebaut ginn.

Mir hunn dat aktiv ënnerstëtzt aus der Oppositioun eraus. Mä duerno koum engem aneren CSV-Minister säi Pacte Logement an dunn ass - IVL hin oder hier - eng Course an de Gemengen ugaangen, wien am meeschte géif wuessen, fir kënne méiglechst vill vun de Suen aus dem Pacte Logement ze profitéieren.

Bass de op d'mannst 1,5% pro Joer gewuess, egal wou deng Gemeng war, krus du d'Suen. Das wilde Wachstum uerchtert d'Land ass mat ëffentleche Sue gesponsert ginn!

Eng kloer Linn wor do net méi ze erkennen, Kolleeginnen a Kolleegen, an eng Zukunftsvisioun, wéi sech sollt wat wéini entwéckelen, och net.

(Interruption)

Dat ass regrettabel, well et si vill, jo, et si ganz vill Suen aus dem Statsbudget an déi veschidde Gemeng gefloss, déi wuel en eegene Programm haten, mä deen net um nationalen Niveau ofgestëmmt war.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Mam Resultat, datt d'Liewensqualitéit fir jiddwereen op villen Niveaue sech verschlechtert huet, a mam Resultat, datt mer haut e krasse Mobilitéitsproblem hunn. An haut proklaméiert de Spëtzekandidat vun der CSV seng Ängschte virum Wuesstum a schwätzt vun Horrorvisioune vun engem 1,1-Milliounen-Awunnerstat!

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Jo, mä, Här Wiseler, Här Wiseler, loosst mech soen: Wien huet dann derfir gesuergt, wien huet dann derfir gesuergt, datt virun 10, 15 Joer et deemools net zu dëser wichteger an aus onser Siicht noutwendeger Diskussioun komm ass? Zu engem Zäitpunkt, wou d'Keese gutt voll waren a wou mer all Atout an dësem Land haten an all Info iwwert déi wesentlech Erausfuerderungen, fir ons richteg fir muer an iwwermuer opzestellen!?

An ech ginn lech e Beispill, à titre d'information: Mäi Kolleeg, den deemolegen Deputéierte Camille Gira, haut Statssekretär am MDDI, huet seng éischt vu véier Motiounen, fir eng Etüd zum Tanktourismus ze maachen, am Joer 2001 hei déposéiert. Duerno koumen der nach zwou am Joer 2003 an et koum nach eng véiert - haalt lech un! - am Joer 2011.

An hien huet dat net gemaach, Här Wiseler, fir lech deemools ze nerven. Mä hien huet dat, mä mir hunn dat gemaach, well mer gären alleguerten eng kloer Analys hätten iwwert de Sënn, gegebenenfalls iwwert den Onsënn, vum Tanktourismus, iwwert d'Recetten an d'Ausgaben, iwwert d'Nohaltegkeet vun dëse Recetten.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dir hutt iwwert d'Pëtrolspräisser geschwat, déi wäerten an d'Luucht goen. Ma hei, dat geféiert dozou! A fir déi Analys vum Tanktourismus, do hätte mer och gär gehat vun 2001 un, datt d'Ëmweltschied finanziell quantifizéiert kéinte ginn.

Dat war, ech ginn et ganz gär zou, zu deem Zäitpunkt fir vill keen Thema a fir anerer huet et net dierfen zu engem Thema ginn. Haut hu mer dës Etüd. A mir hunn d'Zuelen. Mir hunn haut konkret Zuelen iwwert dat, wat den Tanktourismus eis erabréngt a wéi vill en ons kascht.

D'Regierung, dës Regierung ass elo gefuerdert, eng Sortie ze gestalten, déi ons keen zweeten Debakel à la E-Commerce wäert bréngen. Well dat, wat bis elo geschitt ass, ech woen dat ze behaapten, dat, wat bis elo geschitt ass an dësem Dossier iwwert den Tanktourismus aus onser Siicht, dat ass dat, wat ee kéint nennen: „Nach uns die Sintflut!".

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madamm Loschetter!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, wann et eng Fro ass, Här President, ganz gär.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Also, ech wëll da froen, déi Analys vum Tanktourismus, déi ass jo elo da gemaach ginn. No dräi Joer läit se da schlussendlech um Dësch.

D'Fro ass just: Wéi gi mer dann elo mat där Etüd do ëm? Ech hunn den Här Gira um Radio héieren, fir ze soen, datt emol einstweilen näischt géif finanziell gemaach ginn, datt een dat emol alles misst kucken, datt een do emol misst lues maachen, datt een dat misst alles analyséieren.

Ech hunn och déi Etüd do gelies. An ech hunn eng ganz Rei Froen zu där Etüd do ze stellen, well déi Zuelen, déi do avancéiert ginn, an déi Aart a Weis, wéi dat presentéiert ass, dat léisst awer a mengen Ae méi wéi Fragezeichen zou.

Also meng konkret Fro ass: Wéi huet d'Regierung da wëlles, mat där Etüd do ëmzegoen? Respektiv wéini soll déi dann eng Kéier diskutéiert ginn, wann déi fir lech esou wichteg ass?

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Also, ech géif awer gären dem Här Wiseler äntwerten, datt se éischtens net no dräi Joer um Dësch läit, mä no 15 Joer um Dësch läit.

Une voix.- Exzellent!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Aus onser Siicht op alle Fall, well mir hunn déi Demande per Motioun gemaach am Joer 2001 - dowéinst.

Zweet Saach, déi ech kann äntwerten, well ech si jo net d'Regierung, mä déi zweet Saach, déi ech kann äntwerten, ass, datt mer jo grad en Debakel à la E-Commerce wëlle vermeiden, wou vun engem Joer op dat anert mer en Abroch hunn. An dofir geet déi Regierung elo virsiichteg mat deene kloren Zuelen...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass awer de Contraire vun deem, wat déi Gréng elo 15 Joer laang gefrot hunn!

(Brouhaha)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dat ass absolutt net de Contraire! Mir wëllen net, mir wëllen net vun haut op muer an en E-Commerce... Här Wiseler, also, da muss ech awer e bëssen elo aushuelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Huelt lech Zäit!

(Interruption)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, ech muss awer elo hei betounen - ech muss awer elo hei betounen! -, datt et jo bekannt war, a spéitstens säit onser Motioun 2001, well ech mengen, den Här Gira huet dat hei ausféierlech erkläert, datt et bekannt war, da loosse mer emol soen, spéitstens säit 2001, datt déi Recettë vum Tanktourismus keng nohalteg Recettë sinn, datt déi de Fluktuatioune vu ganz ville Saachen ausgeliwwert waren, notamment och, mä net nëmmen, vun de Pëtrolspräisser, datt een déi also net kann einfach esou als rekurrent Recetten a lafend Käschte programméieren, mä datt ee muss wëssen, datt déi kéinte staark variéiere bis ewechfalen.

Sou! Dat war jo net gemaach ginn. Dofir mengen ech, datt mer - mir alleguerten an Dir vläicht e bësse méi wéi mir - missten eigentlech e bësse méi diplomatesch mat där Saach ëmgoen a wëssen - mir hunn elo d'Resultater -, net nëmme si mer nach ëmmer de Schwankungen ausgesat, well dat ka vun haut op muer ganz anescht sinn, mä zweetens wësse mer, datt dat do ons méi kascht, wéi et ons erabréngt.

Sou!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat ass Är Interpretatioun!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Gutt. Erëm eng Kéier, also déi do Ausso, déi jo keng Fro war, Här President, mä ech huele se awer op, déi do Ausso, wann Dir sot: „Et kascht méi, wéi se erabréngt" (veuillez lire: „Et bréngt méi eran, wéi et kascht"), do gesi mer erëm, wéi eng Visiounen Dir fir d'Zukunft hutt.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech géif gär emol eng Kéier seriö driwwer diskutéieren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Op jidde Fall keng, déi Ëmweltschied considéréiert,...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech géif emol eng Kéier ganz seriö gär driwwer diskutéieren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- ...a scho guer keng, déi Ëmweltschied finanziell quantifizéiert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech géif gär seriö doriwwer diskutéieren. An ech hunn d'Fro gestallt, wéini mer dat da kënne maachen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Sou. Also mir wäerten eis nach vill beschäftege mat deem Tanktourismus a mir wäerte ganz sécherlech och, ganz sécherlech och...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- An och Är Aussoe vu virun zéng Joer nach eng Kéier bréngen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Sou! Esou wéi...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Elo schwätze mer net méi duerjerneen, well soss versteet kee méi eppes!

(Interruption)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo. Dat Bescht wier einfach, et géif een de Mikro...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madamm Loschetter, adresséiert lech un d'Chamber! A mir fueren elo an der Diskussioun weider.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Et ass gutt.

Sou wéi…

(Interruption et hilarité)

Sou wéi am Waasserschutzzonendossier, esou wéi am Kläranlagendossier, esou wéi am Klimadossier, esou wéi am Landesplanungsdossier, esou och am Mobilitéitsdossier: Am Mobilitéitsdossier ass nom Motto „sowohl als auch" investéiert ginn. Dat heescht, ech promouvéieren dat eent an dat anert, an ech ignoréieren dobäi, datt et Mobilitéitszorte ginn, déi e groussen, jo souguer e ganz groussen Nachholbedarf opweisen, wat natierlech dozou gefouert huet, datt mer zu Lëtzebuerg och haut - och haut! - nach keen équilibréierte Choix hunn, also Choix vun de Mobilitéiten.

Haut ass et esou…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Sidd Dir fir de Choix?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Mir sinn op alle Fall, fir datt et misst..., also…

(Interruptions et hilarité)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- D'Madamm Loschetter gëtt op. Här Wiseler, si gëtt op!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- D'Zuele weisen awer haut, datt do méi investéiert gëtt, wou et en Nachholbedarf gëtt - a vill méi investéiert gëtt -, näämlech genau do an déi Mobilitéit, déi klimakompatibel ass. Mat där haiteger Regierung sinn d'Zuelen am Budget inverséiert ginn, inverséiert ginn: een Drëttel an d'Stroossen an zwee Drëttel an den ëffentlechen Transport an an d'Mobilité douce. Endlech!

Verschidde Programmer sinn extrem an der Zäit beschleunegt ginn. Dat ass och en Ënnerscheed zu deem, wat virdru gesot gi war, datt eigentlech alles scho prett war an datt dat einfach weidergefouert gëtt. Neen! Et gëtt net nëmmen einfach weidergefouert, wat eventuell prett war. Mä et ass a) adaptéiert ginn, a b) ass virun allem extrem, extrem beschleunegt ginn: den Tram…

Une voix.- Autobunn op dräi Spuren!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- … an den Arrêt Pont Rouge d'nächst Joer an d'Cloche d'Or an de Findel 2020.

An den nächste Jore gi 674 Milliounen an déi dräi grouss Mobilitéitszentren investéiert. Net nëmmen d'Stad, mä och Esch a virun allem och d'Nordstad sinn en Thema. Aacht Joer Gewënn, richteg!

Insgesamt si vun onsen Investissementer bal ee Véierel gréng Investissementer, gréng am Sënn vu Klima- an Ëmweltschutz, deenen hiren Niveau haut duebel esou héich läit wéi nach 2013. All dës Zuelen am Budget, virop déi vun den Infrastrukturen, sinn a Relatioun ze setze mat der Diskussioun, sou gesi mir et, déi mer säit der Rentrée an dësem Land féieren iwwert de Wuesstum. Mir schwätzen an dësem Sënn léiwer vun „Entwécklung", well dorëms geet et jo hei schlussendlech.

Mir brauchen, Kolleeginnen a Kolleegen, méi wéi jee eng Entwécklungsstrategie fir Lëtzebuerg, déi logesch, déi konsequent, déi effizient fir d'Bierger an d'Biergerinnen an d'Betriber ass, déi ekologesch a klimapolitesch kompatibel ass an domadder an engems och d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vun alle Leit ka garantéieren.

Dës Regierung huet sech eng Base dofir geschafen a knapp 500 Säiten, déi net nëmme vum Här Rifkin redigéiert gi sinn, mä vun iwwer 300 Akteuren…

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- … vun hei zu Lëtzebuerg!

Et gëllt elo, dës Rifkin-Base - ech soe ganz gär: den „Raster" dovunner - ze fëllen, ze fëlle mat Aarbechtsgruppen, am Austausch mat alle Bierger a Biergerinnen.

An ech mengen och kënnen ze soen - well den Här Wiseler de Moie gesot huet, oder de Mëtte gesot huet, si wären net invitéiert ginn -, mä ech mengen, si si méi wéi wëllkomm, fir an deenen Aarbechtsgruppen do matzeschaffen! Well et gëllt effektiv, all zesummen, gemeinsam un där Entwécklungsstrategie ze schaffen, well mir kréien et nëmmen all zesummen hin.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Voilà! Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Kritäre vum Budget wäerte sech wahrscheinlech och an deenen nächste Joren entwéckelen. Do wäerten, denke mir, och nach aner oder zousätzlech Kritären ewéi de renge Wuesstumskritär oder de PIB eng Roll spillen, Kritären zum Beispill wéi Liewensqualitéit, wéi Gesondheet, wéi sozialen Zesummenhalt, déi en Deel vum PIBien-être sinn, iwwregens. Mä och eng gesond Ëmwelt a genuch Ressourcë spillen dobäi ëmmer méi eng grouss Roll.

De Budget wäert ëmmer e wichtegt Instrument bleiwen, fir Politik ze gestalten, mä de Budget wäert, an dat wënsche mir ons, an Zukunft och anerer vun deene Kritäre berücksichtege wéi déi klassesch, déi mir bis elo kannt hunn. Nohaltegkeet, ekologesch Kompatibilitéit a virun allem och Transparenz wäerte Kritäre ginn, déi fir d'Zukunft eng Roll wäerte spillen.

Mir als Gréng sinn houfreg op dëse Budget. Mir sinn houfreg op dat, wat mer geleescht hu mat deene Politicken, déi hiert Bild erëmfannen am Budget pluriannuel. An ech sinn och houfreg kënnen ze soen, datt mir dee Budget wäerte gäre matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Roth wollt nach eng Fro stellen. Solle mer him d'Wuert ginn?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Ass et eng Fro?

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et ass eng Fro. Ah, en huet gesot, e géif eng Fro stellen. Ech passen och ganz gutt op!

(Interruptions)

Une voix.- Et ass e Kommentar mat engem Fragezeichen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Well soss, Dir kënnt lech ëmmer nach aschreiwen, Här Roth.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Soss gi mer eraus…

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Neen, et ass besser hei.

(Brouhaha général)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Dat kléngt awer interessant.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Ech stellen dann d'Fro, oder déi zwou Froe fir d'Éischt. Mä ech muss awer eng Explikatioun herno...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen, stellt emol d'Fro!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Ma da stellen ech d'Fro, firwat dass déi gréng den 21. Juni 2005…

(Interruptions)

Jo!

…d'Gesetz iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv, der europäescher Direktiv iwwert d'Zënsbesteierung matgestëmmt hunn. An ech soen lech och, firwat dass ech lech déi Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat war d'Fro.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Dat war d'Fro. An ech stellen dann och d'Fro der Madamm Loschetter, firwat déi gréng an där Zäit och d'TVA-Adaptatioune matgestëmmt hunn, déi iwwerhaapt méiglech gemaach hunn, dass mer déi Rentrée-fiscallen iwwert de Commerce électronique kritt hunn. Dat war meng Fro.

Ech hätt lech déi Fro net gestallt, Madamm Loschetter, Dir hutt gesot - an dat éiert lech, dass Der et gesot hutt -, Dir géift jiddwerengem seng Meenung respektéieren. Mä ech fannen et och gutt, dass jiddweree soll zu senger Meenung stoen. An d'CSV steet derzou. D'CSV steet derzou! Well dat hunn ech net esou richteg gedeelt vun lech, dass Der gesot hutt: „Bon, mir sinn elo emol derfir, fir dass..."

(Brouhaha et interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech mengen, Här Roth, d'Fro ass gestallt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, d'Fro ass gestallt, mä elo ass et...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Fro ass gestallt an da gi mer elo eng Äntwert drop. Wéi gesot, d'Alternativ ass, dass Der lech aschreift. D'CSV huet nach Riedezäit zur Verfügung.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, et wier emol déi dote Fro.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, traditionellerweis stëmmen déi gréng d'Direktiven, d'Ëmsetzung vun Direktiven, well mer jo och zu deenen europäesche Politicke wëlle prinzipiell stoen. Et ass eng Verflichtung. Déi mussen an national Gesetzer geschriwwe ginn. Prinzipiell stëmme mir déi.

Zweetens, wa mir e Projet fir sënnvoll fannen, da stëmme mir dee mat, och wa mir an der Oppositioun sinn, Här Roth!

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, ech mengen, dass d'Äntwert ginn ass. Mir wëllen hei keen Débat am Débat maachen. Ech géif d'Wuert dann un deen nächste Riedner ginn, deen den Här Gast Gibéryen fir d'ADR ass. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert. A wann Der nach e wëssenschaftlechen Disput wëllt maachen,…

Une voix.- Et ass e realpoliteschen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! …et sinn nach genuch Plazen am Haus fräi. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och vun eiser Säit aus fir unzefänken, fir datt ech dat net vergiessen, dem Claude Haagen Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass de Mëtten hei scho gesot ginn, mir wëssen et alleguer, datt fir e Rapporteur de Rapport zum Budget e Kärstéck an deem senger Carrière ass an datt dat mat vill Aarbecht verbonnen ass. An och, wann een als Oppositiounspolitiker dem Rapport net zougestëmmt huet, muss een awer ëmmer unerkennen, datt hei eng wäertvoll Aarbecht, net nëmme vun dësem Rapporteur, mä och an deene Jore virdrun, gemaach ginn ass, well normalerweis punktuell ganz interessant Iwwerleeungen dra sinn, op déi een och ganz dacks kann drop zréckkucken. Duerfir och dëse Merci vun eiser Säit un de Claude Haagen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'ADR huet schonns ëmmer hir politesch Iwwerleeungen, Propositiounen an Décisiounen dem Prinzip vun der Nohaltegkeet ënnerworf. Dat ass um ADR-Nationalkongress virun zwee Joer nach eng Kéier ënnerstrach ginn, a gläichzäiteg ass festgehale ginn, de Prinzip vun der Nohaltegkeet verstäerkt an d'politesch Diskussioun eranzebréngen, dat ëmsou méi, well mer hu misse feststellen, datt grad ënnert dëser Regierung dëse Prinzip praktesch guer net méi zum Droe kënnt, dëst, obschonns an dëser Regierung eng soi-disant gréng Partei vertrueden ass.

Duerfir hate mir als ADR och d'lescht Joer den 3. Dezember hei an der Chamber eng Interpellatioun ënnert der Bezeechnung „Zukunft Lëtzebuerg" ugefrot an duerchgezunn, fir op dës Entwécklung opmierksam ze maachen.

Zënter e puer Méint ass op Regierungsniveau eng Campagne lancéiert ginn, wou iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land soll diskutéiert ginn. Meng Interventioun zum Budget dëst Joer beschäftegt sech duerfir mat der Fro, ob d'Politik, déi mat dësem Budget gemaach gëtt, dem Prinzip vun der Nohaltegkeet entsprécht oder net.

Wa mer d'Analys kucke vum Wuesstum iwwert déi lescht Joren, zënter datt dës Regierung am Amt ass, da leie mer praktesch bei engem Wuesstum an der Moyenne vu 4%. Fir d'nächst Joer ass e Wuesstum vu 4,2% virgesinn. Et ass dat Duebelt am Schnëtt, wéi an der Europäescher Unioun an der Moyenne de Wuesstum steet.

An trotzdeem mer hei zu Lëtzebuerg dee Wuesstum hunn, hu mer iwwer all déi Joren Defiziter gemaach. Déi Defiziter ginn zréck op d'Joer 2003. A vun 2003 bis haut hu mer all Joers Defizit gemaach, mat Ausnam vum Joer 2007, wou mer schwaarz Ziffere geschriwwen hunn. Awer och dës Period, 2013, d'Ziffere sinn haut scho genannt ginn, 466 Milliounen; 2014 141 Milliounen; 2015, haut de Moien hu mer d'Konte gestëmmt, 460 Milliounen, a fir dëst Joer rechne mer och mat e puer Honnert Milliounen. D'Chiffere sinn nach net bekannt. Et geet besser aus, wéi am Budget virgesi war, mä mir maachen awer en Defizit. A fir d'Joer 2017 hu mer dann erëm en Defizit hei programméiert am Budget, dee liicht iwwer eng Milliard geet.

D'Fro, déi ee sech muss stellen: Ass et normal, wann een an engem Land regelméisseg Rekordwuesstum huet, datt een trotzdeem Defizit a sengem Budget huet? Da muss een déi Fro beäntwerte mat Neen. Dat ass net normal, datt ee bei strammem Wuesstum och nach en décken Defizit huet.

Aner Länner, déi manner Wuesstum hu wéi Lëtzebuerg, hu keng Defiziter oder kleng Defiziter. Ech nennen Däitschland, dat mat engem Wuesstum vun 1,6%, 1,7% elo schonn zënter e puer Joer schwaarz Ziffere schreift, deem seng Globalverschëldung wuel iwwer 60% läit, mä dat awer trotz deem Wuesstum seng Scholdespär konnt abauen, keng nei Scholde méi mécht a Scholde kann zréckbezuelen.

Wat geschitt eng Kéier mat dem Budget vun dem Lëtzebuerger Stat, wa mer dee Wuesstum net méi hunn? Wat geschitt, wa mer eng Kéier eng Kris kréien? Wa mer elo scho bei esou engem héije Wuesstum en Defizit hunn, wat geschitt dann, wa mer eng Kéier net méi dee Wuesstum hunn, wa mer erëm en Nullwuesstum kréien an, nach vill méi schlëmm, wa mer eng Kéier géifen en Negativwuesstum kréien? Wéi géifen dann d'negativ Chiffere vum Budget ausgesinn?

Här President, eise Finanzminister, den Här Gramegna, huet virun dräi Joer säi Mandat ugetratt, andeem datt e gesot huet, hie géif am Fong nëmme Finanzminister ginn ënnert der Konditioun, datt den Defizit am Statsbudget géif ofgeschaaft ginn. An et muss ee soen, déi éischt zwee Joer, dräi Joer war et och an déi Richtung gaangen.

Mä wa mer awer haut kucken, datt, wéi den Här Gramegna ugefaangen huet, den Defizit 466 Milliounen war, an haut kënnt deeselwechte Minister heihinner a presentéiert eis e Budget mat engem Defizit vun iwwer enger Milliard, da musse mer natierlech soen, datt en déi Konditiounen, ënnert deenen e viru véier Joer, oder dräi Joer dat Mandat ugeholl huet, iwwerhaapt net respektéiert. A wann e sech selwer géif eescht huelen, misst en am Fong soen: „Ech halen elo op als Finanzminister, well déi Konditiounen, ënnert deenen ech Finanzminister gi sinn, déi kann ech net méi anhalen, an ech sinn e Mënsch, deen doranner seng Konsequenzen zitt."

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann ass iwwer Scholde geschwat ginn, Här President. Et sinn an dëser Legislaturperiod keng Scholde gemaach ginn. Et si keng nei Emprunten opgeholl ginn. Dat ass richteg. Mä den Här Finanzminister, deen ass an der Presentatioun vun de Chifferen - an ech wäert haut e puermol dorop agoen - e richtege Künstler. Ech hu selten e Finanzminister heibannen erlieft, deen et fäerdegbréngt, d'Chifferen ëmmer esou schéinzeschreiwen, wéi den Här Gramegna dat, Här President, heibanne fäerdegbréngt!

D'Fro muss ee sech stellen, wann e Stat iwwer Joren Defizit huet an e mécht keen Emprunt, den Defizit muss jo awer bezuelt ginn, da muss ee sech d'Fro stellen: Ma wéi bezuele mer en Defizit iwwer Joren, wa mer keen Emprunt maachen? Dee gëtt aus der Trésorerie bezuelt. Wat ass dann an der Trésorerie? Ma wa mer eis Dokumenter kucken, do steet zum Beispill, datt op de Fongen 1,5 Milliarde géife leien. Elo wësse mer awer, datt dat just eng Écriture administrative, oder wéi ee se wëllt och ëmmer nennen, ass, wou 1,5 Milliarde steet. Déi waren och eng Kéier an der Trésorerie vum Stat. Mä déi sinn an der Zwëschenzäit opgeschafft ginn an et sinn eben Defiziter net nëmmen an dëser Period, mä och schonn an der Period virdru bezuelt ginn.

Da muss een awer och fairerweis soen, wann ee seet: „Mir hu keen Emprunt opgeholl", datt déi lescht Regierung zum Schluss en Emprunt opgeholl hat vun dräi Milliarden, vun deenen nach en Deel do war, mat deem an dëser Legislaturperiod konnten Defiziter bezuelt ginn. Och dat huet de Finanzminister net gesot.

An dës Regierung huet en neie Fong agefouert, näämlech den Zukunftsfong, wou all Joer 50 Milliounen drop iwwerwise ginn, wou sech virun dräi Joer, wéi dat agefouert ginn ass, dermat gebretzt ginn ass, datt do fir déi kommend Generatioune géif e Fong geschaaft ginn, a wou och elo um Pabeier, 3 mol 50, 150 Milliioune stinn. An a Wierklechkeet sinn déi Suen an der Trésorerie. Mä si sinn awer och mat fortgaangen, fir d'Defiziter ze decken. Dat heescht also, an der Trésorerie ass kee Geld méi dran, d'Trésorerie ass eidel!

An do wollt ech dem Här Berger soen, deen am Fong gesot huet, hien hätt net gewosst - hien huet de Mëtten hei gesot, si wieren erschreckt gewiescht, wéi si an d'Regierung komm wieren an dat festgestallt hätten -, wéi d'Finanzsituatioun vum Stat war:

Här Berger, ech ka mech erënneren, datt Är Partei an ech och bei der leschter Legislaturperiod hei ëmmer gesot hunn, datt an der Keess, déizäit hu mer ëmmer gesot „kee rouden a kee schwaarzen Euro" méi dra wier. Dat war déiselwecht Argumentatioun. Also mir hunn net brauchen an eng Majoritéit ze kommen, fir festzestellen, datt keng Sue méi an der Keess sinn. An ech hunn och d'lescht Joer a virzejoert gesot: Elo kënne mer niewent deem rouden an deem schwaarzen nach dee grengen an dee bloen Euro derbäinennen. Et ass einfach näischt méi an der Keess do!

An et ass net nëmmen, datt näischt méi an der Keess ass, mir sinn am Minus. Wann d'Regierung higeet a se mécht eng Ligne de crédit op, wou se ka bis eng Milliard goen a wou mer am September iwwer 800 Milliounen am Keller waren, dann ass dat en Zeechen, datt alles fort ass, well et geet ee jo eréischt an de Keller deen Ableck, wann ee keng Liquiditéite méi huet.

Et kann een also net higoen a soen: „Mir hu keen Emprunt opgemaach." Da muss een awer gläichzäiteg a fairerweis och derbäisoen, datt een en Emprunt vun der aler Regierung weider opgeschafft huet, datt mer keng Finanze méi an den Trésorerien hunn an datt all déi Suen, déi sief et op deenen 33 Investitiounsfongen oder um Zukunftsfong sinn, datt déi Sue fort sinn an datt een an de Minus gaangen ass iwwer eng Ligne de crédit, wat ënnert dem Strëch och en Emprunt ass.

A wa mer da wëssen, wéi d'Gefore sinn, wa mer hei gesinn, wéi mer iwwert d'Finanzsituatioun schwätzen: Wat maache mer, wann d'Zënsen eng Kéier an d'Luucht ginn? Mir wëssen, datt am Ableck zwou nei europäesch Direktiven amgaange sinn, déi, wann dat timingsméisseg richteg duerchgeet, déi eng 2019, déi aner 2021 a Kraaft trieden, wou Lëtzebuerg, wa se esou géifen duerchgoen, wéi se haut am Text an der Propositioun sinn, wou Lëtzebuerg géif erëm en zweeten Abroch praktesch wéi beim E-Commerce kréien, an zwar relativ kuerzfristeg.

A wa mer gesinn hunn, wéi dës Regierung an där Diskussioun an hiren dräi éischte Joer, wou se hei am Amt war, esou séier ëmmer zu Bréissel noginn huet, da fäerte mer, datt och d'Regierung bei dësen zwou Direktiven nogëtt an datt mer dann e weidere staarken Abroch kréien um Niveau vun der Betribsbesteierung.

Mir wëssen awer och, datt d'Welt méi onsécher ginn ass. Mir schwätze vum Tanktourismus. D'Madamm Loschetter huet elo grad hei geschwat vun där Etüd.

Här President, esou eng Etüd, déi ass nun eemol eben dat wäert, wat se wäert ass. Ech wëll drun erënneren, datt den Innenminister, den Här Dan Kersch, virun dräi Wochen um Radio moies ugeschwat ginn ass, wat e géif dovun halen, vun där Etüd, déi de SYFEL gemaach huet, d'Vertriedung vun de Kierchefabricken, zu dem Projet de loi iwwert d'Reform vun de Kierchefabricke vun dëser Regierung, duerch de belsche Verfassungsspezialist, de Professer Delpérée. An do huet den Här Kersch geäntwert moies um Radio: „Dir wësst jo, wéi dat mat deenen Etüden ass. Deen eng Etüd bestellt an dee se bezuelt, dee kritt dat och eraus, wat e gären hätt."

Souwäit d'Meenung vun dëser Regierung zu den Etüden! An ech mengen, déi Etüd iwwert den Tanktourismus, déi ass och vun dëser Regierung bestallt a bezuelt ginn, a laut dem Här Dan Kersch ass och duerfir dann do dat erauskomm, wat d'Regierung gären hätt.

(Interruptions)

Ech wëll och soen, datt, wann do geschwat gëtt vun de Schied, déi duerch den Tanktourismus entstane sinn, ma ech wëll deene grénge Kolleege soen: Wa mer 170.000 Frontalieren hei am Land hunn oder 180.000, déi hei tanken, a si verfueren de Spritt an Däitschland, an der Belsch an a Frankräich, dann ass de Schued genau esou grouss fir d'Natur, ob se hei tanken oder op se en do tanken.

Also d'Konsequenz vum Tanktourismus ass déiselwecht, just datt mir awer als Land iwwert d'Akzisen eng staark Recette hei an eisem Statsbudget hunn. A wann déi gréng dorobber wëlle verzichten, da solle se dat hei kloer zum Ausdrock bréngen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gramegna huet gesot: „Mir kënnen eis den Defizit leeschten, well d'Konjunktur gutt ass." D'Konjunktur ass gutt, awer datt mer duerfir eis kënnen en Defizit leeschten, dat ass natierlech eppes, wat ech bis haut nach ni vun engem Finanzminister héieren hunn!

Well grad, wann d'Konjunktur gutt ass, mécht ee keen Defizit. Wann eng Konjunktur gutt ass, da rechent een, datt een e Budget kritt, deen och en Iwwerschoss mécht. A mat deem Iwwerschoss leet ee Reserven un. Oder mat deem Iwwerschoss bezilt een Emprunten zréck.

Awer fir hinzegoen mam Argument: „Wann d'Konjunktur gutt ass, kënne mer eis en Defizit leeschten", dat ass eng finanzpolitesch Iwwerleeung, déi ech nach ni matgemaach hunn, a virun allem, well mer wëssen, datt mer laut dem pluriannuelle Plang an deenen nächste Jore wäerten all Joers eng Milliard léine mussen. Mir mussen all Joers eng Milliard léine laut dem pluriannuelle Plang! Vun 11 Milliarden elo gi mer op 16 Milliarden am Joer 2020 erop. Dat ass also eng Situatioun, wou mer musse soen, datt d'Statsfinanzen net gutt sinn, wa mer Defizit maachen.

A wa mer da richteg kucken, an do wëll ech drop agoen, Här President, wa gesot gëtt ëmmer, d'Statsfinanze wieren an der Rei: Och hei spillen d'Regierung an och eise Finanzminister net éierlech vis-à-vis vun der Ëffentlechkeet, well all Kéiers, wa mer iwwert d'Finanzsituatioun vum Stat schwätzen, gëtt fir d'Éischt iwwert d'Finances publiques geschwat. Et geet net iwwert den Zentralstat, de Statsbudget a priori. Et gëtt fir d'Éischt gesot: „D'Finances publiques sinn am Équiliber", well genau gewosst gëtt, datt d'grouss Mass vun de Leit dobausse jo keng Differenz maachen, an d'Leit kënnen dat net verstoen: Wat sinn d'Finances publiques a wat sinn d'Finances centrales?

De Gros vun de Leit weess et net, an domadder gëtt gespillt, duerfir gëtt déi Situatioun, déi positiv ass, virgestallt, an datt de Statsbudget negativ ass, dat kënnt dann iergendwann eng Kéier hannendrun.

Wa mer awer wëssen, datt mer nëmme bei den ëffentleche Finanzen e positivt Resultat hunn, well niewent dem Defizit vun enger Milliard beim Stat d'Pensiounskeesen en Iwwerschoss maache vun iwwer 800 Milliounen an d'Gemengen 200 Milliounen, an datt mer doduerch en Équiliber kréien, da muss een dat awer och esou soen a kloer soen, datt de Statsbudget an engem Defizit ass.

A wann een dat hannendrusetzt, dann encouragéiert een, d'Leit kréie just mat: „Ma et ass alles an der Rei, mir schreiwe schwaarz Ziffere." An da seet jiddwereen: „Ma dann hätte mer elo erëm gären, well et ass jo Geld do." Mä et ass kee Geld do! Mir verdeele Geld, dat mer net hunn!

Den Här Gramegna huet nach gëschter am „Lëtzebuerger Wort" iwwert d'Entwécklung geschwat, an och iwwert déi jäerlech Iwwerschëss vun der Sozialversécherung ass gëschter fir d'Éischt richteg geschwat ginn. An der Vergaangenheet ass dat ëmmer vergiess ginn.

D'Fro, déi ee sech also muss stellen, wa mer gesinn, datt mer iwwer Joren e stramme Wuesstum hunn an och iwwer Joren en Defizit, d'Fro ass da berechtegt: Dee stramme Wuesstum, dee mer gemaach hunn an deen och vun dëser Regierung weider ugepeilt gëtt, ass dat positiv oder negativ fir d'Statsfinanzen? Da muss een ënnert dem Strëch soen: „Neen, trotz dem stramme Wuesstum si mer ëmmer mat engem negative Resultat erëmkomm."

An och d'Steierreform, et gëtt gesot: „Déi kënne mer eis leeschten. Mir hunn den néidege Sputt geschafen." Här President, ech hunn ëmmer gemengt a menger Naivitéit, wann ee Sputt hätt, dann hätt ee Sue rescht. Mä dës Regierung huet den Defizit vun eppes 400 Milliounen op eng Milliard eropgedréckt an dat nennt si e Sputt. Ma dann hätte mir all Intérêt, wa mer zwou Milliarden Defizit hätten, dann hätt Der nach vill méi e grousse Sputt!

(Brouhaha)

Dann hätt Der nach vill méi e grousse Sputt, fir kënne Gelder ze verdeelen!

Dir verdeelt hei Gelder, déi mer net hunn. Déi ganz Steierreform musse mer iwwer Emprunte finanzéieren. Dann ass gesot ginn: „Ma neen, déi Emprunten, déi sinn do, fir d'Investitiounen ze finanzéieren."

Ma wann ech kucken, wat den Defizit vun 2016 op 2017 an d'Luucht geet am Budget, an ech kucken, wat d'Investitioune vun 2016 op 2017 an d'Luucht ginn, da sinn dat 130 Milliounen. Natierlech kann ee soen: „130 Milliioune hu mer weider Defizit." Mä dat anert, muss ee kloer soen, dat ass d'Steierreform an et ass den Accord salarial, déi eis dozou féieren, datt mer erëm eng Milliard Defizit am Statsbudget hunn. An de Rapporteur huet gëschter am „Wort" awer richteg geschriwwen, wou e seet: „Durch die Steuerreform steigt das Defizit jetzt kurzfristig wieder an."

Da gëtt geschwat vun där soziaalster Steierreform, déi jeemools gemaach ginn ass. Ech hat gemengt, mir bräichten haut net méi op d'Steierreform anzegoen, mä well meng Virriedner awer erëm dat esou hei presentéiert hunn, wëll ech dat dann och nach eng Kéier hei diskutéieren.

Den Här Gramegna sot am „Background" den 10. Dezember, an d'lescht Woch huet en et och nach eng Kéier hei an der Chamber gesot, datt mer hei déi soziaalste Steierreform hätten, déi jeemools gemaach gi wier. An den Här Gramegna huet e Beispill ginn. E seet: „De soziale Mindestloun kritt 61% Steiererliichterung". Den Här Berger huet dat de Mëtten och nach eng Kéier hei gesot: „De qualifizéierte Mindestloun: 42%, an en Akommes vun 10.000 Euro de Mount kritt 125 Euro."

Här President, ech huelen un, datt jiddwerengem opgefall ass, datt e beim Mindestloun vu Prozenter geschwat huet an datt e beim Akommes vun 10.000 Euro de Mount vun Euroe geschwat huet. Et war sécherlech e Lapsus, well d'Regierung seet jo ëmmer d'Wourecht.

Mä wann een dann awer kuckt, wat déi 61% Steiererliichterung beim Mindestloun ausmaachen, da sinn dat 38 Euro, wann ech kucken, géint 125 Euro Steiererliichterung bei 10.000. An d'Abattementer, wann een déi awer dann derbäirechent, déi iwwert dës nei Steierreform kommen, da gesi mer, datt d'Haushaltshëllef vun 3.600 op 5.400 eropgaangen ass. Dat sinn 1.800 Euro weider Abattement, déi ee kritt. 43% dovunner si 774 Euro Abattementer, Steiererliichterung, déi ee kritt. Dat si 65 Euro de Mount.

Wann een elo kuckt, wat iwwerhaapt eng Persoun, déi esou vill verdéngt, un Abattement kritt, fir d'Botzfra doheem ze bezuelen, da sinn dat am Ableck 5.400 Euro. 43%, dat gëtt 2.150 Euro. Op de Mindestloun ëmgerechent kritt déi Persoun 179 Euro de Mount oder, et kann ee soen, 18 Stonnen de Mount Botzfra iwwert de Wee vun de Steiere bezuelt.

Wa mer dann och nach den Elektroauto bäihuelen, wat eng typesch gréng Politik ass, do kann ee 5.000 Euro ofsetzen, déi awer nëmmen déi Leit mat groussem Akommes kënnen ofsetzen, an ee Klengen, deen de Mindestloun oder eppes Klenges iwwert de Mindestloun, 3.000 Euro, verdéngt, dee kann näischt dovun ofsetzen. Et ass also hei, et mengt ee grad, déi gréng géifen nëmmen aus Räiche bestoen, si wéilte just d'Stëmme vun deene klenge Leit kréien. Op jidde Fall mécht den Abattement vum Elektroauto bei engem Revenu vun 10.000 Euro 2.150 Euro d'Joer oder 179 Euro de Mount aus.

A wann ech dann erëm op dem Här Gramegna seng Prozenter zréckkommen, da gesi mer, datt deen um Mindestloun 61%, dat ass e gewaltege Prozentsaz, un Erliichterung kritt, dat sinn 38 Euro. An den Här Berger huet de Mëtten hei gesot, dee vun 10.000 Euro, deen hätt nëmme 5% Erliichterung. Wa mer dat dann zesummerechnen, wat en direkt kritt iwwert den Abattement vun der Haushaltshëllef, iwwert den Abattement vum Elektroauto, da kritt deen 369 Euro de Mount Steiererliichterung. Also 61% maachen 38 Euro aus a 5% maachen 369 Euro aus.

Här President, ech hätt an dësem Fall léiwer 5% Steierreduktioun wéi 61%! An elo hu mer nach déi aner Abattementer guer net derbäigerechent, Här President, wéi d'Bauspueren, d'Pensiounen, alles dat.

Mir gesinn also, wat mer hei Rechekünstler an der Regierung hunn, déi Prozenter asetzen, wann déi se arrangéieren, an déi Euroen asetzen, wann déi se arrangéieren. Mä wann een déi zwou Saachen zesummerechent, kënnt dat heiten eraus: 61% sinn 38 Euro a 5% sinn 369 Euro. An dat ass dann, wéi gesot, déi soziaalste Steierreform, déi jeemools hei am Land gemaach ginn ass.

Här President, en anere Punkt: d'Investitiounen. Et ass richteg, datt mer héich Investitioune maachen. Mä mir si condamnéiert duerch dee stramme Wuesstum, duerch deen Zouwuess vun Aarbechtsplazen, duerch deen Drock um Wunnengsmaart, an d'Infrastrukturen ze investéieren. A mir kommen net méi no mat Investitioune finanzéieren.

An dat huet de Jean-Claude Juncker 1999 eng Kéier hei an der Chamber gesot, en huet gesot, deemools hätt d'Regierung rechne gelooss an erausfonnt, datt de stramme Wuesstum net genuch Gelder géif generéieren, fir seng eegen Nofolgekäschten ze finanzéieren. An dat hu mer jo och iwwer all déi Jore gesinn, well mer am Statsbudget defizitär sinn. Mir kommen net no, fir dat ze finanzéieren, wat de stramme Wuesstum vun ons verlaangt. An duerfir musse mer investéieren. A mir kommen trotzdeem net no, fir esou vill ze investéieren, wéi mer nach missten investéieren.

Also och de stramme Wuesstum bréngt eis net genuch Suen, fir ebe seng Konsequenzen ze bezuelen.

De Chômage. De Chômage ass en anere Problem, Här President, wou gesot gëtt: „Ma mir mussen dee stramme Wuesstum hunn, fir Aarbechtsplazen, fir de Chômage, fir Aarbechtsplazen ze schafen a fir de Chômage ze bekämpfen."

Här President, mir hunn an deene leschten zéng Joer 100.000 nei netto Aarbechtsplaze geschaaft, an der Moyenne 10.000 d'Joer. An deemselwechten Zäitraum, wou mer déi 100.000 Plaze geschaaft hunn, ass de Chômage eropgaange vun - elo muss ech hei kucken, datt ech kee Feeler soen -, vun 13.000 op 23.000, op 23.774.

Dat heescht, obscho mer 100.000 Aarbechtsplazen an deem Zäitraum geschaaft hunn, ass de Chômage an deem Zäitraum och nach ëm 10.000 geklommen. Also ass et net esou, datt mer musse massiv Aarbechtsplaze schafen, fir datt mer de Chômage bekämpft kréien, mä de Chômage, dee mer hei am Land hunn, kréie mer net duerch massiven Zouwuess vun Aarbechtsplaze ofgeschaaft, mä wa mer eng uerdentlech Formatioun maachen, wa mer eis Leit esou ausbilden, wéi den Aarbechtsmaart se brauch. Dat brauche mer. Mir hu verschidde Reforme gemaach, déi och punktuell Léisunge bréngen. Mä mir schafen en net of, andeem mer d'Aarbechtsplazen zu 80% mat Frontaliere besetzen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Just d'lescht Joer ass de Chômage ëm 800, 900 zréckgaangen. Mä et muss een awer wëssen, datt mer an deenen zwee leschte Joer 2015, 2016 25.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft hunn, an en ass 900 Stéck zréckgaangen. Och wa mer dat an d'Relatioun stellen, mengen ech, seet eis dat datselwecht.

An dëser Legislaturperiod gi 60.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft. Den Här Gramegna huet deen Dag, wéi de Budget hei deponéiert ginn ass, owes op RTL op der Televisioun gesot: „Ma mir schafen dëst Joer 15.000 nei Aarbechtsplazen an d'nächst Joer erëm eng Kéier 15.000 Aarbechtsplazen."

Dir kënnt lech erënneren, datt ech deemools bei der éischter Reaktioun op de Budget gesot hunn: „Et ass verréckt an onverantwortlech, wat mer hei maachen." A genau dat ass dat, wat ech domadder mengen, wann eng Regierung mengt, si misst e Budget maachen, deen op Rekordwuesstum opsetzt, wou mer wëssen, wat fir eng Konsequenzen dat alles hannendrun huet, datt et eis méi Problemer schaaft, wéi et der léist. An duerfir hunn ech dat deemools gesot: „Et ass verréckt an onverantwortlech." An datt dat d'Politik vun dëser Regierung ass - ech kommen nach op eis gréng Kolleegen herno ze schwätzen -, datt dës Regierung radikal a maximal op Wuesstum setzt, dat ass einfach verréckt an onverantwortlech! Dat féiert d'Land mëttel- a laangfristeg an eng Katastroph eran.

60.000 nei Aarbechtsplazen, déi ginn zu 80% vun de Frontaliere besat. Dat sinn 48.000 Frontalieren, déi mer an där Legislaturperiod hei weider an d'Land kréien. An déi 48.000, déi kommen erëm zu 80% mam Auto schaffen. Dat wësse mer alleguer. An en Auto, dee brauch am Stau sechs, siwe Meter. Dat heescht, wa mer 38.000 Autoe weider kréien, wat dat ausmécht, dann hu mer 260 Kilometer Stau weider, moies an owes duerch d'Land verdeelt, net op enger Plaz, mä duerch d'Land verdeelt si moies an owes 260 Kilometer Autoe weider.

Dat ass d'Realitéit! An duerfir ginn déi Stauen och vun Dag zu Dag méi grouss. An och dat gëtt net geléist mam Tram. Iwwregens hunn d'Kolleege vun der CSV elo, déi den Tram jo gestëmmt hunn, an d'Stad Lëtzebuerg, d'CSV huet festgestallt, datt den Tram de Problem net léist. Mir wiere frou gewiescht, si hätten dat e puer Joer méi fréi gesinn, wéi mir et och scho gesot hunn, well all Mënsch weess: Hei kënnen dräi Trammen an der Stad hin- an hierfueren, niewenteneen an iwwereneen an hannereneen, duerfir gëtt de Stau ronderëm d'Stad kee Meter méi kleng!

An de Stau ronderëm d'Stad, dee wiisst vun Dag zu Dag. A mat där heiter Politik kënne mer maachen, wat mer wëllen, do kréie mer dee Problem do ni an de Grëff. Mir kënne Vëlospiste maachen, wat ënnerstëtzt gëtt. Mir kënnen och de Carpooling maachen, mir kënnen och soen, d'Leit sollte sech treffen, zesumme fueren, mir kënnen och nach dräi Appen aféieren, fir datt se dat besser kënnen organiséiert kréien. Mä dat ass eng Drëps, dat ass eng Drëps op de waarme Steen, bei deem, wat mer vun Autoen duerch déi heite Politik weider hei an d'Land eranzéien! Dorunner wäert sech näischt änneren.

An da muss een och d'wirtschaftlech Konsequenze kucke vun esou engem Stau. D'Uni Lëtzebuerg huet eng Etüd elo gemaach viru Kuerzem, wou se seet, datt de Stau ongefëier 200 Milliounen d'Joer u Käschte géif mat sech bréngen, wirtschaftlech Käschte fir déi Leit, déi am Stau stinn, duerch Zäitverloscht, duerch Bensinn, dee verbraucht gëtt, an d'Aarbechtszäiten, déi do verluer ginn, an esou virun. An dobäi, hat se gesot, sinn emol d'Betriber, d'Geschäftsleit, déi mat de Camionen, mat hire Gefierer ënnerwee sinn, net do mataberechent. An dat ass e Käschtepunkt, dee muss de Konsument bezuelen, well wann d'Entreprisë mat hire Camionen an hiren Autoe stonnelaang am Stau stinn, dat muss bezuelt ginn. An et ass de Konsument, deen déi Aarbecht gemaach kritt, dee muss dat och mat bezuelen. Also wësse mer, mat där Politik, déi elo gemaach gëtt, ginn eben och déi Käschten an den nächste Jore weider an d'Luucht.

De Logement. Här President, eis Logementsministesch, déi mer haten, ech wëll elo weider net op hir politesch Aktivitéiten agoen, déi se hei hat, mä mir wësse jo awer, datt d'Regierung versicht huet, se iergendwéi am gëllenen Exil zu Dubai ënnerzekréien. Mä och den neie Logementsminister, dee jo mat engem formidabelen Engagement erugaangen ass, huet elo kierzlech gesot, datt och hie keng Wonner kéint bewierken. En huet also relativ séier festgestallt, datt en och net de Problem esou séier wäert geléist kréien.

A well mer esou weider wuessen, wéi mer wuessen, wäerte mer den Drock op de Logement och net lassginn! Well, wa mer all Joers 10.000, 15.000 Aarbechtsplaze schafen, dann ass et jo normal, datt déi Leit, déi et sech kënne leeschten, och d'Frontalieren, déi eng gutt Plaz hei hunn, déi et sech kënne leeschten, fir zu Lëtzebuerg nach sech en Eegentum unzeschafen oder lounen ze goen, datt déi versichen, esou no wéi méiglech bei d'Aarbecht ze kommen, well se net wëllen all Dag zwou, dräi Stonne fir hin an heem am Stau stoen. An duerfir gëtt den Drock op de Logement ëmmer méi grouss! Dee kréie mer net an de Grëff.

Dat ass also och eng Konsequenz vun deem stramme Wuesstum, wa mer de Problem vum Logement net kënne léisen, an da gëtt dat ëmmer méi deier. Mir hunn héieren hei, an d'Etüde si jo och dëser Deeg erauskomm, datt d'lescht Joer d'Präisser am Logement erëm eng Kéier 5% geklomme sinn. Dat heescht, mir ginn also iwwer Joren all Joers 5% an d'Luucht. Wa mer higinn, mir huelen en Appartement, net dat deierst, mä en Appartement vu 400.000 Euro an dat gëtt 5% méi deier: Dat ass eng Augmentatioun vun 20.000 Euro d'Joer, wou en Appartement méi deier gëtt! Wéi soll dann eng jonk Koppel...? Souguer wann déi et fäerdegbréngt, 20.000 Euro am Joer ze spueren, wat vill Geld ass fir eng jonk Koppel, dann huet se nach sech net bäigeschafft, dann huet se just d'Präishausse opgefaangen, déi an deem Joer stattfënnt.

Duerfir musse mer also wëssen, wa mer esou weider wuessen, da bleift den Drock bestoen a mir wäerten de Wunnengsbauproblem, egal wien, soen ech, an der Regierung ass, net esou séier geléist kréien, wa mer net de Problem vum stramme Wuesstum an de Grëff kréien.

D'Pensiounen, Här President. Ech hunn hei iwwer Jore verschidde Leit gelangweilt, well ech praktesch all Joers datselwecht bei de Pensioune gesot hunn. Mä ech soen et dëst Joer nach eng Kéier. A firwat soen ech et dëst Joer nach eng Kéier? Ma well mer et dëst Joer elo viru Kuerzem vun der IGSS confirméiert kritt hunn!

Ech hunn ëmmer gesot: „D'Leit, déi ëmmer soen, mir missten e stramme Wuesstum hunn, fir eise Pensiounsproblem ze léisen, dat ass déi falschsten Ausso, déi ee ka maachen!" Fir ee Pensionär brauche mer zwee Aktiver. An da wësse mer, wa mer 200.000 Pensionären hunn, da brauche mer 400.000 Aktiver, wa mer 400.000 Pensionären hunn, da brauche mer der 800.000, a wa mer der eng Kéier 800.000 hunn, da brauche mer 1,6, an da kënne mer esou weiderfueren, da kënne mer eiser Fantasie fräie Laf loossen.

Dat ass d'Realitéit, wéi eise Pensiounssystem opgebaut ass. Ech hunn et all Joers hei gezielt. Mä wa mer elo dëst Joer d'Chiffere kucken, déi d'IGSS eis elo kierzlech ginn huet, jiddwereen huet se jo kritt, da stelle mer fest, datt mer dat Joer, vun 2015 sinn d'Chifferen, knapp 400.000 Versécherter hunn an 165.000 Pensionären. Dat heescht, mir hunn eppes méi wéi zwee Aktiver op ee Pensionär. An duerfir maache mer jo och Iwwerschëss am Ableck. An duerfir hu mer dann och 16, 17 Milliarden Iwwerschëss, wat 4,5-mol d'Joresdépensen ass.

Mä d'IGSS seet eis awer och, datt, wa mer a Richtung 1,1 Milliounen Awunner fueren, an dës Regierung fiert jo an déi Richtung - et ass en Zil, dëse Budget peilt d'Zil vun 1,1 Milliounen Awunner un -, dann hu mer am Joer 2060, dat muss ee sech virstellen, 805.000 Versécher hei am Land. 805.000 Leit, déi schaffen, net déi hei wunnen, dat sinn der nach vill méi. A mir hu 500.000 Pensionären am Joer 2060. Dat léisst sech jo liicht ausrechnen, wann d'Leit an der Moyenne 40 Joer schaffe ginn. Mir wëssen elo schonn, wéi vill der 2020 hei am Land schaffen, da wësse mer och, wéi vill datt mer der 2060 hei an der Pensioun hunn.

Also seet d'IGSS: Dann hu mer 490.000 Pensionéierter géint 805.000 Aktiver an da wësse mer - da wësse mer -, datt dee System, an dat wousst och jiddwereen, net kann halen. A mir wëssen och schonn, d'Chiffere sinn de Mëtte genannt ginn - ob déi elo zwee, dräi Joer no hanne réckelen oder no vir réckelen, ass jo onwesentlech, ob mer 2021 un dee Punkt kommen, wou déi annuell Recettë just nach duerginn, fir déi annuell Dépensen ze decken, oder ob dat 2024 ass, dat mécht der Kaz kee Bockel -, mir wëssen, et kënnt iergendwann. A mir wëssen och, ob et 2030 ass oder 2035, datt mer d'Reserve praktesch alleguer opgeschafft hunn.

An da fannen ech et onverantwortlech, datt eise Statsminister de leschte Samschdeg am „Background" um Radio seet: „D'Rentemauer ass net fir muer." E Statsminister, deen esou eng Visioun huet, deen dat dote weess - an dat weess all Mënsch! Dat weess all Mënsch, datt dat do d'Entwécklung ass -, an dann higeet a seet, d'Rentemauer wier net fir muer! Dat heescht, hie wäert ausgerechent hunn, wéi laang hien eventuell nach statistesch kéint derbäi sinn, ob et géif nach fir hien duergoen. Mä wa mer un déi kommend Generatiounen denken, dann ass dat doten, Här Berger, déi onverantwortlechst Ausso, déi e Statsminister ka maachen, wann e seet: „Mir brauchen näischt ze maachen, well d'Rentemauer, déi ass eréischt fir méi laang."

Mir ginn haut Geld aus ouni Rücksicht dann op déi kommend Generatiounen. Duerfir d'Fro: Brauch een e stramme Wuesstum, fir de Rentesystem ofzesécheren? Et ass kloer: Neen! Mir däerfen net op de stramme Wuesstum opbauen, fir eise Renteversécherungssystem opzebauen. Mä mir mussen e System maachen, an do si mer alleguer gefuerdert an ech kommen herno och nach dorop zréck, mir mussen e System maachen, wou mer och ouni stramme Wuesstum e Rentesystem opbauen, dee mëttel- a laangfristeg méi iwwerliewensfäeg ass.

E weidere Punkt, Här President: Ass d'Schéier tëschent Räich an Aarm méi kleng oder méi grouss ginn?

Och hei huet den Här Berger eis de Mëtte mat Prozenter geschwat. En huet gesot, d'Aarmutsgrenz ass gefall vun eppes iwwer 17 op eppes ënner 17. An et ass, wéi ech virdru scho gesot hu beim Här Finanzminister: Wann dann d'Prozenter een arrangéieren, dann nennt ee Prozenter, a wann d'Chifferen een arrangéieren, dann nennt ee Chifferen.

Meng Fro, déi ech dem Här Berger wollt de Mëtte stellen - du sot en, ech sollt him se herno stellen, duerfir stellen ech se elo -, datt en eis da seet, wann et prozentual erofgaangen ass, wéi et dann zueleméisseg ass, wéi vill Leit effektiv ënnert der Aarmutsgrenz leien oder net. Mir stellen da fest, datt déi Zuel net erofgaangen ass. Mä et ass just doduerch, datt d'Populatioun an d'Luucht gaangen ass, datt de Prozentsaz erofgaangen ass, awer d'Zuel vun deene Leit, deenen et méi schlecht hei geet, hei am Land schlecht geet, déi ass net méi kleng.

Dat heescht also, dee stramme Wuesstum huet och näischt un der Aarmut hei am Land geännert. En ass (veuillez lire: Dee Prozentsaz ass) an deene leschte Joren, deen ass vun do un, datt ech mech kann erënneren, datt mer dat heibannen diskutéiert hunn, vun 12% op elo bal 17% geklommen, trotzdeem mer e stramme Wuesstum hei am Land hunn!

An dann huet den Här Bettel, Här President, de Samschdeg am „Background" gesot: „Déi lescht dräi Joer geet et de Leit hei am Land besser." Wou kann e Statsminister esou eppes soen? Déi dräi lescht Joer? En hätt och kënne soen: „Zënter ech Statsminister sinn, geet et de Leit hei am Land besser."

Richteg ass, an dat weess all Mënsch hei am Land, datt et déi dräi lescht Joer dem Här Bettel besser gaangen ass!

(Hilarité)

Här President, awer ob et deenen anere Leit besser gaangen ass, dat ass eng aner Fro. Well wat hunn déi aner...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Wat huet den Här Berger? Wëllt den Här Berger eppes soen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech weess net, ob den Här Berger...

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Berger wëllt näischt soen, anscheinend.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, et ass jo schéin, datt och den Här Gibéryen, deen ëmmer grad fir Rentegerechtegkeet agetrueden ass, mat fënnef Sechstel, a mengt, datt et hei verschiddene Leit besser geet… Hie war jo och een, deen all déi aner Fraktioune gedirängelt huet, fir datt et och him hei mat senger Pensioun besser geet. Mir kënnen och direkt muer eng Proposition de loi maachen, fir et ofzeschafen.

(Exclamations et brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, jo, Här Berger, dat ass eng Propositioun, déi mer heibanne gemaach hu fir d'Deputéiert (veuillez: fir déi Pensionéiert) aus dem Privatsecteur! Dir kommt aus dem ëffentleche Secteur, duerfir gefält lech dat wahrscheinlech net. Mä déi aus dem Privatsecteur, déi ware staark benodeelegt a sinn och elo nach staark benodeelegt. Dozou sti mir, do brauche mer näischt ze änneren.

Duerfir, Här President, wann den Här Bettel seet, et géif de Leit hei an de leschten dräi Joer besser goen, da froen ech, wat fir eng Leit en domadder gemengt huet. Wat hunn d'Leit da bäikritt an deenen dräi leschte Joren?

M. Roy Reding *(ADR).*- D'TVA!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Si hunn 2% d'TVA gehéicht kritt!

(Interruption par M. Gilles Baum)

Si hutt bäikritt 0,5% Krisesteier, déi se hu misse bezuelen. Si hunn och dräi Joer keng Indextranche kritt, obschonn de Wirtschaftsminister scho virun zwee Joer gesot huet, si kéim elo. Si hunn och dräi Joer keng Upassung vun der Steiertabell kritt. D'Mammen, déi hir Kanner doheem selwer erzéien, déi hunn d'Allocation d'éducation an de maternité ewechgeholl kritt.

Oder geet et deene Leit besser, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen? Oder geet et den Elengerzéienden, déi zu 50% ënnert d'Aarmutsgrenz falen, geet et deene besser? Oder geet et deene Famillje mat méi Kanner, geet et deene besser hei am Land? Oder deene Leit, déi musse fir de Mindestloun schaffe goen, geet et deene besser hei am Land an deene leschten dräi Joer? Oder déi Leit, déi musse méi héich Loyere bezuelen, déi Leit, déi mussen an d'Grenzregioun wunne goen, geet et all deene Leit besser? Oder déi elo musse 5% erëm bannent engem Joer méi bezuelen, wa se sech wëllen eng Wunneng hei am Land kafen, geet et all deene Leit besser?

Elo schwätzen ech emol nach net vun all deenen negative Konsequenzen op d'Liewensqualitéit, vum Zoubëtonéiere vum Land, vun de Stauen. An et muss een also schonn de Culot hunn als Statsminister, fir op de Radio ze goen an do ze soen: „Zënter dräi Joer geet et de Leit hei am Land besser." E soll eis emol soen, wiem ausser him et dann hei am Land elo nach besser gaangen ass an deene leschten dräi Joer.

(Interruptions)

Et gëtt just zwee Punkten, Här President, wou et de Leit besser gaangen ass. Dat ass, datt d'Zënsen erofgaange sinn an datt d'Pëtrolspräisser erofgaange sinn. Dat sinn déi zwee eenzeg Punkten, wou et de Leit besser gaangen ass. Mä do huet kee vun eis heibannen en Afloss drop. Dorop huet kee vun eis heibannen en Afloss.

Wa mer wierklech wëllen e qualitative Wuesstum erreechen, da musse mer d'Bierger mat op dee Wee kréien. An ech sinn iwwerzeegt, datt mer d'Leit mat op de Wee kréien, wa mer de Leit soen, wat hei um Spill steet, wa mer de Leit klore Wäin aschëdden iwwert d'Statsfinanzen, wa mer de Leit net soen: „Et ass alles an der Rei, mir hu Sputt geschaaft, mir maachen Iwwerschoss", mä mir zielen de Leit: „Neen, mir hu kee Sputt geschaaft, mir hu keng Iwwerschëss", wann mer de Leit erkläeren, datt eise Pensiounssystem esou net ka finanziell iwwerliewen. Alles dat muss een de Leit soen!

Wann ee mat der Géisskan iwwert d'Land verstreeë geet, da fënnt ee jo net gläichzäiteg eng Akzeptanz bei de Leit, déi zouléisst, datt d'Leit soen: „Majo, mir mussen ëmdenken och an eiser Konsumpolitik an a verschiddene Politicken." Mä d'Leit si bereet, well vum Gros vun de Leit hei am Land wëllt keen, datt mer haut Scholde maachen, fir enger Kategorie vu Leit nach eppes bäizesetzen, an dat op d'Käschte vun de kommende Generatiounen, vun eise Kanner. De Gros vun de Leit hei am Land wëllt dat net! Jiddwereen hëlt et, dat ass mënschlech! Mä jiddweree weess awer och, datt dat, wat e kritt, Gelder sinn, déi geschëllt sinn, an datt seng Kanner déi mussen zréckbezuelen.

Mä dës Regierung, déi baséiert sech awer exklusiv op Rekordwuesstum, Här President. A wann een da bedenkt, wéi ech elo virun e puer Deeg an der Zeitung gesinn hunn, ech hunn d'Foto extra matbruecht hei vun eise grénge Kolleegen, si grinsen alle sechs, eng wonnerschéi Foto: „Lebensqualität vor Wachstum."

(M. Gast Gibéryen montre une page de journal.)

Här President, wann ech kucken, wat dës Regierung gemaach huet, dann ass et just de Contraire vun deem, wat déi gréng elo op enger Pressekonferenz gemaach hunn. Mir hunn net d'Liewensqualitéit virun de Wuesstum gesat, mä dës Regierung…, a wa mer kucken, dëse Budget ass och an déiselwecht Rei (veuillez lire: Richtung), an dee Budget, dee geet jo elo iwwert d'véiert Joer vun dëser Regierung ewech. Dat heescht, dës Legislaturperiod ass op stramme Wuesstum opgebaut, ouni Rücksicht op d'Liewensqualitéit vun eise Leit, dann ass dat just de Contraire vun deem, wat déi gréng elo an der...

Et gesäit een, datt mer op d'Wahlen zouginn. Duerfir wäerten déi gréng elo lues a lues erëm gréng gi virun de Wahlen! Mä an deene leschte Méint a Jore war keng Spur vun der grénger Politik ze gesinn. Do ass d'Land zoubëtonéiert ginn.

Ech ka mech erënneren, wéi mer elo déi Versammlungen haten iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg mam Här Bausch - wou ech ëmmer muss laachen, well dat jo den Nohaltegkeetsminister ass: Dat ass dach am Fong déi gréisste Farce, déi mer bei der Nominatioun vun de Ministèren dës Kéier haten, well se hunn ëmmer fréier gesot, de Robert Goebbels wier den „Bëtonsminister". Mä an dëser Legislaturperiod hätt ee jo wierklech kënnen deen Titel „Bëtonsminister" asetzen, well méi wéi den Här Bausch d'Land zoubëtonéiert huet nach kee Minister dat virdru gemaach.

Den Här Bausch, dee baut haut Autobunnen. D'Madamm Loschetter huet sech de Mëtten opgereegt, ech mengen, et war am Zesummenhang mat der CSV, datt se do wéilten Autobunne bauen. Mä ass et dann net den Här Bausch, dee gesot huet, d'Autobunn géif op dräi Spuren ausgebaut ginn? Ass et net den Här Bausch, dee Contournemente baut? Ass et net den Här Bausch, deen Turbo-Rond-pointe baut? An, an, an…

Also wann ech gelift! déi gréng waren ëmmer do dergéint. Dat wësse mer! Mir kënnen eis souguer nach erënneren, Här President, wéi déi gréng esou manifestéiert hunn, dann hu se hir Pressekonferenz an der grénger Wiss gehalen. Déi hu sech souguer eng Kéier mat Ketten, Här President, u Beem ugestréckt, fir ze manifestéieren dergéint, datt dee Bam géif ëmgeluecht ginn. Mat Ketten hu se dat gemaach! Haut hu se och nach Ketten, Här President. Awer se hunn eng Kettesee haut!

(Brouhaha général)

Eng Kettesee hu se an da ginn déi Beem ëmgeluecht! A fir datt keen et soll gesinn, hu se d'Luuchtemasten op der Autobunn automatesch mat ëmgeluecht.

(Brouhaha et interruption)

Dat heescht, Här President, déi gréng, déi maachen eng aner Politik wéi se all déi Jore virdru gemaach hunn. Et ass vun enger duebeler Moral. A si wësse selwer, datt dat Duebelmoral ass, well net méi spéit wéi haut kënne mer an der Zeitung liesen, datt de Spriecher vun deene jonke Gréngen demissionéiert huet, an en ass och aus der grénger Partei ausgetratt. A seng Begrënnung ass: „Ich finde, dass es schon genug doppelmoralische Politiker in Luxemburg gibt."

Dat huet de Spriecher vun deene jonke Gréngen haut public gemaach. An duerfir ass en aus der grénger Partei an als Spriecher vun de jonke Gréngen zréckgetrueden. Also och lues a lues mierke se intern an der grénger Partei déi Doppelzüngegkeet, déi et an der grénger Partei gëtt.

Ech muss emol eng Kéier op meng Zäit kucken.

Här President, wéi mer déi Versammlungen haten, do huet den Här Bausch eis dann déi Slidë gewisen, wat alles nach hei am Land kéint geschéien. Do huet en zu Belval Loftopname maache gelooss, wou d'Frichë waren an esou virun. An ech hu geduecht, elo seet en: „Ma elo maache mer do en Naturpark hin, mir ginn der Natur déi Terrainen elo erëm zréck. Mir sanéiere se."

Neen! Dat gëtt alles zoubëtonéiert! „Do kënne mer nach bauen", sot en, „hei kënne mer nach bauen." An dat si keng kleng Flächen! Dat sinn Honnerte vun Hektar, wou dee grénge Bëtonsminister do dem Land presentéiert huet, wat nach alles kann zoubëtonéiert ginn!

A well se wëssen, datt dat bei de Leit dobaussen net esou gutt ukënnt, gi se dann einfach hin an da gëtt elo einfach eng kleng Gemeng am Land geholl, Fëschbech, an da gëtt do en Exempel statuéiert an da kréien déi hire PAG vum Här Gira a vun der Madamm Dieschbourg verworf. Dat ass natierlech eng grouss Gemeng: Déi huet 1.200 Awunner!

(Hilarité)

An déi huet elo an deene leschte Joer all Joers 14 Baugeneemegungen erausginn. Dat ass eng Katastroph! Do gëtt zoubëtonéiert an deem Eck, dat ka kee Mënsch sech virstellen!

(Hilarité)

Duerfir muss do en Exempel statuéiert ginn an déi Gemeng, déi muss déi brutal Muecht vum Statsapparat spieren, well do gëtt alles gestoppt!

(Interruption)

Do sinn also 14 Baugeneemegungen an enger klenger Landgemeng, déi eng Risefläch huet, déi gi gestoppt, well do gesot gëtt: „Ma do sti keng Basisinfrastrukturen. Do gëtt et keng Épicerie."! Ma a wou gëtt et dann nach eng Épicerie?!

(Hilarité)

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Déi Leit, déi sinn a fënnef Minutte vun deem Duerf zu Miersch, do gëtt et Akafszentren, esou vill wéi se der wëllen, a si brauchen emol vun do, vu wou se kommen, iwwert den Aangelsbierg, net an engem Stau ze stoen! An egal wien hei an der Stad, do wou déi gréng mat hirem Minister Zéngdausenden Haiser bauen, wou schonn alles bëtonéiert ass, wou Héichhaiser gemaach ginn, an egal op wat fir engem Stack datt e wunnt, dee steet méi laang ënnerwee am Stau wéi een, dee vu Fëschbech muss op Miersch fueren! An hei ginn Zéngdausenden, Zéngdausende vun Haiser gebaut, an zu Fëschbech, do gëtt da vun deene Gréngen eng Exempel statuéiert, fir dem Land ze soen: „Gesitt Der, mir Gréng, mir setzen eis duerch."!

Well do 1.200 Awunner wunnen, dat wäerte 400 bis 500 Wieler sinn, et wäerte 26 Wieler do sinn, déi déi gréng nach wielen. An op déi kënne se verzichten. Mä do gëtt en Exempel statuéiert. An de Rescht vum Land, dee gëtt zoubëtonéiert an et ginn Aarbechtsplazen a Wunnraum fir Zéngdausende geschaaft! Dat ass déi gréng Politik, wéi mer se hei an dem Land erliewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Budget ass e Budget, deen onresponsabel ass fir d'Zukunft vun dësem Land. Dee baut op e stramme Wuesstum. Et ass e Budget, deen als Zil huet, fir esou séier wéi méiglech op 1,1 Milliounen Awunner ze kommen, mat allen negative Konsequenzen, déi dat fir déi zukünfteg Generatiounen huet, sief et wat d'Finanzen ubelaangt, sief et wat d'Pensiounen ubelaangt, sief et wat d'Liewensqualitéit ubelaangt an esou weider.

Et ass eng Katastroph, wa mer an dës Richtung weiderfueren. An duerfir wier all Dag, wou dës Regierung géif éischter ophalen, e gudden Dag fir dëst Land.

(Interruption)

Maacht, wann ech gelift, dësem Land ee grousse Gefalen, deen d'Leit lech och géifen unerkennen, a gitt an triet zréck!

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- Maacht lech keng Hoffnungen!

(Brouhaha)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Elo ware mer 30 Minutten am Café du Commerce.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Nächste Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, zu Alleréischt muss ee rappeléieren, datt de Budget, wéi all Budget aus der EU, sech am Kader vun der koordinéierter EU-Budgetspolitik beweegt.

Wat heescht dat konkret? Et gouf schonn e puermol erwäänt… Ech muss ophalen ze soen: „Et gouf schonn e puermol erwäänt", well dat soen ech all Kéiers, wann een um Enn schwätzt.

Mä dat ass, wann ee vun dem ominéisen „objectif à moyen terme" schwätzt, dem OMT, deen eng gewësse Limitt am Solde budgétaire virgesäit. Dat heescht, datt all EU-Member deen innerhalb vun dëser minimaler oder maximaler Limitt ka festleeën. Dat heescht, wann een de Choix trëfft, sou wéi déi haiteg Regierung elo bei deem haitege Budget, d'Limitt déif ze halen, dat heescht bei engem Minus vun 0,5%, dann heescht dat konkret, datt d'Regierung sech deementspriechend Sputt gëtt, fir gewëssen Dépensen oder Investissementer ze maachen oder och net. Dat ass dann déi sougenannt „gëlle Regel".

Mir si prinzipiell géint dee Prinzip, géint déi gëlle Regel. Dat virun allem, well se u sech a Wierklechkeet wéineg Spillraum léisst, fir eng sougenannt „antizyklesch" Politik ze maachen, an dofir och mat responsabel ass, datt mer aacht Joer no der Finanzkris nach ëmmer u sech an der Kris sinn.

Mir si prinzipiell géint déi Regel, well se d'Leit penaliséiert, andeems se onnëtz Spuermesurë provozéiert, ënner anerem doduerch, datt sougenannt „strukturell Reformen" duerchgesat ginn. Dat heescht, meeschtens huet dat domadder ze dinn, datt Sozial- an Aarbechtsrecht ofgebaut gëtt.

A mir sinn och prinzipiell dergéint, well se net demokratesch ass, well doduerch d'Memberstaten hir Budgetspolitik ganz staark ageschränkt gesinn. An da stellt ee sech heiansdo als Deputéierten och d'Fro, firwat ee gewielt gëtt, wann ee bei esou wichtege Froen u sech ganz limitéiert kann agéieren.

Et ass awer bemierkenswäert, muss ee soen, festzestellen, datt souguer d'EU-Kommissioun, wann zwar och op eng ganz ongenügend Aart a Weis, amgaangen ass, déi Austeritéitspolitik e bëssen - e bëssen - a Fro ze stellen, andeems se déi Länner oprifft, déi am meeschte budgetäre Spillraum hunn, méi ze investéieren. Mä et ass natierlech erëm net verwonnerlech, datt den Här Schäuble dës Initiativ am ECOFIN-Rot blockéiert, well Däitschland weiderhin op d'Investitiounsbrems dréckt, wat, wéi mer wëssen, Gëft fir Europa ass an och Gëft fir Däitschland an déi däitsch Bierginnen a Bierger ass. Den Här Bodry ass virdrun drop agaangen. Ech mengen, et sinn net nëmmen d'Mauere vun de Schoulen, déi verschimmelen an Däitschland.

De Problem ass awer deen, datt déi Länner mat kengem oder mat wéinegem Spillraum weiderhin net nëmmen opgefuerdert ginn ze spueren, mä och nach d'Léin ze kierzen. Mat esou enger Politik leeft d'EU weider mat Scheiklappe Richtung Mauer.

Fir Lénker ass et eng kleng Erkenntnis - mä et ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och a ganz Europa -, mir ginn net midd ze soen, wéi dat och souwisou ëmmer eng Praxis war um Kontinent, datt de Stat soll investéieren, grad a Krisenzäiten, an datt Spuermesurë bei de Leit kee Sënn maachen. Dat war och eng gängeg Praxis a Westeuropa iwwer Jorzéngten. Dat war och eng Zäit, wou d'Leit u sech relativ wéineg Problemer mat der EU hate respektiv mat der europäescher Communautéit. Dat als klengen Hint...

(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)

Merci, Här President. Ech mengen, jiddwereen ass midd. Dat als klengen Hint...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech lauschteren no.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Ah, Dir lauschtert no! Jo, jo. Déi aner kënnen net nolauschteren, étant donné, datt se net méi do sinn, d'CSV, mä bon!

(Hilarité)

Dat ass schued. Et ass eng seriö Regierungspartei.

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- An dobäi sinn d'Luuchten nach net aus. Mä bon.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Schwätzt Dir, mir lauschteren lech no, och wa mer net ëmmer averstane sinn.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Voilà! Merci, Madamm.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, elo lauschtere mer alleguer dem Här Wagner no. Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Also wärend Jorzéngte war et eng gängeg Praxis a Westeuropa, fir justement ze investéieren, fir keng Spuermesurë bei de Leit ze ënnerhuelen. An dat war eben och eng Zäit, wou déi Skepsis, wou dann déi sougenannt „EU-Skepsis" net esou grouss war. An dat wier e klengen Hint och un all déi, déi nach ëmmer net verstinn, firwat déi EU-Skepsis ëmmer méi grouss gëtt.

An dann en tragescht Beispill - et huet nach keen dovunner geschwat, mä ech kommen dann eben domadder - ass dofir Griichenland, wou d'Spuermesuren, déi ënnert dem Chantage vun der Troika an dem ekonomesche Putsch duerchgesat goufen - ënnert der Féierung vun Däitschland a wou déi Lëtzebuerger Regierung monter matgemaach huet, dat

wäerte mer net vergiessen -, eng sozial Situatioun geschafen hunn, déi katastrophal ass - awer wierklech katastrophal ass! -, d'Land ruinéiert hunn an zum Ausverkaf gefouert hunn. An och dozou gefouert hunn, ginn ech och gären zou, datt déi griichesch Regierung, där mir nostinn, mir als déi Lénk, och Feeler gemaach huet.

An elo kennt den Zynismus keng Grenze méi, well elo wou déi griichesch Regierung awer wéllt den 13. Mount bei de klenge Renten aféieren - fir de Misär e bësse méi erdrobar ze maachen -, dann ass et den Här Schäuble, do blockéiert erëm eng Kéier Däitschland, dem Här Schäuble säin Däitschland, fir déi Hëllefen auszesetzen. An ech hunn esou den Androck gehat, wéi wann erëm eng Kéier déi Lëtzebuerger Regierung am Schlepptau vun Däitschland wier op dëser Fro. Op jidde Fall wier ech frou, wann ech do och eppes kéint gewuer ginn.

Dat alles gesot, si mer der Meenung, datt et scho besser ass, innerhalb vun deem schlechte System vun der gëllener Regel, e Solde structurel ze huele vun 0,5%, deen eis méi Spillraum gëtt fir Investitiounen. Obwuel mer awer trotzdeem der Meenung sinn, datt dee Solde structurel, also dee Minus vun 0,5% souwisou schonn an eisen Aen ze vill restriktiv ass, musse mer awer och soen, datt mer eis wierklech net an déi Richtung misste bewegen, wéi Verschiddener dat hei och wollten, fir an déi aner Richtung ze goen, dat heescht, dat nach méi restriktiv ze maachen, dat heescht, nach méi no Berlin ze kucken, dat heescht, nach méi Austeritéit ze maache wéi iwwerhaapt néideg!

Här President, entgéint deem, wat d'Patronatskreesser ëmmer erëm behaapten, sinn u sech d'Statsfinanzen zu Lëtzebuerg awer relativ gesond. An entgéint deem, wat d'Patronatskreesser ëmmer erëm behaapten, droe Spuermesuren an den ëffentlechen Ausgaben a bei de sozialen Ausgaben net dozou bäi, datt d'Statsfinanze besser dostinn.

Deen oniwwerluechte Spuerpak awer, deen dës Regierung am Ufank vun hirer Amtszäit duerchgesat huet, huet net zu der gesonder Situatioun vun de Statsfinanze bäigedroen. D'Defiziter, déi d'Administration centrale mécht, andeems se investéiert, kënnen erëm wettgemaach ginn, well déi Investissementer weiderhi mëttel- a laangfristeg Recetten erabréngen an och esou de Patrimoine vum Stat erhéijen. Genausou wéi et kee Sënn mécht, bei de Leit ze spueren oder net genuch ze investéieren, mécht et och kee Sënn, wann de Stat seng Avoire géif verscherbelen.

An deem Kontext däerf een och net vergiessen, datt d'Revenue vum Statsbesëtz ëm 50% d'Zënsen, déi en zréckbezuele muss, dépassëieren!

Här President, d'Finanze vun der Administration centrale si gutt an eise Sozialsystem ass am Moment finanziell am Iwwerschoss. Dofir muss ee sech och froen, ob d'Ofschafung vum Plaffong vun der maximaler Reserv vun 20% bei der Assurance maladie-maternité net kéint bedeiten, datt et mat weidere Spuermesurë verbonne wier. Dat muss net de Fall sinn, mä dat kéint awer e Signal sinn an déi dote Richtung.

An da muss een awer och nach ënnersträichen, datt anerersäits erëm eng Kéier d'Patronat awer ënnert d'Aerm gegraff kritt. Dat ass de Fall bei der Mutualité des employeurs, wou éischtens d'Patronat erëm eng Reduktioun kritt vu sengem Taux vun 2% op 1,95% an de Stat sech weiderhi verflicht, och déi excédentaire Dépensen ze iwwerhuelen.

Här President, d'Regierung bretzt sech mat den Investissementer. Allerdéngs muss een dat awer mat grousser Virsiicht genéissen. Wann ee vun Investitioune schwätzt, muss een och vu Recettë schwätzen. An do hu mer jo grad de Problem vun der Steierreform, déi jo eng Partie Steiernischen net ofgeschaaft huet, mä dem Stat awer och Recetten ewechhëlt, notamment duerch d'Erofsetze vun der Betribssteier.

Ginn dann déi Investitiounen duer? Sinn déi 2,23 Milliarde genuch, fir alles nozehuelen, wat nozehuelen ass?

Éischtens muss een drun erënneren, datt mir a puncto Investitiounen u sech och vu wäit kommen an datt mer a Wierklechkeet mat de 4% vum PIB erëm op e relativ normalen Investitiounstaux zréckkomm sinn. Dat ass net enorm! An et ass och net enorm, wann een duerno nach kuckt, wéi et am Pluriannuel weidergeet.

(Interruption)

Zweetens muss ee feststellen, datt d'Investitiounsquot zum groussen Deel awer och duerch Investitioune wéi den Tram - wat mer begréissen, mä trotzdeem - wéi den Tram an d'Héicht geet an och, datt fir d'éischte Kéier emol Recherche an Développement och als Investitioune matgerechent ginn, net ze vergiessen och de Projet vun der Multimodal-Plattform zu Beetebuerg, dee mer selbstverständlech ënnerstëtzen. Mä ech mengen, dat relativiséiert awer och dee groussen Enthusiasmus vun der Regierung, wat d'Investitiounen ugeet.

Wann een da gesäit, wéi grouss de Retard ass zu Lëtzebuerg a puncto Infrastrukturen an a puncto energetesch Transitioun, a puncto Wunnengsnout, da kann een net vun engem grousse Worf schwätzen. U sech bräicht een och souwisou dann eng nei Steierreform, eng richteg Steierreform, déi d'Finanzcapacitéit vum Stat assuréiere géif.

Well mer elo awer e Budget hunn, deen a puncto Investitiounen zwar net null ass, mä bei Wäitem - bei Wäitem! - an eisen Aen net dee grousse Sprong ass, vun deem geschwat gouf:

Huele mer zum Beispill de Logement, Här President: Nodeems jorelaang d'Aen zougemaach goufen hei zu Lëtzebuerg virun der d'Kris vum Logement, déi vill Leit an d'Aarmut stierzt, ass sech endlech jiddereen eens, datt mer mat engem reelle Problem am Logement konfrontéiert sinn. An a Wierklechkeet - et ass emol kee Problem, wat de Logement ugeet - a Wierklechkeet misst et en État d'urgence sinn, en État d'urgence vum Logement!

Et gi jo vill État-d'urgencen a leschter Zäit op-...

Une voix.- Ausgeruff.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- ...ausgeruff - Merci! -, ausgeruff. Mä ech mengen, wann et e sozialen État d'urgence gëtt, dann ass et deen am Logement. An do hëlleft och kee Gepléischters méi an do hëllefen och keng hallef Mesuren. Mä mir mengen, datt dat awer d'Politik vun der Regierung ass am Beräich vum Logement.

An ech mengen, mat Gepléischters oder hallwe Mesuren, do schwätzen ech ganz einfach déi „subvention loyer" un. Mir sinn dee Moment als Lénk, wéi mer eis awer relativ kritesch ausgeschwat hate par rapport zum Gesetzesprojet zur Subventioun Logement, mir sinn do awer Schëmmel a Bless vernannt ginn a vill Leit oder gewësse Leit op der Regierungssäit hunn dat einfach net verstanen.

Mir ware kritesch, net well mer géint Mesurë si fir d'Locatairen. Au contraire! Mir hunn der jo eng Partie virgeschloen. Mir hu souguer eng Proposition de loi déposéiert fir d'Locatairen. Mä mir waren der Meenung, datt déi Subvention loyer u sech a Wierklechkeet guer net géif derfir suergen, datt den Haaptproblem résorbéiert géif ginn, dat heescht, datt d'Marchéen, datt d'Präisser um Marché géifen abordabel ginn. Dat wäert dozou net bäidroen.

Dat heescht, mir hunn un der Effikassitéit vun dëser Mesure gezweifelt. Well net nëmme wäerten dës Almosen u sech och vum Steierzueler, also och vun enger Partie vun de Locatairë bezuelt ginn, mä si wäerten och net dozou bäidroen, datt d'Präisser erofginn. A wahrscheinlech gi se och nach lues a lues an de Loyer mat der Zäit integréiert, wann d'Baile souwisou renouveléiert ginn.

Dofir ass et och kee Wonner, datt dee Posten u sech och am Budget fir 2017 erëm - il a été revu à la baisse - op zéng Milliounen erofgaangen ass. Dat huet héchstwahrscheinlech och domadder ze dinn, datt all déi kumuléiert Kritären, fir iwwerhaapt an de Genoss vun der Subvention loyer ze kommen, esou zesummegeschnidde sinn, datt u sech immens vill Fäll ewechfalen, immens vill Leit, déi a Wierklechkeet déi Subvention loyer u sech kéinte gebrauchen, datt se déi net gebrauchen (veuillez lire: datt déi se net kréien).

Fir wierklech eppes op der Logements-Front ze bewegen, do muss ee ganz ambitiéis sinn. An do si mer erëm an der Investitiounspolitik. Éischtens muss een de Plaffong vun de Loyeren nei festleeën. Dat huet net direkt mat Budgetspolitik ze dinn, mä ech mengen, dat ass awer eng ganz wichteg Mesure, déi misst geholl ginn.

An net nëmmen dat! Et misst och derfir gesuergt ginn an et muss ee sech och d'Mëttele ginn, fir datt dee Plaffong iwwerhaapt respektéiert gëtt. Well dat ass den zweete Problem: Zu Lëtzebuerg ginn oft Saachen décidéiert, mä duerno gi se net respektéiert. Enfin, ça dépend wien et betrëfft natierlech.

Dat leeft natierlech och iwwert d'Stäerkung vun de Mietkommissiounen. Mä mir mengen awer och, an ech kommen erëm eng Kéier domadder, datt et och misst lafen iwwert d'Schafung vun enger nationaler Wunnengsbaugesellschaft, déi selwer baut, Opträg gëtt, selwer verlount an déi sech och selwer energetesch Kritäre gëtt an déi och derfir suergt, datt se och respektéiert ginn. Mä muer kéinte mer och nach erëm beim nächste Projet vun der Klimabank doriwwer diskutéieren. Mir mengen als déi Lénk, datt dat e gréissere Projet ass, wou misst staark investéiert ginn.

De Stat muss endlech seng Roll wouerhuelen an dofir muss e massiv asprangen. Esou wéi dat och an der Éducatioun als normal empfonnt gëtt, wéi et an der Gesondheet och als normal empfonnt gëtt, misst dat och beim Logement sinn!

An enger Stad wéi Wien an Éisträich gehéiere 70% vun de Wunnengen der ëffentlecher Hand. An ech mengen, dat ass eng Richtung, an déi een hei zu Lëtzebuerg misst goen. Et ass net déi Richtung, an déi mer ginn. Mä et ass eng Richtung, an déi ee misst goen.

Dat ass natierlech e groussen Investissement. D'Gemengen an de Stat zesummen zu Lëtzebuerg...

(Interruption par M. Franz Fayot)

Sou laang et ëffentlech ass, natierlech, jo, Här Fayot. Mä de Prinzip ass, datt d'ëffentlech Hand dat misst iwwerhuelen.

Leider muss een awer feststellen, datt d'Regierung op der Logements-Front no dräi Joer schonn amgaangen ass, an eisen Aen, awer ze scheiteren. Dat muss een awer soen. A wann 2018 déi heite Regierung dann um Enn ass, also um Enn vun der Legislaturperiod ass, wäerte mer leider musse feststellen, datt erëm eng Kéier, erëm eng Kéier fënnef Joer verluer gi sinn, wat de Logement ugeet!

Här President, ech weess net, zu wéi vill mer zu Lëtzebuerg an 20, 30 Joer wäerte sinn. Esou munches op dëser Welt, mengen ech, kann och nach geschéien. Mä et schéngt evident ze sinn, datt mer wëssen, datt mer elo schonn esou staark gewuess sinn, datt mer transportméisseg net méi nokommen. Dat kann een natierlech net exklusiv dëser Regierung ulaaschten. An et mécht elo och kee Sënn méi, fir no Responsabelen ze sichen, firwat mer esou hannendra sinn. Do stellt sech och d'Fro vun den néidegen Investissementer am ëffentlechen Transport. Natierlech huet dat och mat Landesplanung ze dinn, mat der Hyperkonzentratioun vun ekonomeschen Aktivitéiten an der Stad a ronderëm.

Mir sinn och mat engem phenomenalen Déséquiliber konfrontéiert tëscht den Aarbechtsplazen, déi hei geschafe ginn an net déi aner Säit vun eise Grenzen, wat wuel mat enger wéineg existéierender Zesummenaarbecht mat den Nopeschgéigenden ze dinn huet, an awer och mam Steierdumping, dee mir hei bedreiwen, fir Betriber heihinner unzezéien, déi sech vläicht kéinte bei eisen Noperen etabléieren, well u sech gi souwisou e Groussdeel vun den Aarbechtsplazen, déi hei geschafe ginn, och vu Grenzgänger besat.

Dobäi däerf een och net déi wuessend Zuel vu Lëtzebuerger Grenzgänger vergiessen, déi och all Dag iwwert d'Grenz mussen, well se hei keng abordabel Wunneng fannen. Dat kann een net als en harmonesche Wuesstum bezeechnen!

An do bäisst sech d'Kaz an de Schwanz. Duerch eise Steierdumping bei de Betriber zéie mer Betriber un, déi Pendler unzéien, fir déi Plazen ze besetzen. An engems féiert dee Steierdumping zu enger Schwächung vun de Recetten, déi an enger weiderer Vergréisserung a Verbesserung vun eisem ëffentlechen Transport da kéinten agesat ginn.

Här President, wann et eppes gëtt, wat awer an eisen Ae guer net als eng sougenannt innovativ Erneierung vum ëffentlechen Transport oder vum Transport gëlle kann, dann ass dat de sougenannten „Uber-System", deen éischter „Unter" misst heeschen, deen hei am Kader vun dëser Debatt schonn zitéiert gouf. Wéi mer d'Taxisgesetz gestëmmt hunn, do kann ech mech nach gutt drun erënneren, datt souwuel de Rapporteur vum Gesetz, den Här Max Hahn, klipp a kloer gesot huet, datt den „Uber-System" tabu wier fir Lëtzebuerg...

(Interruption)

Den Här Nohaltegkeetsminister huet an därselwechter Debatt och gesot,...

(Interruption)

...deen ekonomesche System... Majo, dat ass de Problem, well op där Fro hunn ech bal den Androck, datt d'DP déi gréng bal lénks géif iwwerhuelen a souguer vläicht d'LSAP. Ech weess et net, ech hoffen net! Ech hoffen net, mä Dir musst lech eens ginn.

(Interruption)

Majo. Den Här Nohaltegkeetsminister hat och an därselwechter Debatt gesot, wat op jidde Fall den ekonomesche System ass, dat kéim och net a Fro. An do ware mir och berouegt. An dunn, an enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Mosar, huet den Här Minister sech e bëssen, a mengen Aen, esou wéi ech dat interpretéiert hunn, e bësse manner kloer ausgedréckt: En huet gesot, grosso modo, et misst ee kucken, inwiefern dat mat der Lëtzebuerger Aarbechtsgesetzgebung applizéierbar wier. Ech weess net, wéi ee wierklech déi Äntwert kéint interpretéieren. Ass et e kloren Neen, oder ass et en Nee mat Konditiounen? Et fänkt un, opzeweechen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Wagner, d'Madamm Loschetter...

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo, wann et eng Fro ass.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo.

(Hilarité)

Ech wollt den honorabelen David Wagner froen, ob e wéisst, datt virun dräi Deeg deeselwechte Minister en Interview um Radio ginn huet an datt en an deem Interview gesot huet, datt, wann déi Aarbechtskonditiounen, d'Aarbechtsrecht an dat alles net agehale géife ginn, et fir hien net a Fro kéim, datt esou eng Dumpinggesellschaft..., datt de System zwar interessant wier, mä datt dat net a Fro kéim.

Ech wollt froen, a) ob Dir dat wësst, an déi zweet Fro, ob Dir wësst, datt deeselwechte Minister och an deem Radiosinterview virun e puer Deeg gesot huet, datt et eigentlech nach eng grouss Marge de manœuvre géif ginn, elo mam neien Taxisgesetz, fir datt d'Taxie vläicht kéinten esou Iddien iwwerhuelen a sech weiderentwéckelen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- b) Wousst ech net, a) wousst ech, hat ech matkritt. Den eenzege Problem ass deen, wann een och mat de Leit vun dëser Gesellschaft diskutéiert, well souwäit ech verstanen hunn, ass et zu enger Entrevue komm, oder jiddefalls zu engem Gespréich komm...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Jo, et kann ee soen, souwisou, et weess ee ganz genau, bei „Uber" gëtt et nëmmen ee Modell, an ech gleewe kaum, datt se sech do flexibel... Mä bon, wann dat zu engem kloren Nee féiert, da sinn ech ganz berouegt.

Mä de Problem ass jo awer och deen, well ech schwätze vun „Uber" elo, well och de Rapporteur, de Claude Haagen - deem ech nach remerciéiere fir säin exzellente Bericht, dat hunn ech vergiess ze maachen, voilà! -, mä well deen

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

awer och déi Fro opgeworf huet an natierlech sech och, a mengen Aen, net esou äusserst kloer ausgedréckt huet. An ech wier och frou da vläicht ze wëssen, ob dat och déiselwecht Interpretatioun ass vun der LSAP wéi och déi vum Nohaltegkeetsminister, dat heescht, datt op kee Fall dee System hei agefouert gëtt.

(Interruption par M. Claude Haagen)

Dir däerft. Jo.

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Jo, Merci. Ech hu ganz kloer a mengem Rapport gesot, datt, wann een iwwer Digitalisatioun schwätzt oder iwwert d'Etüd Rifkin, oder wann een dee Wee geet, ganz kloer, datt d'Aarbechtsrecht misst respektéiert ginn, d'Steierrecht misst respektéiert ginn an datt de legislative Kader misst adaptéiert ginn, an net au détriment vun de Salariéen. Dat ass dat, wat ech gesot hunn.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Okay, Merci. Dat heescht, ech hoffen, datt „Uber" elo verstanen huet, datt Lëtzebuerg d'Dieren zougemaach huet.

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Ech kann Iech net soen, ob déi mer nogelauschtert hunn.

(Hilarité)

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Mir wäerten derfir suergen, datt et iwwersat gëtt. Dir wësst jo och, et si vill Leit, déi fannen dat fantastesch, wat do mat deem „Uber" geschitt. A Frankräich gëtt elo gestreikt! Et ass kloer, also...

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Mir sinn eis eens.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Jo, jo, mir sinn eis eens. Okay, dann ass et gutt.

Une voix.- ...mussen agehale ginn.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Jo, déi mussen agehale ginn.

Här President, zum Chômage. Deen ass och vill zitéiert ginn, well et och zum Budget gehéiert, well déi Zuel huet natierlech en Impakt op d'Statsfinanzen, engersäits well de Chômage ausbezuelt muss ginn, anersäits well d'Lounfro eng Recettëfro ass iwwert d'Lounsteier an iwwert d'Cotisatiounen, mä awer och, well eng uerdentlech global Kafkraaft zu enger Stäerkung vun der lokaler Ekonomie bäidréit a vun de Kleng- a Mëttelbetriber, an net d'Steiererliichterunge bei de Betriber.

Mir als déi Lénk ginn net midd ze soen, datt ee sech net op déi Chômagezuele ka beschränken, wa se liicht zréckginn an awer nach bei 6,2% leien - wat och staark konjunkturell ass, muss een awer och soen -, mä et muss ee sech och iwwert d'Qualitéit vun den Aarbechtsplazen eens sinn an doriwwer schwätzen. An dat ass bei Wäitem net zweetrangeg!

Ech ginn den Androck einfach net lass, datt mat der liichter Baisse vum Chômage wéi a villen anere Länner e bëssen, ech well net soen „getrickst" gëtt, mä u sech net onbedéngt déi ganz Wourecht iwwert d'Aarbechtssituatioun zu Lëtzebuerg gesot gëtt.

Wësst Der, d'Amerikaner, déi bretze sech och mat 4,9% oder 5% Chômage. Wat dat iwwert d'Aarbechtssituatioun an den USA heesche wëllt, ass natierlech eng ganz aner Saach!

An zu Lëtzebuerg hu mer e relativ héijen Taux, wann net ee vun deenen héchsten Tauxe vun „working poor", dat sinn 10%, dat heescht, Leit, déi schaffen an déi trotz hirer Aarbecht nach net iwwert d'Ronne kommen. Mä net nëmmen dat: Eng Aarbecht ze hunn ass zwar gutt, mä déi fundamental Fro ass déi, ob ee vu senger Aarbecht gutt liewe kann an ob een och gutt a sécher Aarbechtskonditiounen huet. An dat ass dat, wat och ofhëlt zu Lëtzebuerg. Dat kann een och nach alles noliesen am Avis vun der Salariatskummer zu dësem Projet.

Kuerzzäitverträg huelen zou, zemools bei Jonken. Dat ass eng Realitéit, ech hunn dat schonn e puermol gesot. Mir wëssen dat och all.

An dat ass jo och natierlech e bëssen eng Kontradiktioun, well wann eng vun de rare Mesurë fir de Logement déi ass, fir jonk Leit - dat heescht déi ënner 40 Joer - un d'Propriétéit ze lackelen, a wann ee bedenkt, datt souwisou, wat de Marché du travail ugeet, jonk Leit justement iwwerhaapt Schwieregkeeten hunn, e Contrat à durée indéterminée ze fannen, ëmmer méi Schwieregkeeten hunn, da kënne se souwisou apaken, wann et drëms geet, fir iwwerhaapt un d'Propriétéit ze accédéieren. Also mat engem CDD dohinnerzekommen, wann een nach jonk ass, do wäert och déi eng oder aner Hëllef net richteg gräifen!

Datselwecht gëllt awer och fir den Temps partiel involontaire. Well och wann den Temps partiel elo e bëssen, liicht erofgaangen ass, esou ongeféier op bal 18%, ass den ongewollten Temps partiel rasant an d'Luucht gaangen, an zwar ëm 70%, an dat tëschent 2008 an 2015, an dovunner sinn och haaptsächlech Frae betraff.

Natierlech gëtt et nach ëmmer Patronatsvertrieder, meeschtens hu se och e Betrib geierft, an et gëtt och Fonctionnairen, héich Fonctionnairen oder professionell Politiker, déi net onbedéngt wëssen, oder déi sech keng Suerge méi musse maachen iwwer hir Zukunft, déi net midd ginn, de Leit ze erklären, datt se musse flexibel sinn, datt se all dräi Joer oder all zwee Joer mussen eng nei Formatioun maachen, well dat esou witzeg ass, all Kéiers eppes ze wieselen. Dat kënne sech nëmmen e puer Privilegéierter leeschten!

Oder justement, déi puer Privilegéiert, déi brauchen dat guer net ze maachen, déi Formatiounen. Et sinn ëmmer déiselwecht, déi dozou opgeruff ginn, Sacrificer ze maachen. An dat ass u sech de Problem. Et ass natierlech einfach, wann een an héije Patronatskreesser sëtzt, fir senge Salariëë virzewerfen, si wieren net gutt genuch a si misste permanent sech adaptéieren, souguer an engem héijeren Alter.

Här President, ech wéilt och nach warne virun engem Här oder enger Etüd - ech brauch net virum Här ze warnen - an ech mengen, jiddwereen huet och dovunner scho geschwat: Dat ass deen neie Guru vun der Regierung, den Här Jeremy Rifkin, dee ganz kontroverséiert ass. Et wonnert mech ëmmer. Also, international ass e ganz kontroverséiert! Schonn 1989 hat d'Zeitung „Time" - ech hunn 1989 d'„Time" net gelies, ech liese se d'ailleurs och nach ëmmer net -, mä wann een elo...

Une voix.- Do gëtt et Archiven!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Mä ech hunn „Google". An do hat d'„Time" getitelt, den Här Rifkin, dat wier „the most hated man in the world of science", well en net wierklech eescht geholl gëtt vu Wëssenschaftler.

Dovunner ofgesinn, well beim Rifkin geet et jo net nëmmen ëm Appen, ëm Digitaliséierung. Déi Digitaliséierung, déi gëtt et ouni Rifkin. Déi gouf et virum Rifkin, enfin, virum Rifkin gouf et déi nach net, mä déi wäert et op jidde Fall simultan ginn an duerno.

An dat ass och net nëmmen den 3D-Drécker, wat och ëmmer. Do geet et och ëm en Aarbechtsmodell, fir deen anzeféieren, den Aarbechtsmodell vum neien, vum modernen Doléiner vum 21. Jorhonnert oder vum 22. Jorhonnert, deen an enger Aarbechtswelt mat engem Minimum u Regele sech duerchsetze muss. Dat ass dee reellen (veuillez lire: reelle Fong) an dat ass u sech d'Substanz och vun der Theorie vum Här Rifkin.

An dat huet och de Romain Hilgert virun zwou oder dräi Wochen an engem „Land"-Artikel ganz gutt beschriwwen, nodeems en och déi Etüd gelies hat. An en huet dat och e bëssen iwwerspëtzt - wéi en dat och esou richteg kann - esou formuléiert, datt an Zukunft d'Kanner bei der Gebuert keng Matricule méi wäerte bei der Sécurité sociale hunn, mä eng TVAs-Nummer beim Registre du commerce.

Natierlech kann ee soen: E Rifkin, dat ass esou eng Toolbox, wou ee sech dat eraushëlt, wat ee gutt fënnt an esou weider. Mä ech mengen, de Problem ass, datt d'Box, also u sech déi ganz Këscht, datt dat déi reell Substanz vum Rifkin ass. A wann de Rifkin... Also, wann Der déi Këscht net méi hutt, da fält alles eraus. Also ech mengen, dat ass de Problem bei der Etüd vun deem Här.

Ech géif duerfir och der Regierung uroden, dat sinn ze loossen, dat mam Rifkin. Sou schlecht sidd Der och guer net, datt Der Iech nach méi musst mat komeschen Iddie befaassen, déi d'Land emol net esou richteg aschätze kënnen.

(Brouhaha)

Virun zwou Wochen hu mer och eng minimal, fir net ze soen anekdotesch Erhéijung vum Mindestloun gestëmmt. Do hu mer scho gesot gehat, datt dës Erhéijung bei Wäitem net géif duergoen, datt de Lëtzebuerger Mindestloun engem et net géif erlaben, dezent ze liewen.

Knapps e puer Deeg drop ass och erëm eng Kéier eng Etüd komm vum Statec, déi seet, datt een ongeféier netto 1.900 Euro brauch als Single, fir - tëschent Guillemeten - „dezent" ze liewen, an 3.900 Euro als Koppel mat zwee Kanner.

Dobäi misst een och nach iwwert den Term „dezent" diskutéieren. Well mat 1.900 Euro de Mount, do iwwerlieft een a Wierklechkeet zu Lëtzebuerg, op jidde Fall, wann ee soss keng aner Form vun Ënnerstëtzung huet, mä do leet ee keen Euro op d'Säit. Well et kann ee jo net ëmmer alles ausginn! Do leet ee keen Euro op d'Säit; well dezent liewen ass och Sécherheet, fir Sécherheet selwer ze suergen.

A mat 1.900 Euro netto, engem Loyer tëschent 1.000 an 1.200 Euro, well dat ass jo d'Realitéit hei zu Lëtzebuerg, wat bleift dann nach iwwreg? Da si mer bei 900, 700 Euro, wou een nach muss kucken: Et muss een nach tanken, de Bus- oder den Zuchabo muss een och bezuelen, wann ee keen Auto huet oder wann een op den Auto wëllt verzichten. Wat och en Invest ass, well den ëffentlechen Transport ass net gratis! A wann ee schonn nach nëmme 600, 700 Euro zur Verfügung huet de Mount, da spiert een, mengen ech, da gëtt et engem kloer, datt d'Gratuitéit vum ëffentlechen Transport immens vill géif hëllefen.

An ech mengen, dat wier och en Investissement, deen d'Regierung sech misst iwwerleeën, fir d'Gratuitéit vu Bus a vun Zuch hei zu Lëtzebuerg integral anzeféieren. Dovun ofgesinn, datt et wierklech nach méi dee Service géif attraktiv maachen, hätte mer u sech ville Leit gehollef. Oder datt ee wéinstens..., vu datt mer och gesinn hu bei der Steierreform, datt esou vill ofgeschriwwe gëtt, vläicht kéint ee sech dann à la limite virstellen, datt een den Abo ofsetze ka vun de Steieren. Dat wier et da vläicht, wann Der schonn net wëllt a Richtung Gratuitéit goen, da kéint een an déi Richtung goen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* An déi, déi keng Steiere bezuelen?

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Ma voilà, dat ass de Problem! Duerfir ass et besser, d'Gratuitéit anzeféieren.

Ech hat awer d'Fro schonn un den Här Bausch gestallt. A bis elo huet en Nee gesot. E ka sech dat natierlech nach ëmmer iwwerleeën. Mä bon, erëm eng Kéier.

Wann een duerno domat fäerdeg ass, da muss een och nach Assurancë bezuelen an esou weider. Et muss een lesse kafen, Gezei an esou weider. Et muss een och heiansdo een huele goen, an de Kino goen, well et muss een och Loisiren hunn. Dat gehéiert och zum Liewen an net méi zum Iwwerliewen.

An dann ass jo de Problem am Liewen, datt een duerno ëmmer mat enger Dommheet konfrontéiert gëtt, wou ee muss bezuelen: 100 Euro, 200 Euro, 300 Euro. Et huet een awer nach näischt op d'Säit geluecht, well een ebe beim Mindestloun läit a well een eng deier Wunneng huet. An dann ass ee ganz, ganz schnell an de rouden Zuelen!

Här President, nach eng Kéier, wa mer scho bei Etüde sinn, et koum nach eng eraus, wou gesot gouf, datt 80% vun de Salariéen, déi schaffen ginn, hei zu Lëtzebuerg schaffe ginn, obwuel se krank sinn! Also, dat ass natierlech net gutt fir si, well dovunner gi se net besser. Wann ee krank ass, soll een doheem bleiwen an et soll ee rouen. An et kann een och nach déi aner ustiechen. Mä et ass eng Realitéit. An dann ass jidderee krank.

Duerfir hoffen ech och, datt gewësse Stëmmen an Zukunft sech e bësse méi diskret weisen, wa se vun de vermeintlechen Abuse vun de Salariëë schwätzen. Dat si meeschtens och Stëmmen, déi net wëssen, wat et ass a Wierklechkeet, fir wéineg ze schaffen a vill ze schaffen. Et sinn ëmmer déiselwecht! Et sinn der e puer, déi maachen ee midd! Mä déi hunn natierlech ëmmer Carte-blanchen.

Ech mengen, et muss ee sech awer och d'Fro stellen, wéi gewësse Betriber hei zu Lëtzebuerg da gefouert ginn, wann d'Salariëë sech gezwonge gesinn, trotz Krankheet trotzdeem schaffen ze goen! Well där ginn et der immens vill! An ech mengen, mir kennen der bestëmmt och all, Beispiller vu Leit, déi trotzdeem schaffe ginn, och wa se krank sinn, net schlëmm krank sinn, mä awer vläicht e bëssen...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Ech, mir!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Jo, ech och d'ailleurs. Dir hutt mech houschten héieren. Mä bon, dat ass eng aner Saach. Ech kommen net derlaanscht.

Mä de Problem ass réellement deen, där Leit ginn et der immens vill a si gesi sech gezwongen, dat ze maachen, well soss kënne se mat... Also, wann ech net komm wier haut, a wann ech doheem bliwwe wier, dann...

(Brouhaha et interruption)

...dann, jo, éischtens, da wiert Der elo doheem an da wier fir mech d'Welt net ënnergaangen, well et hätt kee mech erausgepucht. Mä de Problem ass, wann een an engem Supermarché schafft an esou weider, dann ass dat eng ganz aner Situatioun!

Dat ass och déi ganz Hetz an dee ganzen Drock op den Absenteismus, dee gemaach gëtt hei zu Lëtzebuerg. An dat mécht d'Leit och nach krank! Also, doriwwer misst een och nach eng Kéier diskutéieren. An ech mengen, mir wäerten och nach eng Kéier diskutéieren.

Souwisou, deen eenzegen Absenteismus, dat ass dee vun der Aarbechtsinspektioun. Dat ass dee gréissten Absenteismus hei zu Lëtzebuerg! An et ass do, wou muss investéiert ginn. D'Inspection du travail et des mines ass amgaangen, reforméiert ze ginn op eng energesch Aart a Weis, hunn ech héieren. Mä ech mengen, dat ass nach eng Investitioun, iwwert déi mer net vill geschwat hunn. An ech mengen, do muss nach méi investéiert ginn, fir datt mer eng richteg Investitioun hu fir de Schutz vun de schaffende Leit hei zu Lëtzebuerg.

Schlussendlech, wann een da vu Kontroll schwätzt: Et muss een ëmmer déi Richteg kontrolléieren an net onbedéngt déi Falsch. Ech wëll den ehemolegen Direkter vun der Steierverwaltung, den exzellenten Här Guy Heintz, nach zitéieren, dee virun e puer Wochen am „Lëtzebuerger Wort" gesot huet: „De Gangster ass dem Polizist ëmmer e Schrack viraus." Dat, wéi en d'Fro gestallt krut vum Journalist, ob iwwerhaapt d'Steierverwaltung kéint nokomme vis-à-vis vun där Armada vu Fiskalisten hei zu Lëtzebuerg a vu Steierberoder, déi vill méi grouss, vill méi massiv sinn hei zu Lëtzebuerg an och gutt ausgebilt sinn.

Mir fannen et natierlech gutt, datt d'Regierung elo de Service de révision op 28 Leit opstockt. Dat ass eng positiv Saach. Dat ass e positive Schrack. Mä mir sinn awer nach ganz, ganz wäit ewech vum Compte. Do wiere mir och frou, vun der Regierung ze wëssen a vum Finanzminister ze wëssen - et ass jo och nach ganz spezifesch säin Departement -, wat déi nächst Evolutioune wäerte sinn an der Fro vun Opstockunge justement géint Steierhannerzéiung hei zu Lëtzebuerg, fir d'Kontroll justement vun der Steierhannerzéiung.

Dat huet e Käschtepunkt, an ech mengen, dat ass keen niewesächleche Käschtepunkt, well do muss een immens vill... Also, op 28 Leit am Service de révision dat eropzestufen, wann ee weess, datt een och nach en neien Adjoint kritt an esou weider. Also, esou vill nei Dossiere kënnen och net beackert ginn.

Duerfir ass et och wichteg, iwwerhaapt eng Fonction publique ze hunn, déi funktionéiert, déi opgestockt ass mat kompetente Leit, déi gutt forméiert sinn an déi natierlech och uerdentlech bezuelt ginn an déi och net onbedéngt duerch déi schlechtst managérial Methode kujenéiert ginn, déi souwisou och nach am private Secteur meeschtens guer net esou gutt funktionéieren, wéi dat oft duergestallt gëtt.

Dat ass natierlech eng Investitioun. Elo ginn 1.000 nei Beamten agestallt. Geet dat duer? Ech mengen net, wann ee souwisou dovunner ausgeet, datt Lëtzebuerg staark wiisst. Ech mengen, Lëtzebuerg muss mathalen a mir mussen en effikasse Service public hunn, e gudde Service public hunn.

Duerfir misst een och driwwer diskutéieren, wat wierklech déi reell Besoine si vun der Bevëlkerung, vun der wuessender Bevëlkerung am Zesummenhang mat de Servicer, mat dem Service universel, wéi dat muss gehandelt ginn, opgestallt ginn. An dat ass natierlech och eng budgetär Fro, déi sech onbedéngt stellt.

Mir sinn awer leider skeptesch, well mir mengen net, datt duerch Steierreformen, datt duerch manner Recetten, wéi dat de Fall ass, ee sech all déi wichteg Investitioune ka leeschten.

An aus deene Grënn wäerte mer, wéi Dir Iech et virstelle kënnt, géint dëse Budget stëmmen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Wagner. Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechte fir den Owend ukomm.

3. Ordre du jour

Ech ginn Iech Rendez-vous muer de Moien ëm 9.00 Auer prezis fir d'Äntwert vum Finanzminister. Et gesäit esou aus...

(Interruption)

Neen, et si keng weider Riedner ageschriwwen. Dat heescht, mir wäerte relativ fréi iwwert de Budget kënnen ofstëmmen. Mir wäerten duerno d'Motiounen huelen, déi um Ordre du jour stinn, an da weiderfuere mat eisen aarbechtsrechtleche Projeten.

Mir hunn de Minister kontaktéiert, hien ass disponibel, soudass eis eng Nuechtsëtzung wahrscheinlech erspuert bleift. An da wäerte mer no an no déi aner Projeten evakuéieren.

Also Rendez-vous muer ëm 9.00 Auer. Merci a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 19.47 heures)